



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 10.07.2020





SOMMAIRE

Séance du conseil communal du 10.07.2020

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS

04

1. CORRESPONDANCE

07

2. CIRCULATION

- 2.1. Modification du règlement général de la circulation – stationnement pour voitures électriques
- 2.2. Modification du règlement général de la circulation – transformation de la rue de l'Eglise en zone de rencontre
- 2.3. Règlement temporaire de la circulation à l'occasion du chantier de l'Administration des Ponts et Chaussée sur le CR184 – avenue Grande-Duchesse Charlotte
- 2.4. Mise à jour des noms des rues des zones d'activités économiques entre Dudelange et Bettembourg
- 2.5. Dénomination d'une nouvelle rue

3. AMÉNAGEMENT COMMUNAL

08

- 3.1. Approbation de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange concernant le site NeiSchmelz 2
- 3.2. Approbation du Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Nord » présenté par le bureau « Beiler François Fritsch S.à r.l. » pour le compte du Fonds du Logement
- 3.3. Approbation du Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Centre » présenté par le bureau « Christian Bauer Associés Architectes S.A. » pour le compte du Fonds du Logement
- 3.4. Approbation du Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Sud » présenté par le bureau « Beiler François Fritsch S.à r.l. » pour le compte du Fonds du Logement
- 3.5. Approbation du Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Italie » présenté par le bureau « Dewey Muller Partnerschaft mbB Architekten Stadtplaner » pour le compte du Fonds du Logement

4. FINANCES COMMUNALES

41

- 4.1. Complexe scolaire Lenkeschléi
 - 4.1.1. Approbation d'un devis remanié relatif à l'étude et aux travaux du complexe scolaire Lenkeschléi
 - 4.1.2. Approbation d'un crédit supplémentaire relatif à l'étude et aux travaux du complexe scolaire Lenkeschléi
 - 4.1.3. Approbation d'un devis estimatif relatif à l'installation d'une œuvre artistique
 - 4.1.4. Approbation d'un crédit spécial relatif à l'installation d'une œuvre artistique
 - 4.1.5. Approbation d'un devis estimatif relatif à l'installation d'un transformateur
 - 4.1.6. Approbation d'un crédit spécial relatif à l'installation d'un transformateur
 - 4.1.7. Approbation d'un devis estimatif relatif à la finalisation et au nouveau tapis place et rues autour du complexe scolaire au quartier Lenkeschléi
 - 4.1.8. Approbation d'un devis estimatif pour l'installation informatique
 - 4.1.9. Approbation d'un crédit spécial pour l'installation informatique
- 4.2. Approbation d'un devis estimatif pour l'installation de panneaux photovoltaïques pour la maison relais Ribeschpont
- 4.3. Approbation d'un devis estimatif relatif au remplacement du système d'alarme intrusion au Centre de documentation sur les migrations humaines
- 4.4. Approbation d'un devis estimatif relatif aux travaux de mise en peinture de la façade au cimetière Rellent
- 4.5. Approbation d'un devis remanié relatif au réaménagement d'une partie de la route de Burange
- 4.6. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec la société à responsabilité limitée « Rocha Immobilière »
- 4.7. Approbation d'un acte d'échange avec les époux Remy Berchem et Beata Szczepaniak
- 4.8. Approbation du règlement pour la remise de bons d'achats aux citoyens
- 4.9. Approbation d'un crédit spécial pour la remise de bons d'achats aux citoyens
- 4.10. Approbation de la déclaration de recettes non-réglementées de l'exercice budgétaire 2019
- 4.11. Approbation de décomptes



5. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE – APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE PROVISoire POUR L'ANNÉE SCOLAIRE 2020/2021 **55**

6. APPROBATION DE CHANGEMENTS À APPORTER À LA COMPOSITION DE COMMISSIONS CONSULTATIVES **56**

7. PERSONNEL

- 7.1. Création d'un poste de fonctionnaire communal A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (office social)
- 7.2. Création d'un poste d'employé communal A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (projet jeunesse et famille)
- 7.3. Conversion de deux postes d'employés communaux A2, sous-groupe éducatif et psycho-social en postes de fonctionnaires communaux A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (service d'éducation et d'accueil)

8. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS **58**

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange

Résumé français: Patrick Bausch

Retranscription: Rita Schmit

Photos: Ville de Dudelange

Impression: Imprimerie Mechtel

n°6 / 2020 - Parution: septembre 2020





RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 10.07.2020

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich (à l'exception du point numéro 5 de l'ordre du jour), Jean-Paul Gangler, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Monsieur Vic Haas ; Madame Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des points numéros 4.4, 4.5 et 4.6 de l'ordre du jour) ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Votes par procuration : Madame Sylvie Andrich-Duval a donné procuration à Madame Michèle Kayser-Wengler pour voter en son nom ; Madame Monique Heinen a donné procuration à Madame Romaine Goergen pour voter en son nom.

Absents : Mesdames Sylvie Andrich-Duval et Monique Heinen, conseillères, excusées, vote par procuration.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1- CORRESPONDANCE

Parole est ensuite donnée à Monsieur Henri Glesener, conseiller communal, qui informe le conseil communal qu'il a adressé sa démission comme conseiller communal à Madame la Ministre de l'Intérieur et qu'il cessera ses fonctions avec effet au 15 juillet 2020.

Il est par la suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

2 – CIRCULATION

Le conseil communal approuve à l'unanimité les décisions suivantes relatives à la circulation routière :

1. la modification du règlement général de la circulation pour le stationnement de voitures électriques aux endroits ci-après désignés :

- 2 emplacements sur le parking CCRD/CNA ;
- 2 emplacements sur le parking « Hôpital », et
- 2 emplacements sur la place publique dans le nouveau quartier Lenkeschléi (rue Marthe Bigelbach-Fohrmann) ;

2. la modification du règlement général de la circulation en vue de la transformation de la rue de l'Eglise en zone de rencontre ;

3. le règlement temporaire de la circulation à l'occasion du chantier de l'Administration des Ponts et Chaussées sur le CR184 – avenue Grande-Duchesse Charlotte ;

4. la mise à jour des noms des rues des zones d'activités économiques entre Dudelange et Bettembourg ;

5. la dénomination « rue Emely Arnoldy-Loos » à la nouvelle rue près de l'emplacement du futur supermarché « Lidl ». Madame Emely Arnoldy-Loos, poète, est née le 17 novembre 1928 à Dudelange, où elle a fréquenté l'école primaire et familiale. Elle a écrit des poèmes dans sa langue maternelle sur la nature et l'environnement, ainsi que des poèmes nostalgiques sur les temps anciens. Ses poèmes religieux, patriotiques et éducatifs motivés ont été publiés dans « Eis Sprooch », « Zack », « Marienland », « Luxemburger Marienkalender », « Gaart an Heem » et le « Tageblatt ». Elle est décédée le 25 mai 2011 à Esch/Alzette.

3 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Le point à l'ordre du jour concerne essentiellement le projet NeiSchmelz, plus précisément une modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la Ville, pour permettre un aménagement du ruisseau urbain pour une continuité écologique et biologique ainsi que l'approbation définitive des 4 projets d'aménagement particuliers en vue de la reconversion de la friche industrielle en quartier urbain durable et innovateur.

1. Ainsi, le conseil communal approuve à l'unanimité la modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange concernant le site NeiSchmelz. Cette modification est nécessaire afin de répondre aux demandes émanant du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et de l'Administration de la gestion de l'eau concernant notamment l'installation d'un escalier à poissons, mais également pour garantir la faisabilité des projets d'aménagement particuliers « nouveau quartier ».

2. Le projet d'aménagement particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Nord », présenté par Monsieur Tom Beiler de l'atelier d'architecture Beiler François Fritsch, pour le compte du Fonds du Logement, est approuvé avec 18 voix et une abstention.

3. Avec 16 voix et 3 abstentions est approuvé le projet d'aménagement particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Centre », présenté par Madame Sala Makumbundu de l'atelier « Christian Bauer & Associés, Architectes S.A. », pour le compte du Fonds du Logement.

4. Avec 16 voix et 3 abstentions est approuvé le projet d'aménagement particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Sud », présenté par Monsieur Mathias Fritsch de l'atelier d'architecture Beiler François Fritsch, pour le compte du Fonds du Logement.

5. Le projet d'aménagement particulier « Nouveau quartier » « NeiSchmelz-Italie », tel que présenté par Madame Christine Muller de l'atelier « Dewey Muller Partnerschaft mbB Architekten Stadtplaner » pour le compte du Fonds du Logement, est approuvé avec toutes les voix. Toutes les informations utiles peuvent être consultées sur le site internet de la Ville de Dudelange : www.dudelange.lu



4 – FINANCES

Toutes les décisions au sujet des finances communales sont avalisées unanimement par le conseil communal :

1. les décisions suivantes au sujet du complexe scolaire Lenkeschléi : le devis remanié pour un montant de 18'704'665,- € relatif à l'étude et aux travaux du complexe scolaire Lenkeschléi et le crédit supplémentaire afférent ; le devis estimatif de 165'000,- € relatif à l'installation d'une œuvre artistique et le crédit spécial afférent ; le devis estimatif de 175'000,- € relatif à l'installation d'un transformateur et le crédit spécial afférent ; le devis estimatif de 300'000,- € relatif à la finalisation et à l'installation du nouveau tapis sur la place et les rues autour du complexe scolaire au quartier Lenkeschléi et finalement le devis estimatif de 50'000,- € pour l'installation informatique et le crédit spécial nécessaire ;
2. le devis estimatif de 45'000,- € pour l'installation de panneaux photovoltaïques sur la toiture de la maison relais Ribeschpont ;
3. le devis estimatif de 7'500,- € relatif au remplacement du système d'alarme intrusion au Centre de documentation sur les migrations humaines ;
4. le devis estimatif de 30'000,- € relatif aux travaux de mise en peinture de la façade au cimetière Rellent ;
5. le devis remanié, pour un montant global de 1'000'000,- €, relatif au réaménagement d'une partie de la route de Burange, devis englobant les travaux suivants : aménagement de la voirie (surfaces des chaussées), renouvellement du réseau d'évacuation des eaux usées, renouvellement du réseau de l'antenne collective et de la télécommunication et renouvellement de l'éclairage public ;
6. l'acte notarié de cession gratuite conclu avec la société à responsabilité limitée « Rocha Immobilière » (en faillite) pour la cession gratuite à la Ville de Dudelange d'une place voirie, sise route de Zoufftgen en vue de son intégration dans la voirie publique communale ;
7. l'acte notarié d'échange avec les époux Remy Berchem et Beata Szczepaniak, aux termes duquel des parcelles de terrain sises dans la rue de Hellange sont échangées. Les parcelles reçues en échange par la Ville de Dudelange sont intégrées dans le domaine public communal ;
8. le règlement pour la remise de bons d'achats aux citoyens comme mesure d'aide communale aux commerces, restaurants et cafés de la Ville de Dudelange impactés par la propagation de la pandémie du Covid-19. Ce règlement prévoit :
 - pour la première phase (débutant fin juillet 2020), de remettre un bon d'achat d'une valeur nominale de dix euros à chaque habitant résidant dans la commune de Dudelange pour les échanger auprès des commerces de détail ayant un local de commerce fixe, des restaurants et des cafés qui participent à cette mesure d'aide et qui sont établis sur le territoire de la Ville de Dudelange ;
 - pour la deuxième phase (du 1er septembre au 15 décembre 2020), d'offrir la possibilité supplémentaire à 5 habitants de gagner un bon d'achat d'une valeur de deux cents euros et cela tous les jours du lundi au

vendredi, sur tous les bons recueillis. Tous les détails seront communiqués aux habitants par voie séparée.

9. le crédit spécial nécessaire pour financer la décision précédente ;

10. la déclaration de recettes non-réglementées pour un montant global de 152'248,25- de l'exercice budgétaire 2019 ;

11. les décomptes suivants :

- mise en conformité de la détection incendie et de l'éclairage de secours au Musée municipal 24'489,08- €
- installation d'une régulation chauffage pour les ateliers communaux - bâtiment H 17'412,35- €
- renouvellement et isolation de la toiture de l'école Boudersberg 299'727,69- €
- aménagement du grenier en deux salles de classe de l'école Boudersberg 262'710,90- €
- acquisition de mobilier pour l'annexe « Police » 74'625,61- €
- renouvellement de la toiture de l'annexe « Ale Pompjeesbau » 166'67,95- €
- acquisition d'une voiture électrique pour le service gestion et maintien du patrimoine 22'823,82- €
- acquisition d'une camionnette pour le service de peinture 31'484,63- €
- acquisition d'une remorque - WC container mobile 20'574,45- €
- acquisition d'une balayeuse pour le service voirie 226'334,28- €
- mise en place de barrières automatiques aux écoles Boudersberg et Deich 22'658,92- €
- mise en conformité du réseau électrique sur la place Jean Fohrmann 80'811,62- €
- acquisition d'un aspirateur submergé pour la piscine en plein air 24'159,45- €
- acquisition de mobilier pour la maison des jeunes 17'957,53- €
- renouvellement du réseau et des équipements informatiques de la maison des jeunes 19'707,37- €
- acquisition d'une perceuse à colonne pour le service de la serrurerie 14'283,36- €
- acquisition d'une plaqueuse de chant de panneaux en bois pour le service de la menuiserie 33'160,00- €
- acquisition d'une toupie pour le service de la serrurerie 33'478,00- €
- acquisition d'une nacelle roulante pour le service des sports 15'360,50- €
- acquisition d'un bus pour le transport scolaire 140'400,00- €
- acquisition d'un mini-bus pour le service d'éducation et d'accueil 28'066,84- €
- acquisition d'une camionnette pour le service de la peinture 29'500,01- €
- acquisition d'une camionnette avec grue pour le service des maçons 69'147,00- €
- aide aux sinistrés de la tornade – communes de Käerjeng et Pétange 15'000,00- €



5 – ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE

L'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2020/2021 de l'école régionale de musique est approuvée à l'unanimité. Ci-après quelques chiffres cadre de l'organisation scolaire :

- nombre d'élèves : 1'201
- nombre de cours fréquentés : 2'422
- nombre de chargés de cours : 54
- nombre de classes à cours individuels : 73
- nombre de classes de musique de chambre, ensembles, etc. 27
- total des classes de formation musicale : 119
- total des classes de danse : 13

Les cours sont dispensés aux lieux suivants :

Dudelange – Centre culturel régional, Eglise paroissiale, Centre sportif René Hartmann ; Bettembourg – Centre sportif et culturel, Reebou Schoul ; Roeser – Salle de musique, Mairie, Ecole de Crauthem ; Weiler-la-Tour – Ecole fondamentale ; Tétange – École Faubourg.

6 – COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES

Le conseil communal approuve unanimement les changements suivants à la composition des commissions communales :

- Monsieur Jos Thill remplace Monsieur Yves Jadin comme membre dans le groupe de travail « refonte PAG » ;
- Madame Lisa Wandivinit remplace Madame Thessy Erpelding en tant qu'observatrice dans la commission scolaire.

7 – PERSONNEL

Les créations de postes suivants sont approuvées à l'unanimité :

- un poste de fonctionnaire communal A2, sous-groupe éducatif et psycho-social pour l'office social ;
- un poste d'employé communal A2, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le futur projet jeunesse et famille ;
- conversion de deux postes d'employés communaux A2, sous-groupe éducatif et psycho-social en postes de fonctionnaires communaux A2, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil.

8 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Trois questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins :

- questions de la part du conseiller communal Monsieur Claude Martini, CSV, au sujet du local commercial, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte ainsi qu'au sujet des compensations Covid-19 pour les commerçants locaux ;
- questions de la fraction « Déi Gréng » au sujet des centres de recyclage STEP, du projet des bicyclettes cargo ainsi qu'au sujet de l'abribus de la place de l'Hôtel de Ville ;
- questions de la part de Madame Michèle Kayser-Wengler, CSV, au sujet des soins d'urgence prestés à l'Hôpital de Dudelange.

Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos

9 ET 10 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL ET PERSONNEL

Des décisions relatives à l'enseignement fondamental et au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos.

Fin de la séance vers 14.45 heures.



Gemengerotssätzung vum 10. Juli 2020

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen. Ech begrüessen lech viraussichtlech fir eise leschte Gemengerot virun der Summervakanz. Mir si vollstänneg. Mir hunn natierlech awer och Procuratiounen virleien, esou wéi d'Gesetz dat och méiglech mécht an Zäite vu Covid19. D'Sylvie Andrich-Duval huet eng Procuratioun ginn dem Michèle Kayser, säitens der CSV. D'Monique Heinen huet eng Procuratioun ginn dem Romaine Goergen säitens vun deene Gréngen. Sou dass mer dann iwwert deen dote Wee komplett hei kënnen de Gemengerot ofhalen. Ech géif dann och op den éischte Punkt direkt iwwergoen: Korrespondenz.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Do hutt Der gesinn, dass d'Demissioun virläit vum Henri Glesener. Eng Demissioun, déi en un d'Inneministesch geschéckt huet, déi natierlech d'Demissioun deemt-sprechend och aktéieren wäert. Nach huet awer och den Henri Glesener eis seng Demissioun zoukomme gelooss. Ech wollt lech déi Informatioun do och net virent-halen, dofir mengen ech dass dat och op d'Cloud erop-geluede gëtt. Et ass natierlech e Schratt, deen ee ganz schued fënnt, deen een awer respektéiert. Den Henri Glesener ass 2017 mat an d'Wale gaangen op der LSAP-Lëscht. En ass op éischten Anhieb och an dësse Geme-ngerot eragewielt ginn. No engem e bësse méi spannende Verfahren. Mee, wéi gesot, ech wollt him e ganz, ganz grouse Merci soen. Well och fir seng éischt Erfahrung hei am Gemengerot, en ass jo am Gemengesektor scho méi laang ënnerwee gewiescht. Mat enger anerer Kap huet hien dann och deen aneren Deel konnte gesinn vun Oktober 2017 un. An ech wéilt em hei am Numm vun eis all, an awer och am Numm vun der LSAP, Merci soe fir seng konstruktiv Approche, seng kritesch Approche, déi en ëmmer hat. An ech wéilt em awer och vun dëser Plaz aus d'Wuert ginn, fir awer op seng Beweeggrënn villäicht anzegoen, sou wéi dat effektiv ëmmer hei Usus ass.

HENRI GLESENER (LSAP): Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut ass meng lescht Sitzung an dëser Ronn. Ech hunn am Laf vun dëser Woch meng Demissioun aus dem Did-delenger Gemengerot agereecht an dat mat Effet op de 15 Juli. Déi Decisioun koum net spontan a si ass schonn eng gutt Zäitchen erugeraift. Effektiv hat ech

scho beim Untriede vum Mandat als Gemengerot virun 3 Joer gesot, dass ech fir déi nächst Wale kaum méi zur Verfügung géif stoen. Dat, well et wichteg ass, dass genuch eppes méi jonk an engagéiert Leit dës wichtige Poste solle bekleeden. Derzou koum déi dach zimmlech eemoleg Situatioun, dass den Alain Clement, all Diddelenger kennt hien als de President vun eisem Geschäfts-verband, dass den Alain Clement an ech selwer genau stemmegläch aus de leschte Wale eraus gaange sinn an ech d'Mandat iwwer „tirage au sort“ zougedeelt krut. Ech sinn der Meenung, dass hien domat predesti-néiert war fir och en Deel vun dëser Mandatsperiod op dësem Stull ze setzen. Derbäi kommen natierlech nach perséinlech Grënn, déi wéi d'Wuert et seet, ebe privat sinn an net weider kommentéiert musse ginn.

Réckbléckend kann ech soen, dass déi lescht 3 Joer an dëser Ronn interessant a léierräich waren - an ech soen lech heibannen alleguerte Merci fir déi dach ganz kollegial Zesummenaarbecht. Zesumme konstruktiv ze streiden ass fir mech d'Basis vun all demokrateschem Prozess an hei an dëser Ronn hu mer all, jiddereen a sengem Camp, probéiert de Ball ze spillen a net de Mann. Dofir hutt Der meng Unerkennung a verdängt mäi Merci. Ech hoffen, dass ech déi Zäit hei am Gemengerot kee vun de Wieler ze vill enttäuscht hunn an dass meng Wieler mer et net iwwel huelen, dass ech elo d'Mandat an der Halbzeit weiderreechen. Kloer hunn all meng Kolleegen aus der LSAP en extra Merci zegutt an ech hoffen, dass ech hinnen och an Zukunft nach, bei der enger oder anerer Geleeënheet, eng Hëllef ka sinn. Ech sinn op alle Fall bereet, weider eng Hand mat unzepake wann et drëm geet sozial a gerecht Politik ze maachen. Mengem Nofollger wënschen ech schonn elo, dass hie sech schnell an dës Grupp eraliewt, dass den Job als Conseiller him Satisfaktioun bréngt an dass hie sech hei wuel spiert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Merci Heng fir Deng Wieder. D'Martine Bodry-Kohn wollt nach eppes soen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buerger-meeschter. Et sief mer och nach erlaabt hei just dräi Sätz deem nach bäizefügen, an dat am Numm vun der LSAP. Et ass elo scho vill gesot ginn. Eise Buergermeeschter huet scho vill Saache gesot iwwert den Heng, wéi mir en nennen, dem Heng seng Karriär, a wéi en an de Gemengerot komm ass. Den Heng selwer huet hei viles vu sech scho gesot, wat ech nëmme kann ënnersträichen. Den Henri Glesener huet seng Entscheedung getraff an eis dat haut hei matgedeelt, an Zukunft e bësse méi kuerz ze trieden. A mir respektéiere seng Entscheedung natierlech, ouni awer ze verheemlechen, dat seng Mat-aarbecht, säin Engagement a seng Energie fir sech an



Dossieren eranzeknéien, eis wäerte feelen. Oder besser heiansdo: „eranzebäissen“. Den Heng ass e grousst Virbild un „konstruktivem Streiden“, wéi hien dat och genannt huet, mee awer och un Ausdauer. Un Ausdauer an un Engagement an och net labber ze loossen, wann et engem wichteg ass. An ech mengen dofir war hien eis all e grousst Virbild, net nëmmen hei am Gemengerot, an der Fraktioun, mee och am LSAP-Komitee an och an de Gemeengekommissiounen, do wou hie säi Wuert a säi Pefferkär bäigeluecht huet. Hie war e wäertvolle Piler vun eiser Fraktioun a går hu mer op seng Meinung gelauschtert. Oft huet hien mat senger jovialer Aart a Weis kriddeleg Dossierer kompetent analyséiert an esou op deen een oder aneren Detail higewisen, wou mir villäicht selwer kee sou en Aen drop haten. Mee den Heng mat senger Aart a Weis, hien huet dann de Fanger an d'Wonn geluecht an eis esou alleguer weiderbruecht. Mir verléieren hie jo och net ganz. Hie bleift eis weider an der enger oder anerer Kommissioun erhalen an am LSAP-Komitee souwisou. Vun der grousser Famill vu Sozialisten - ob dat elo an enger Funktioun ass oder ausserhalb - guer net ze schwätzen. Heng, am Numm vun der LSAP-Fraktioun drécken ech Der hei eisen déiwen, éierlechen a ganz häerzleche Merci aus, fir déi Zäit wou mer konnte mat dir zesumme schaffen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Martine Bodry-Kohn fir och seng ganz ermuutegend Wieder.

2. CIRCULATION

2.1. MODIFIKATION VUM ALLGEMEINE VERKEIERSREGLEMENT – PARKE VUN ELEKTRO-AUTOEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Voilà. Gutt, ceci dit hu mer énnert „Korrespondenz“ den Ament näischt méi, mee awer sécherlech wäerte mer nach weider Themen aus „Korrespondenz“ bei nächste Gemengeréit hunn. Énnert „Circulation“, den zweete Circulationspunkt, do si verschidde Modifikatiounen an ech ginn do dem Claudia d'Wuert, wëll do awer och dem Chef vum Service de Circulation, de Pit Demuth begrüessen. Voilà, Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP): Merci villmools fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Punkt 2.1, Stationnement pour voitures électriques. Als Gemeng hu mer vu Creos 10 Chargy-Bornen zegutt op der Voie publique, déi dann och de Staat bezilt. Bis elo sinn där scho sechs gebaut ginn. Dir kënnt lech bestëmmt erënneren, mir haten dat

schon eng Kéier am Gemengerot. Do hat ech lech och sou Munches dozou erzielt. Domadder bleiwen där dann nach véier iwwreg a Creos hat elo bei eis eng Demande gemaach, fir ebe kënnen, respektiv dierfen, déi véier ze setzen. Mir hunn d'Fräiheet ze bestëmmen, wou se hikommen. Mir mussen dann awer d'Parkplaze reglementéieren. Creos huet eis och hiren Accord gi fir dës Plazen an och gekuckt, ob et op deene Plazen, déi mir erausgesicht hunn, technesch machbar ass. Villäicht just nach als kleng Rappel: Firwat musse mer dat doten iwwerhaapt reglementéieren? Firwat kënne mer net einfach déi Chargy-Borne setzen? Ma dat ass, fir datt net kann en Net-Elektroauto op deene Parkplazen halen. An eis Agenten dann och kënnen opschreiwen, wann en Auto, deen net elektresch ass, dorobber hält.

Ech hunn lech déi lescht Kéier och scho gesot, déi ganz Installatioun, déi kascht eis kee Cent, oder keen Euro, a gött, wéi gesot, ganz vu Creos bezuelt. An dem Ministère de l'Energie. Als Rappel wou mer schonn där Bornen hunn: Um Parking schwaarze Wee, Parking Kierfecht an der Rue de Bettembourg, Parking Rue du Parc - dat ass virum Lycée Nic Biever - Parking Centre Sportif René Hartmann a Parking Lei', Parking Skatepark a Parking Place Fohrmann. Wou sollen déi véier nei hikommen? Cité Lenkeschlei op der Place publique, Parking vun hei, dem Centre culturel an dem CNA, Parking beim Spidol an um Fohrmann. Firwat um Fohrmann, wann ech lech virdru gesot hunn, do ass schonn eng? Ma well Enovos déi Statioun, déi elo do ass, net méi ka flécken, gött se lo duerch eng vu Creos ersat, sou hu mer dann och ëmmer 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg de Maintien vun ebe Creos garantéiert, falls e Problem sollt domadder sinn oder falls se net sollt goen. Déi Plazen, déi si scho reglementéiert an dofir brauche mer dat och net an eis Deliberatioun mat eranzeschreiwen.

Nach e kleng Rappel villäicht: Un enger Borne kann een zwee Autoe lueden, dofir och zwou Parkplazen, déi op all Plaze musse reglementéiert ginn. An iwwregens: D'CFL, déi gött och aktiv, wat Chargy-Bornen ubelaangt an déi setzt eng um P&R Gare, an och um Parking Gare Usine, sou datt mer déi Parkingen och ofgedeckt hunn. A fir all weider Informatiounen, do verweisen ech lech op dee ganz flotte Site, wou se hunn: chargy.lu. Do fënnt ee wierklech all Info, och an deene verschiddenste Sproochen. Ech mengen, aner Detailer zu de Chargy-Bornen, déi krut der deemools schonn am Februar 2018, wou mer déi éischt Borne vun hinnen installéiert hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia. Froen dozou? Här Martini.



CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Claudia. Du hues op vill Froe geäntwert, déi ech mer schonn opgeschriwwen hat. Et war just eng, wou ech sou eng global Äntwert gesicht hunn: Hu mer wäitleefeg d'Zil vun deene Parkplazen, op déi mer an Diddeleng wëllen erauskommen, also vu Prozentsätz vun deene fräie Plazen, déi mer hunn? Dass mer soen, mer wëllen och do eng Kéier 25% vun deene Parkplazen elektresch maachen. Ass dat en Zil oder maache mer Joer fir Joer a kucken, wéi sech d'Situatioun entwéckelt?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP): Jo, also et ass elo sou: Dat dote sinn déi Bornen, déi hu mer gratis zegutt. Déi setze mer, well mer ebe kee Frang mussen dofir bezuelen. Mir hate jo schonn ier dat Ganzt ugaangen ass, déi Enovos-Borne, wou ech virdru gesot hunn, op der Place Fohrmann. Wa mer déi doten elo gesat hunn, plus alleguerten, déi wou d'CFL wäert nach op hiren Parkinge setzen, well déi gehéieren net eis, dofir setzt d'CFL se och, an d'CFL setzt awer och déi nämmelecht Bornen, och Chargy-Bornen. Ech géif mengen, wa mer déi all gesat hunn, dann hu mir der zéng plus nach eng Kéier d'CFL dräi oder véier Stéck. Ech weess net genau, si hunn eis nach net gesot, wéi vill si lo wäerten op all Parking setzen - ech mengen, da muss mir och e bësse kucken: Wéi si se besat a wéi leeft et? A wa mer déi Statistik hunn, da kucken. Ech mengen, et ass e bësse wéi mat den Handicapéierteplazen: Mir sinn drop ugewisen, dass een eis seet: Hei do op deem Parking oder virun där Instance publique kéint een nach eng maachen. Da gi mer eis bestëmmt och eens fir nach eng ze setzen, wann et wierklech néideg ass. Soit, dass een da muss wëssen, dass mir se da muss bezuelen. An dass mir och wëllen dann déi nämmelecht huelen. Et huet kee Wäert an Diddeleng zwee oder dräi Modeller ze hunn. Ech géif soen, komm mir waarden emol bis déi doten alleguerte stinn, bis d'CFL hir all och huet, bis mir e bëssen am normale Floating vun den Autoe sinn, well momentan brénge Statistiken eigentlech net vill, well awer net esou vill Betrib ass, wéi am Normalfall. An da kucke mer weider, wou mer der dann nach kënnen oder och mussen dee Moment stellen, well ech ginn och dovun aus, dass dat do awer d'Zukunft wäert sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia, fir déi doten Erklärungen. Nach weider Froen? Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Zum Punkt „Modification du règlement de circulation“ erlaben ech mer och dann an engems nozefroen: Et huet och geheescht, mir maachen en neit Règlement wat de Parking résidentiel ubelaangt an dat sollt dëst Joer geschriwwen ginn, fir eventuell am September d'nächst Joer ze starten. Do wollt ech froen, wéi wäit si mir do? Ass dat nach, leie mer do nach am Timing?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Bis elo leie mer am Timing. Mir wollten dat awer maache wéi ëmmer. Mee dat hunn ech och schonn e puer Mol hei gesot, och wann et näischt mat deem heite Punkt ze dinn huet: Datt mir géifen, wann et fäerdeg ass, en informelle Ge-

mengerot maachen, och zesumme mat der Kommissioun wou et higehéiert. Soit, dass déi et jo eigentlech schonn kennen, awer et nach net um Pabeier gesinn hunn. A mir ginn nach ëmmer dovunner aus, dass mir dat kënnen nach dëst Joer maachen. An et eventuell och kënnen dëst Joer, respektiv Ufank nächst Joer stëmmen, an dass den Timing och soll agehale ginn, fir et d'nächst Joer bei der Rentrée oder d'nächst Joer am Wanter kënnen dann och anzeféieren. Bis elo leie mer am Timing nach ëmmer gutt. Mir wëssen net, wat nach kënnt, mee am Moment ass nach alles wéi et soll sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen zu deem dote Règlement? Jo.

VICTOR HAAS (ONOFHÄNGESCHE CONSEILLER): En ass un. Lo ass en un. Ech soen lech villmools Merci. Ech wollt emol froen: Wéi ass et mat de Véloen um Trottoir. Dierfe se um Trottoir fueren oder dierfe se net um Trottoir fueren? Well dat ass saugeféierlech. Wëll kee mat mer schwätzen?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Dach, ech probéieren op d'Fro ze äntweren. Offiziell ass et verbuede mam Vélo iwwert den Trottoir ze fueren, well den Trottoir ass de Foussgänger virbehalen. Ausser wann elo wierklech e Chemin mixte ass, mee da muss och den Trottoir breet genuch sinn an de Vélo muss dann och mat ausgewise sinn, soss dierf de Vélo - muss en iwwert d'Strooss fueren, ausser et si Kanner ënner zéng Joer, wéi et och am Code de la Route dran ass. An ech menge Kanner ënner zéng Joer fueren och ëmmer mat hiren Elteren. Mee déi Erwuesse sollen, oder mussen, och iwwer d'Strooss fueren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Äntwert dat op Är Fro, Da wa keng Froe méi sinn, géife mir iwwert dëse „Règlement général de la circulation – stationnement pour voitures électriques“ ofstëmmen. Wien ass mat där Modifikatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An da gi mir op den nächste Punkt eriwier.

2.2. MODIFIKATIOUN VUM ALLGEMENGE VERKEIERSREGLEMENT – TRANSFORMATION VUN DER RUE DE L'EGLISE AN ENG ZONE DE RENCONTRE

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, da si mer bei de Foussgänger a bei de Vélofuerer. Ech enchainéieren do, wou de Victor opgehalen huet, respektiv de Pit. Mir klasséieren hei d'Rue de l'Eglise an eng Zone de rencontre ëm, well ebe wéi gesot vill Foussgänger a vill Vélofuerer hei ënnerwee sinn. D'Strooss ass eng Verbindung tëschent dem Park an dem Shared Space, wat jo och eng Zone 20 ass. Se ass och eigentlech e bësse wéi eng Zone de rencontre amenagéiert an dofir wëlle mer och elo eng offiziell draus maachen, well aktuell ass déi Rue de l'Eglise nach ëmmer eng Zone 50 km/h, wat eigentlech kee Sënn mécht. Mer hunn och schonn e positiven Avis gefrot bei der staatlecher Verkeierskommissioun, fir dëst kënnen ëmzesetzen. Déi waren och domadder d'accord. Wa mer dat nämlech



elo ëmklasséieren an eng Zone de rencontre, da kënne mer och bei Bedarf aner Mesuren huelen, fir eben den Verkéier do ze entschleunegen. Ech soe lo „Berliner Kissen“, Blummebacken, alles fir d'Strooss méi enk ze maachen, fir datt d'Leit och méi lues fueren. Firwat betounen ech dat? Ma well wann et eng Zone 50 wär, mir dat eigentlech net kënne maachen. An dofir wëlle mer se eben haut ëmklasséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia fir déi doten Erklärungen. Froen dozou? Remarquen? Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Eng Remarque hätt ech villäicht: Méi enk géif ech déi Strooss net maachen, well déi ass scho schrecklech enk. Direkt hannert der Kierch komme keng zwee Autoe laanschteneen an et sinn der awer heiansdo vill, déi vun de Parkinge vun der BGL, vum Nikki oder esou kommen. Also méi enk wier net onbedéngt néideg. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Gangler, fir Är Remarque. Ok, da kéinte mer zum Vote iwwergoen. Wien ass mat der Modifikatioun averstanen? **Och dat ass unanime.** Da soen ech iech villmools Merci. An da kéime mer bei d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte.

2.3. TEMPORÄERT VERKÉIERSREGLEMENT WÉINST DEM CHANTIER VUN DER PONTS ET CHAUSSÉES OP DER CR184 – AVENUE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Da komme mer bei d'Gare. Dir hutt villäicht gesinn, dass beim Centre Hild e Lach an der Strooss ass. E Lach ass elo vill gesot, mee et ass eng Abuchtung. A well et sech hei ëm eng Staatsstrooss handelt, huet d'Ponts et Chaussées, déi eigentlech do fir den Entretien zoustänneg ass, ugefrot, fir déi vum 13. Juli u flécken ze loossen. A se brauche plus minus eng Woch, hu se eis gesot. Bon, Dir kënnt lech virstellen, dass e Chantier bei der Gare gréisser Repercussiounen op eise Verkéier huet an dofir eben och gëtt et an der Schoulvakanz, an der grousser Vakanz, gemaach. Mir hunn da Schoulvakanz an eis franséisch Noperen hunn och scho Schoulvakanz, sou dass da bedeitend manner Verkéier wäert och sinn.

Wat sinn dann elo awer d'Agrëff an de Verkéier? D'Avenue Grande-Duchesse Charlotte ass tëschent der Barrière an der Route de Burange komplett fir de Verkéier gespaart. Den Accès bei d'Gare a bei de Centre Hild ass och just nach zu Fouss méiglech. Dat heescht, dee Parking ass och dowéinst gespaart. Busser vum TICE a vum RGTR ginn och deviéiert duerch d'Route de Burange an d'Rue Jean Simon. Dat sinn d'Linn TICE 8 an den RGTR 305. Well d'Rue de l'Etang dann och zou ass, fueren d'Busser duerch d'Rue Jean Wolter, dat heescht d'Linnen TICE 8, 9 an 10. Den RGTR an d'TICE-Linne 4 a 5 fueren duerch Gaffelt Richtung Zentrum. Et kënnt natierlech dann och wann ech soen de Bus fiert anescht, zu Ëmännerunge vu verschidde Bushaltestellen.

Dës sinn natierlech am Viraus signaliséiert ginn, fir dass och all Mënsch wäert dee richtegen Arrêt fannen. D'Autoen aus der Route de Kayl Richtung Zentrum mussen duerch d'Gaffelt fueren. Spéitstens op der Héicht vun der Route de Bettembourg mussen se dann och a Richtung Kierfecht ofbéien. Dat selwecht zielt och fir d'Automobilisten, déi aus der Rue du Chemin de fer kommen. Ech mengen et ass normal wann d'Barrière zou ass, muss ee lénks erop fueren. D'Automobilisten aus der Richtung Rue Dominique Lang mussen op der Héicht vum Subway Rue Jean Wolter an d'Bierengerstrooss ofbéien, fir eben a Richtung Kayl, Esch oder Autobunn A13 ze kommen. D'Deviatioune selwer, déi gi vun der Ponts et Chaussées, well et ass e Ponts et Chaussées-Chantier, opgestallt. D'Awunner krute vun eis eng Informatioun och an d'Boîte. Déi aner Awunner, déi net an der Ëmgéigend wunnen, déi ginn natierlech iwwert eis sozial Medien an och den Internet iwwert dëse Chantier informéiert. Voilà. Ech mengen, dat war alles, wat ech dozou ze soen hätt a wann nach Froe sinn, dann hutt Dir de Verkéiersspezialist jo och hei um Dësch setzen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir déi Explikatiounen. Mee wat mer net ganz kloer ass: Firwat steet d'Rue Jean Simon an d'Route de Luxembourg och hei am Reglement? Wat ännert sech fir déi?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci, ech géif villäicht mat der Ronn weiderfueren, ier drop geäntwert gëtt. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. OK. Pit Demuth.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Majo, well d'Buslinnen 8 an 305 nëmmen duerch d'Lëtzebuergerstrooss kënne fueren. An der Rue Jean Simon gëtt eng provisoersch Bushaltestell gemaach, fir dass déi Leit, déi aus der Lëtzebuergerstrooss, déi haut elo bei der Bushaltestell „Route de Luxembourg“, dat heescht op der Héicht vun der Garage Cruciani, dass déi och kënne Bussen huelen. Dofir gëtt op deenen zwou Plazen elo och e provisoersche Busarrêt gemaach. Dofir stinn déi elo mol am Reglement mat dran.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Ech si gëschtter laanschtgefuer, déi sinn och schonn amenagéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Gutt. Da géif ech proposéieren, dass mer och hei zum Vote géifen iwwergoen. Wien ass mat deem Règlement temporaire averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och do dem Gemengerot Merci.



2.4. UPASSUNG VUN DEN NIMM VUN DE STROOSSEN AN DE ZONES D'ACTIVITÉS ÉCONOMIQUES TËSCHENT DIDDELENG A BEETEBUERG

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

An da komme mer zu der Industriezon, nationalen Industriezonen: Mise à jour vun den Nimm tëschent Diddeleng a Beetebuerg. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, d'Verkéiersstudie vun der Ponts et Chaussées tëschent Diddeleng a Beetebuerg, déi an deene leschte Jore jo gemaach gouf, huet erginn, dass een den Industriezonen, déi tëschent deenen zwou Gemengen Diddeleng a Beetebuerg sinn, soll e gemeinsamen Numm ginn. Aktuell heeschen déi Industriezonen tëschent Diddeleng a Beetebuerg nämlech folgendermoossen: Scheleck 1 an 2, Wolser, Eurohub, Multimodal, Krakelshaff a Riedgen. Vill vun deenen Zonen - dat wësst Dir, do soen ech lech eigentlech näischt Neits - sinn eréischt nom Ewechfalen vun der WSA an de leschte Joren entstanen an hunn dofir och kee richteg Stroossennumm. An doduerch hu se aktuell ebe just eng Postleitzuel. Vill vun de Chaufferen, also vun de Camionschaufferen - an do schwätzen ech och haaptsächlech vun den auslänneschen Camionneuren, déi ebe vill no Navi musse fueren, well se Lëtzebuerg, respektiv Diddeleng an eis Zone industriellen nach manner, kennen - fir déi ass dat ganz komplizéiert, déi richteg Adress ze fannen. Mir hu sou munche Chaufferen och dobäi erwëscht, wou en zu Diddeleng oder duerch Diddeleng-Bireng gefuer ass, well en eigentlech den Eurohub-Süd gesicht huet.

Dofir goufen eben Iwwerleeunge gemaach, fir e gemeinsamen Numm ze sichen, dee liicht verständlech ass fir all Mënsch, fir dass och jiddere sech soll erëmfannen. Et gouf dunn en Aarbechtsgrupp agesat, bestoend aus de Vertrieder vun den zwou Gemengen, der Ponts et Chaussées, der Post, fir dann ee gemeinsamen Numm ze fannen. Deen Aarbechtsgrupp huet sech och mam Kadaster, der CFL, dem Ministère de l'Economie, de Propriétaires natierlech vun de meeschten Terrainen dann och ofgestëmmt, am Januar 2020, also viru ronn siwe Méint. Bei enger Reunioun beim Minister Bausch, de verschiddene staatlechen Instanzen an natierlech och den zwou Gemengen, gouf festgehalten den Industriezonen de folgende gemeinsamen Numm ze ginn: Zone d'activité économique, ofgekuerzt: ZAE Wolser. D'Industrieflächen tëschent deenen zwou Gemengen - ech mengen, dat wësst Dir - dat ass eigentlech keng grouss Surface. Fir dat ze vereinfache kritt dofir dann all Gebitt och nach en zousätzlechen Buschtaf, sou datt elo géife folgend ZAEen, also Zones d'activité économique entstoën: Scheleck gëtt Wolser A, Wolser gëtt Wolser B, Multimodal gëtt Wolser E, Krakelshaff gëtt Wolser F, Eurohub-Süd gëtt Wolser G a Riedgen gëtt Wolser H. Wa mer dës Emännierungen haut hei am Gemengerot zu Diddeleng guttheeschen, da kritt all Entreprise dann eng nei Adress, déi dann och hoffentlech méi einfach erëmfannen ass. Ech ginn lech elo ee Beispill, z.B. géif d'Adress vun der Husky vu „Zone industrielle Riedgen“ op 100 ZAE Wolser H 3451 Diddeleng dann änneren.

D'Ponts et Chaussées, déi wiesselt dann och déi deemtentspreechend Panneauen op den Autobunnen an op de Staatsstroossen, fir datt dann och d'Camionen oder besser gesot d'Camionneuren dat méi einfach erëmfannen an net méi duerch Diddeleng, respektiv duerch Beetebuerg fueren, fir eppes ze sichen. Firwat stëmme mer dat elo grad haut? Ma dat Ganzt soll fir den 1.1.2021 a Kraaft trieden. A wann ech lech soen, déi mussen nach Panneauen a Signalisatiounen änneren, da brauchen déi dofir och e bësselchen Zäit. A villäicht nach als Info, well ech gesot hunn dat betrëfft net nëmme d'Gemeng Diddeleng, dat betrëfft natierlech och d'Gemeng Beetebuerg an d'Gemeng Beetebuerg hat dat an hirem leschte Gemengerot den 12. Juni an déi hunn dat genau esou gestëmmt, wat do drop steet, wéi dat wat mir lo haut virleien hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Merci Claudia, fir allegueren déi doten Erklärungen wat d'Neibenennung ass vun eisen nationalen Industriezonen. Si Froen dozou? Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just eng Remarque: Da musse mer och hoffen, dass déi Systemer vun den Navien och mat Zäit ajustéiert ginn, well do kënnt nach ëmmer eng Zäit, wou se nach ëmmer mat deenen alen Indikatiounen fueren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci. Ech war selwer eng Kéier betrafft vun engem Changement d'adresse, wou d'Haus op der selwechter Plaz stoung an d'Adress huet op eemol geännert. Do musst der villäicht och e grouse Communiqué un d'Post schreiwen un d'Mataarbechter, well dat gëtt och e groussen Deel fir si dohannen, well se op eemol net méi wëssen, wou se d'Saache sollen hischécken. A mir haten nach jorelaang, also zéng Joer duerno, d'Post falsch geschéckt kritt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

D'Post ass jo nobäi. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Et sinn zwou Saachen: 1. dat mam Navi: Do muss ech soen, och wéi et elo war, sinn e ganze Koup Saachen net an deenen Navien agespeist a mir hunn dann andauernd selwer och nogehaakt, mir hu selwer Bréiwer geschriwwen. Mir hunn och beim Ministère de l'Economie nogehaakt. Déi hunn nach eng Kéier bei den Navisfirmen nogehaakt, bis dat doten dann elo kumt. Verschiddener hunn et geännert, anerer hunn et net geännert. Mir hunn eist gemaach. Mee mir kënnen et leider net selwer aspeisen. An dat anert, zu der Post: Also d'Post sinn och ee vun deenen, déi drop gedréckt huet fir dat doten ze maachen an déi souzen och mat um Dësch, aus genau deem Grond, deen Dir gesot hutt. Well do musse Päck ofgelievert ginn, dat ass eng mer à boire an dofir souzen déi och mat um Dësch.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Jo Här Martini.



CLAUDE MARTINI (CSV): An dat selwecht zielt och fir Notären. Lo ass jo en Deel vun den Terraine verkaf ginn, fir Industriezonen ze maachen, also fir d'Jugurts... Ech sot: Dat selwecht zielt jo fir Notären. Well et si jo verschidden Akte vun den Terrainen, déi wou verkaf gi sinn, fir verschidden Entreprise bauen ze loossen, do steet och herno déi falsch Adress drop. Dat bréngt och zu grousser Konfusioun.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Un den Akte kënne mir lo u sech näischt méi änneren, déi si geschriwwen. Mee wann s Du en Akt privat hues an du plënners, dann ass och deng al Adress nach dran. Ech mengen, dat ass e bëssen d'nämmlecht. Ech si lo kee Jurist, mee déi behalen awer hir.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Déi bestoend Akten, déi bleiwen sou wéi se sinn. Déi ginn net ëmgeännert. Wann en neien Akt gemaach gëtt, dann ass et d'Prozedur vum Notaire z'iwwerpräiwen, wéi d'Adress ass a gegebenenfalls dann och d'Adress z'adaptéieren. Mee domadder sinn elo net bestoend Akten ausser Kraaft gesat. Ech mengen dat ass alles e bëssen e Prozedere. An neien Akt ginn elo effektiv déi nei Adressen dragesat, wann elo en Terrain sollt verkaf ginn. Voilà. Ok, dann hätte mer hei d'Ronn gemaach. Da géife mer hei iwwert déi Mise à jour ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech villmools Merci.

2.5. D'BEZEECHUNG VUN ENGER NEIER STROOSS

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): An da gi mer op den nächste Punkt eriwuer, an dat ass d'Denominatioun vun enger neier Strooss. Eppes wat net esou aldeeglech ass. An da ginn ech hei dem Här Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (SCHÄFFEN - LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Och wann d'Circulatioun net mäi Ressort ass, mee vu dass mer hei iwwert e Stroossennumm wëlle schwätzen, hunn ech mer erlaabt, hei d'Wuert ze huelen. Dir wësst, dass mer 2019, wéi den CNFL dee Projet „Les rues au féminin“ lancéiert hat, hu mer jo och mat eisem Service de l'Égalité des chances e Projet initiéiert, dass mer do e ganze Koup Diddelenger Nimm gesicht hu vu Sport, Kultur, Residenzler a mir hunn op Lenkeschlei jo da fënnel Stroosse mat Fraennimm bestückt. Mer waren der Meenung, dass mer e ganze Koup Nimm am Suspens hätten, respektiv dass mer net genuch Fraennimm hei an Diddeleng nach hunn. Do ware mer der Meenung, dass mer kéinten den Stroossennumm mat engem Fraenumm besetzen. An eise Service de l'Égalité des chances huet eis dann och e puer Propositionen eragi gehat. Mir hunn eis als Schäfferot dann decidéiert fir d'Madame Emely Arnoldy Loos, eng Schrëftstellerin, eng Poetin, déi 1928 hei zu Diddeleng gebuer ginn ass, déi hir ganz Schoul an hir Haushaltsschoul hei zu Diddeleng verbruecht huet. Déi Madame huet e ganze Koup Gedichter an Zäitschrëfte lancéiert, Gedichtbänner verfaasst an och Liddertexter. An Dir fannt och vun hire Wierker e ganze Koup an eiser

Bibliothék hei zu Diddeleng. A mir géifen als Schäfferot lech proposéieren, dass mer déi Strooss Emely Arnoldy Loos géifen nennen. Mir wäire frou, wann de Gemengerot dat och esou géif gesinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid. Remarquen dozou? Den Här Gangler an dann den Här Thill.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just eng Fro: Ech huelen un, déi Madame lieft net méi.

RENÉ MANDERSCHIED (SCHÄFFEN - LSAP): Richtig. Et ass eng berechtegt Fro. D'Madame ass am November 1928 hei zu Diddeleng gebuer ginn a se ass am Mee 2011 zu Esch verscheet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Merci Här Buergermeeschter. Mir si mat där Proposition ganz averstanen an och mat der Approche, fir méi Stroossen mat Fraennimm hei zu Diddeleng ze beleen. Ech wollt awer eng Remarque maachen, iwwert d'zukünfteg Stroossennimm. Et sinn elo 80 Joer hier, datt Lëtzebuerg vun Nazidäitschland iwwerfall ginn ass. Et sinn e ganze Koup Lëtzeburger, déi hu missten do a Frankräich flüchten. An et gëtt eigentlech, souwäit wéi ech weess, hei zu Diddeleng keng eenzeg Strooss oder Plaz, déi dodrun erënnert. Zu Esch, do gëtt et eng Rue de Lodève. Lodève ass eng kleng Uertschaft, eng kleng Gemeng am Département de l'Hérault a Südfrankräich, ronn 50 km vu Montpellier ewech. Zu Lodève sinn deemools tëscht Mee 1940 an Oktober 1940 6000 Flüchtlingen ukomm, an enger Gemeng, déi 6000 Awunner hat. Nämlech 2000 aus der Belge, 2000 aus Lëtzebuerg - wéi gesot, vill Escher, mee och Diddelenger, an 2000 aus dem Elsass-Lothringen. An ech géif et wichteg fannen, wéi gesot, bei zukünfteg Stroossennimm, datt et eng Erënnung hei zu Diddeleng un déi Flüchtlingen an un déi Gemeng wier, oder un eng aner. Also, et sinn och aner franséisch Uertschaften, wou Diddelenger Leit do Refuge fonnt hunn. Ech fannen dat desto méi wichteg, well verschidde Leit, wann den Här Asselborn dofir plaidéiert, 12 manerjäreg Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg opzehuelen, dann héiert ee Reaktiounen, wéi wa lo Lëtzebuerg an d'chrëschtlecht Abendland géif ënnergoen. Also ech fannen et wichteg, sech u verschidden historesch Tatsaachen z'erënnern. Dofir da meng Suggestioun, oder eis Suggestioun, vun Déi Lénk un de Schäfferot. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnamen? Also et ass eng Suggestioun, déi ee kann ophuelen. Et muss een awer just wëssen, wéi grouss een d'Dier opmécht. Da kënne mer och iwwert alleguerten déi Diddelenger diskutéieren, déi effektiv den 2. Weltkrich, den 1. Weltkrich, déi a Länner gaange sinn, fir géint de Faschismus an d'Diktaturen ze kämpfen. Also, et muss een sech e gewëssene Kader setzen, a wéi enger Form een deene Leit iergendwéi gedenkt, sief dat iwwert eng Strooss. Also wéi



gesot, hei mécht een eng Dier ganz grouss op an do, mengen ech, muss een e Kader fannen, deen dra passt. Dat do war elo eng Suggestioun. Déi kann een ophuele mengen ech, nach ass net définéiert. Déi Prioritéit, déi mir eis elo ginn hu par Rapport zu de Stroossennimm war, méi Fraestroossennimm ze hunn an do hu mer och nach ganz, ganz groussen Nohuelbedarf. Mee dat wëll net heeschen, dass een déi dote Suggestioun net an iergendenger Form kéint consideréieren. Nach muss ee se an e gegebene Kader setzen, wann een eng Dier opmécht, dass ee se ganz grouss opmécht a sichtlech do nach aner Leit komme mat aneren Interêten, fir dass eng Strooss no hinne benannt gëtt, mat enger änlecher respektiv villäicht och anerer Argumentatioun. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Ech wollt mech da just do informéieren: Eis lddi fir de Stroossen Nimm vu bedeitende Fraen ze ginn, war déi iergendwéi zäitlech begrenzt? Sollt dat elo onendlech sinn an nächster Zäit, wou mer decidéiert hunn, Fraennimm fir Stroossen ze huelen? Oder war dat gesot ginn an den nächsten 10 Joer, an duerno géife mer eng aner Approche huelen? Ech hunn dat elo net méi richteg an Erënnerung.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Ech stellen déi Fro ëmgedréint: Stelle mer eis déi Fro och bei Männernimm? Domadder hunn ech lech d'Äntwert ginn. Voilà. Wëll hei eng Egalitéit, oder probéieren. Et stellt ee sech jo net d'Fro bei de Männer, ob dat och an der Zäit limitéiert ass.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mee ech hat just gemengt: Wou dat deemools jo decidéiert ginn ass mat dem Chancëgläichheetsservice, ob dat gesot gouf, dass d'lddi dohannert wier, dat an nächster Zäit méi ze pushen, bis zu engem gewësse Punkt, oder ob dat am Allgemenge sollt sinn, fir eng Gläichheet ze kréien an d'Onendlecht. Sou war meng Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Am Fong misste mer dat dote vun elo permanent maachen. Well den Nohuelbedarf ass ganz grouss. Voilà, da géife mer hei op d'Denominatioun vun dëser Strooss Rue Emely Arnoldy Loos kommen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. Da wäre mer zum Schluss vum Volet Circulatioun ukomm.

3. GEMENGENAMÉNAGEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

An da géife mer iwwergoen op de Volet Aménagement communal. Do missten och elo normalerweis d'Architektbüro kommen. Punkto Aménagement communal begrëssen ech hei an eiser Ronn den Direkter vum Fonds du Logement, de Jacques Vandivinit, awer och d'Sala Makumbundu vum Architektbüro Christian Bauer et Associés an och de Jean Brodeur vum Planerbüro Zeyen+Baumann. Mir hu jo haut am Niveau vum Aménagement communal zwee Voleten ze decidéieren, engersäits d'Modification ponctuelle vum PAG vun NeiSchmelz 2, respektiv awer och déi véier PApé ronderëm NeiSchmelz. Ass, mengen ech, keng onwichtig Punkten.

3.1. APPROBATIOUN VUN DER MODIFICATION PONCTUELLE VUM PAG VUN DER STAD DIDDELENG FIR DE SITE NEISCHMELZ 2

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Ech géif dofir, wéi gesot, mam éischte Punkt ufänken: Modification ponctuelle vum PAG Partie graphique an écrite vun NeiSchmelz 2, wou mer haut de Vote definitiv virzehuelen hunn. Just pour Rappel: Mir hate jo den éischte Vote hei am Gemengerot gemaach den 1. Oktober 2019. Dat war jo alles virum 1. November 2019, d'Date butoir, wou effektiv de Vote hei geholl gouf. A mer sinn an deem Vote virun allem op d'Demande jo vum Waasser-Wirtschaftsamt, dem AGE, agaangen, fir bei der Diddelenger Baach eng gewëssen ökologesch Kontinuitéit ze hunn, an deemno och d'Fësch, déi an deem Gewässer sinn, dass een do eng Fëschtrap huet, an och Adaptatiounen ze maache punkto Pente, fir effektiv och déi Liewensraim, déi mer dann do hunn, fir deene Rechnung ze ginn. Dat heescht, do sinn och Servitudé virgesinn, also do hu mer och iwwert déi Modifikatioun geschwat an do nogebessert. Déi Deliberatioun ass den 1. Oktober punkto Chronologie, den 1. Oktober 2019 geholl ginn. De Gemengerot huet dat unanime gestëmmt. D'Commission d'Aménagement beim Interieur, déi huet effektiv dat och guttgeheescht, wat jo dann och positiv ass. Dat war den 11. November 2019. Dat Ganzt houg natierlech och aus a véier Zeitungen: Eng Enquête publique vum 5. Oktober bis de 5. November 2019. A mir hate jo och an deem Kontext, vu dass dat eng Modification ponctuelle vum PAG ass, eng obligatoresch Informatiounsversammlung, déi war de 14. Oktober 2019. An am Kader och vun där doter Enquête ass keng Observatioun erakomm, sou dass mer deen heite Volet hei kënnen haut och deementspriedend gutt-heeschen.



Ech géif awer villäicht éier mer zur Diskussioun iwwer-
ginn awer och nach dem Sala Makumbundu an dem Jean
Brodeur d'Wuert ginn, wa se op den een oder anere
Punkt wéilten agoen, da kënne se dat och elo ganz gäre
maachen.

**SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS
ARCHITECTES S.A):** Schéine gudde Moien. Mir hunn elo
eng kleng Presentatioun virbereet, wou mer lech nach
eng Kéier ganz kuerz kënne weisen, ëm wat et geet. Ech
mengen awer, et wier villäicht nach virgesi gewiescht,
dat de Fong nach e puer Wieder seet.

**JACQUES VANDIVINIT (DIREKTER – FONDS DU LOGE-
MENT):** Merci Sala, Merci Här Buergermeeschter.
Léiwe Schäfferot, léiwe Gemengerot. Ech mengen, ech
hale mech kuerz. Ech weess, Dir hutt e laangen Dag
virun lech. Ech wëll just betounen, dat et och fir mech e
ganz ganz wichtege Projet ass, deen ech och selwer an
d'Hand geholl hunn, säit ech am September ugefaangen
hunn. Dir wësst, mir schwätze vill vum Defi vum Loge-
ment dobaussen. Mir hu ganz vill Aarbecht virun eis.
Diddeleng ass ee vun deenen, oder de Projet NeiSchmelz
ass ee vun de wichtigste Projet an eisem Portfolio, fir
der Demande entgéint ze kommen. Et ass e laange Pro-
jet. Et ass vum Här Buergermeeschter gesot ginn, et
ass schonn eng Zäit an der Maach. Ech hu mer d'lescht
Kéier den Historique ugekuckt. Et gëtt jo scho quasi
säit 15 Joer um Projet geschafft an ech si frou, datt
mer haut endlech op dee Punkt kommen, wou mer hof-
fentlech déi lescht Etapp packen an dann endlech kënnen
ufänke mat schaffen um Terrain an dofir suergen, datt
dat Lach, wat am Moment do ass tëscht deenen dräi
Quartieren, respektiv tëscht deenen zwee Quartieren
an dem Zentrum vun Diddeleng, dass mer dofir kënne
suergen, dass dee schéin integréiert gëtt a bewunnbar
gëtt. Et ass alles gesot ginn iwwert den Historique.

Ech sinn, wéi gesot, frou, dass mer deen Defi hunn. Et
ass keen einfachen, och fir de Fonds de Logement. Et
ass e Quartier, et ass net einfach eng Baulücke zou ze
maachen. Mir wäerten eis och op eiser Säit deements-
priechend opsetzen, fir och deem Challenge kënnen
entgéint ze kommen. Och fir d'Gemeng, fir d'Stad Did-
deleng, ass et e gewëssen Challenge, dat an déi exis-
téierend Situatioun z'intégréieren. Dat heescht, dat
muss erapassen. Déi Saachen, déi dohi kommen, muss
Sënn maache par Rapport zu de Saachen, déi schonn do
sinn. An ech freeë mech och op d'Kollaboratioun mat der
Stad Diddeleng, fir dat kënnen iwwert déi nächst – ech
wëll elo net soe „Joerzénge“, mee soe mer mol awer
iwwert eng länger Zäit an nächster Zäit – zesummen
ëmsetzen. Voilà, dat ass alles wat ech soe wollt. Mer-
ci fir d'Wuert. Da ginn ech dem Sala d'Wuert weider.

**SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS
ARCHITECTES S.A):** Merci villmools. Ech wollt lech nach
eng Kéier ganz kuerz de Rappel maachen, wéi mer op
déi Demanden agaange sinn, déi vun der AG formuléiert
gi si fir d'Diddelenger Baach, déi jo schonn ëmmer am
Projet virgesi war a fir do eben eng ökologesch Konti-
nuitéit ze kréien. Den Haaptknackpunkt ass dee Beräich
just hei nieft dem CNA, wou haut déi Situatioun sou

ass, wéi se hei gewise gëtt, mat engem kleng Weier,
wou déi Baach dann och laanschtfléisst. Dat ass fir de
Projet am Fong den Haaptknackpunkt gewiescht, well
do en Héichtenënnerscheed par Rapport zum restleche
Plateau ass, deen de gréissten Challenge war an der
ökologescher Duerchlassegkeet. Et war eng Analys ge-
maach ginn. Mir haten do Spezialisten, e Limnolog an
d'Ekip geholl, fir ze kucken, wat de Bestand haut ass.
Natierlech ass haut d'Baach op enger laanger Streck
an engem Rouer. Et ass elo näischt, wat ee kéint ganz
ökologesch nennen. An deemools hate mer dann awer
e relativ grouse Spillraum, fir do eng Verbesserung
erbäizeféieren. Haut ass dann am Prinzip vum Süde
kommend alles am d'2000er Rouer, bis mer dann op der
Héicht e bësse südlech vum CNA d'Baach rëm fräi kënne
leeën, an da fléisst se no Norde bis op d'Fohrmann-Plaz.
An do verschwénnt se dann awer rëm am Rouer. De
But ass also lo sou no wéi méiglech un eng natierlech
Situatioun erunzekommen, quitt datt mer wëssen, datt
et net eng total natierlech Baach gëtt. Wann ee lo vu
Süde kënnt, kënne mer op dat éischt Stéck vun der
franséischer Grenz kommen, kënne mer carrement eng
Renaturéierung maachen, éier dat mer dunn an de La-
minoir erakommen. Do hu mer lo en Dréchewaasser-Of-
floss, wéi een dat nennt, dee lo méi héich ass wéi vir-
drun. Virdrun hate mer gesot, mir huele 27L d'Sekonn
aus der Baach, lo huele mer 80. Dat heescht, mir hunn
däitlech méi Waasser, dat duerch déi Baach ka fléissen
an doduerch kënne mer Liewensraum schafen, souwuel
fir Fësch, wéi och fir Amphibien an aner Mikroorga-
nismen. Wichtig sinn dobäi verschidde Mesuren.

De Buergermeeschter huet et schonn ugeschwat: Datt
mer eng gewësse Pente respektéieren, datt mer op all
Plaz eng Waasserdéift vu 14 cm Minimum garantéieren
an datt mer keng Héichteverpräung hunn, déi méi grouss
si wéi 14 cm, well dat packen d'Fësch net. Dat heescht,
dat war am Prinzip den Challenge, fir de Reamenage-
ment vun der Baach. A mir hunn also dann am Lami-
noir eng gréisser Pente gemaach, wéi se bis dohinner
virgesi war. Dat ass dat, wat mer haaptsächlech am
Süde gemaach hunn. De Verlaf u sech, d'Implantatioun
am Quartier ass net geännert. Et ass do wierklech eng
Detailaarbecht gemaach ginn. Wa mer weider dann an
den Zentrum kommen, leeft d'Baach weider duerch de
Cour des Hauts Fournaux, och mat enger ugepasster
Pente. An do kënnt dann de grouse Knackpunkt: Wa
lo en nördlechen Wupp vum Cour des Hauts Fournaux
musse mer erofkommen op den Niveau vum CNA, an dat
gëtt dann iwwert eng grouss Fëschtrap geléist, wou
d'Fësch souwuel Richtung Norden, mee och Richtung
Süde kënne sech beweegen. Also et ass bidirektional.
Et muss wierklech Duerchlassegkeet an zwou Rich-
tunge sinn, fir datt et am ökologesche Sënn funktio-
néiert. An am Beräich vun der Fëschtrap ass och kloer
agehalen, datt eben déi 14 cm net iwwerschratt
ginn. Dat brauch natierlech vill méi Plaz. Dat fält an e
Beräich, dee bis elo am PAG esou klasséiert war, datt
mer déi ganz Ännerungen, déi mer elo musse maachen,
fir déi Fëschtrap kënnen ze realiséieren, nëmme kënne
maachen, wa mer eben eng Adaptatioun um Niveau
vum PAG maachen. Den Här Brodeur erkläert dat her-
no am Detail. Voilà, fir komplett ze sinn: No Norden



hu mer da fäerdegbruecht, datt mer den Niveau vun der Baach kënnen unhiewen – 1,20m méi héich – sou datt d'Waasser och méi am Raum spierbar ass, am stättesche Raum, wat virun allem dann op der Fohrmann-Plaz och bedeit, datt mer do en héichqualitativen Amenagement och kënnen maache mat der Baach, wou d'Waasser net esou déif ass wéi haut, wou de Sprangbuer muss weisen, datt do eppes geschitt. Mee wou de Waasserniveau dann 1,20m méi héich kann ugehewe ginn. Voilà, hei gesäit een dat e bëssen am Detail. Dat ass wierklech esou eng Schlaangelinn, fir datt mer déi Héichten, den Héichtenënnerscheed vu 6,70m dee mer hunn, propper kënnen iwwerwannen. An dat Ganzt bett sech an an e Gréngberäich a wäert och en Deel stoend Gewässer bleiwen, sou wéi haut och. Well do och speziell Amphibien sinn, déi do och hire Liewensraum kënnen fannen. Hei gesäit een dann e bëssen, wéi sech esou eng Fëschtrap an der Wierklechkeet kann duerstellen.

Ënnen ass eng Image de Synthèse fir de Projet, sou datt ee sech dat muss virstellen als e grénge Beräich, wou d'Baach sech duerchschlängelt, a wou am Fong e relativ natierleche Liewensraum ka geschaaft ginn. Voilà, hei nach eng Kéier de Resumé vun deem wat ech elo just gesot hunn. Wat wichteg ass ze wëssen: Och d'Reewaasserkonzept vun der Reewaasser-Retentioun gouf an deem Kader mat ugepasst. Déi ursprénglech Iddi datt mer d'Reewaasser an d'Baach géife leeden, déi maache mer net méi. Et gétt also ganz kloer getrennt tëscht engem natierleche Liewensraum mat natierlechem Waasser aus der Baach an dat Reewaasser, mat der Ausnam vum Daach vum Laminier, gétt ganz separat ofgefouert an eng Reewaasserkanalisatioun. An och déi, wéi mir et nennen „Froschdusche“ – dat ass eng Mise en Scène am Beräich vun de Bassengen hei. Déi gétt och getrennt vun dem System vun der Baach. Dat heescht et ass wierklech do en Ökosystem, deen individuell ka funktionéieren. Mir hunn et och esou ausgeluecht, datt et theoretesch méiglech ass, wann Dir an der Stad Diddeleng eng Kéier géift decidéiere „Richtung Norde géife mer och gär méi fräileeën“, datt dat awer och kéint an der Zukunft méiglech sinn. Dat war vun der AGE och eng Demande, déi mer respektéiert hunn. Voilà, datt sech dat haut dann anescht duerstellt ass villäicht net ganz gutt ze liesen. Lo ass eben an deem Beräich nieft dem CNA déi Meandrëierung an deem méi grouse Séi, deen do elo haut ass. Dee géif da verschwannen. Voilà, da ginn ech d'Wuert weider un den Här Brodeur.

JEAN BRODEUR (ZEYEN & BAUMANN): Bonjour. Donc la modification ponctuelle. Donc la modification actuelle du PAG consiste premièrement, il y avait eu une modification ponctuelle en 2018 qui avait été faite pour adapter le site au projet PAP pour les quatre PAP. Mais au fur et à mesure de l'évolution des PAP, on s'est aperçu qu'il fallait légèrement modifier les PAG. Donc la modification ici qu'on discute, ça concerne la modification de la partie écrite, de la partie graphique et du schéma directeur où on a légèrement modifié. Donc là je passe un peu des détails. Donc la modification de la partie graphique. Un premier point qui a été modifié, c'est qu'on a augmenté le COS du PAP sud. Donc le COS, c'est le coefficient d'occupation du sol, donc ça veut dire que c'est l'em-

prise des bâtiments sur le sol. Donc dans l'ordre des réalisations du PAP sud, on s'est aperçu qu'il manquait un petit peu de surface pour faire un projet cohérent, donc on a augmenté la surface des plantations au sud, dont le coefficient de 0.51 à 0.53, ce qui est minime, il n'y a pas vraiment d'impact. Mais ça permet de faire un projet plus cohérent. On a également renommé les articles 1720 « habitats d'espèces protégées » en article 1721 « habitats d'espèces protégées ». C'est que lorsqu'il y a eu le changement de la loi 2004 sur l'environnement, la nouvelle loi du 18 juillet 2018 a prévu une nouvelle catégorie. Donc anciennement les articles 17, c'était pour les arbres, les haies, les éléments naturels et ça incubait également les plantes rares. Et dans la version 2018, ils ont séparé les plantes rares des arbres et des haies et des végétaux en station.

Donc pour être un peu cohérent avec la nouvelle loi, on a simplement renommé, mais cela n'a aucun impact sur le projet. Et on a superposé ce qu'on appelle l'article 1721 maintenant sur la surface qui va aujourd'hui être l'échelle à poisson pour le cours d'eau. Donc là, il y a la partie graphique, mais bon, là c'est pas tellement visible. Je sais pas s'il y a un pointer. Voyez ici qu'on a augmenté. Ici c'était 51, c'est passé à 53. L'autre modification, c'est qu'on a mis un nouvel article 1721, c'est maintenant sur la zone ici. Et on a modifié ce qui était anciennement les articles 1720 et 1721. Donc cela restent des modifications mineures. Pour ce qui est de la partie écrite, donc là aussi, il y a eu des modifications. On a modifié la définition de la zone d'habitation 2 de la zone mixte-urbaine de la zone spéciale de laminier. On a modifié également la définition de la servitude d'urbanisation cours d'eau. On a modifié les indications complémentaires qui déjà existaient et on a précisé l'article 2.9 concernant les emplacements de stationnement pour les chambres meublées ou non-meublées, ce qui n'était pas prévu dans la première version. Donc là, si on regarde dans la zone 2, ce qu'on a modifié, c'est les affectations autres que l'habitation. Donc la zone d'habitation 2, c'était plus ou moins la moyenne de ce qu'on avait avant. Donc les affectations autres que l'habitation peuvent être exercées sur une surface construite brute de 300 m². Anciennement, on avait 200 m². Donc 200m² pour un restaurant, café, c'est un peu limite, donc on a augmenté à 300 m² pour permettre un projet un peu plus viable. L'autre modification, ça concerne la zone mixte-urbaine où là on a modifié. Donc, lorsqu'on fait un PAP nouveau quartier, anciennement c'est pour tout plan d'aménagement particulier quartier/nouveau quartier, exécuté en zone mixte urbaine.

La surface construite brute dédiée à des fins de logement est de 40%, anciennement c'était à 50%. Mais on a diminué à 40%, donc c'est la surface minimum qu'on doit faire en habitation dans une zone mixte urbaine. Mais comme il y a eu le changement avec la Cité cinéma et tout et que ce qu'on appelle le bâtiment de l'ancienne aciérie, on ne sait pas encore exactement si ça va être facile à transformer en habitation, qu'est-ce qu'on peut faire donc comme il y avait plusieurs incertitudes au niveau de ce bâtiment-là, on a préféré de modifier dès le départ la surface pour l'habitation à 40%, quitte à ce



que le projet en réalise plus, mais au moins qu'on sait qu'il ne faut pas commencer à faire une autre modification par la suite. Et l'autre alinéa en dessous, c'est simplement qu'on peut déroger en principe des 40% si les caractéristiques ou les particularités l'exigent. Notamment, s'il faut protéger complètement le bâtiment comme on vient de discuter de l'aciérie et qu'on ne peut pas y faire de l'habitation, ce sera toujours possible de faire encore moins d'habitation que les 40%. Mais ça c'est l'évolution du projet qui va le définir.

Une autre modification qu'il y a eu dans la zone spéciale de laminoir : Donc là, on a modifié ce qui est lié à l'industrie de la production de films et on a ajouté aussi la possibilité de faire – bon, les hôtels, c'était prévu, mais là on a rajouté des appart-hôtels pour être sûr qu'il n'y a pas de problème par la suite. Donc l'autre point qu'on a modifié, c'est la servitude « urbanisation cours d'eau ». Donc avec les nouveaux projets qui étaient discutés avec l'AGE et l'environnement et tout, comme le terrain autour du cours d'eau va être complètement remanié, donc le dernier alinéa de la servitude, où c'était écrit que « toute construction et toute modification du terrain naturel ainsi que tout changement de l'état naturel dans un rayon de 4 m de part et d'autre du cours d'eau sont prohibés » donc on a enlevé cette phrase-là pour permettre la réalisation du projet.

La dernière indication, ça c'est simplement qu'on a changé la loi du 19 janvier 2004 pour la loi du 18 juillet 2018. Donc ça c'était ce qui concerne la modification de la partie écrite... Non, il y a encore les emplacements de stationnement, donc le point 3.1.a., qui concerne les emplacements pour l'habitation. Donc le point a, on avait le point 8 « emplacements de stationnement par logement » et là on a rajouté « et un emplacement par tranche entamée de trois chambres meublées ou non-meublées ». Donc ça veut dire s'il y a des projets avec des chambres meublées, il y a l'obligation par trois chambres meublées de faire un emplacement de stationnement. Et le principe de la tranche entamée, si on fait quatre chambres meublées, on tombe dans la deuxième tranche, donc il faut faire un deuxième emplacement, jusqu'à ce qu'on soit rendu à six.

Donc ça c'est ce qui concerne la modification de la partie écrite. Et on a dû adapter également légèrement le schéma directeur. Là c'était assez simple. On a simplement remplacé l'extrait du PAG par le nouvel extrait et on a supprimé toutes les indications concernant l'industrie du cinéma et du film. Donc ça c'est vraiment c'est simplement des bouts de paragraphe qu'on a supprimés. Bon, comme je dis, ça c'est le nouveau plan PAG, donc avec les indications, les modifications. Pour ce qui est de la procédure, là on est rendu au vote du projet d'aménagement général. Donc on est rendu à ce niveau-là. Donc il reste après la publication. Comme il n'y a pas eu de réclamations, je crois dans le premier, dans la saisine, donc il n'y aura pas de réclamations dans le deuxième non plus. Mais ça c'était simplement pour montrer que le schéma directeur pour une modification par Rapport à l'ancienne version. Donc concernant la modification de PAG c'est ce qu'il y avait à dire.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci villmools. Merci och dem Sala Makumbundu an och dem Jean Brodeur, fir nach eng Kéier op déi Punkten agaangen ze sinn. Dat heiten ass identesch dat wat jo och den 1. Oktober presentéiert gouf. Dat heescht, et war nach eng Kéier pour Rappel wat déi dote Modifikatioun NeiSchmelz 2 ugeet. Do sinn, wéi gesot, och vun der Commission d'Aménagement, keng gréisser Variatiounen. Dat heescht, et ass am Fong eent zu eent wéi déi Diskussioun, déi mer schonn am Gemengerot hei haten am Oktober. Awer nach eng Kéier puere Rappel, fir lech nach eng Kéier de Kader ze setzen. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo, Merci Här Buergermeeschter. Merci fir d'Wuert. Merci och nach fir d'Explikatiounen. Mir sinn och frou, dass et endlech nach méi konkret gëtt a mir hoffen nach ëmmer, dass et esou séier wéi méiglech iergendwéi lass geet. Ech muss awer och soen, et ass elo e Joer an d'Land gezunn, wou mer eis Wonne geleckt hunn, well d'Regierung eis de Projet Film gestrach huet. An ech denken, et ass och elo e Moment, wou mer villäicht awer elo mat Spannung drop waarden, dass den Här Buergermeeschter eis och verréit, wat dann elo deen, wéi et och ëmmer hei an den Texter vun der Modification du PAG steet, wéi elo dee „Projet national alternatif est d'envergure identique, voire similaire“ deen op NeiSchmelz soll komme soll ausgesinn. Pour Rappel: Et sollt jo e Projet sinn, deen 1. Aarbechtsplazen op Diddeleng bréngt. Als Rappel: Dëse Projet gouf jo Diddeleng zougesprach als Kompensatioun wéi d'Schmelz zougemaach ginn ass. An 2. soll et eben eng Envergure nationale hunn. Ech denke fir Diddeleng ass et och vital, wéi eng Ausrichtung NeiSchmelz kritt, vu que dass jo elo effektiv de Projet vum Film begruuen ass. Dir hutt och gesot, Dir hutt an den Texter missen och all Kéiers dann déi Zeile sträichen.

Mäi Kolleeg Jemp Gangler a senger akribescher Aart huet d'Texter all duerchgekuckt an awer nach ee Punkt fonnt, an zwar wou awer nach „Activités liées à la production du film“ drasteet. Dat muss ee villäicht och nach änneren. An zwar ass dat an der Partie écrite PAP sud: Il. 2. 4. Zone spéciale Cité Laminoir. Do steet nach „activités liées à la production du film“. Just als kleng Rappel. Wéi gesot, mir haten alleguerten zesummen hei am Oktober d'lescht Joer d'Modifikatioun gestëmmt. Mir fannen dat mat der Fëschtrap och eng ganz ganz flott Iddi, virun allem och mat der Renaturéierung vun eiser Baach. Mir waarden awer elo mat Spannung drop, wat dann elo soll dee Projet d'envergure nationale sinn. Da wollt ech awer och nach kuerz op e Punkt agoen zu de Reklamanten. Do ware jo och Reklamatiounen komm vun Diddelenger Bierger.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Neen, komm mir verméschen et elo net. Haut ass de Vote. Lo si mer am Kader vum Vote définitif vun NeiSchmelz 2.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

An déi aner Punkten? Kommen déi dann eréischt?



DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Déi komme jo eréischt. Mir hu lo just iwwert dat wat elo presentéiert gouf. Madame Kayser, Dir hutt jo awer suivéiert. Dat ass de Vote définitif vun der Modification ponctuelle PAG NeiSchmelz 2. An dann duerno kommen déi véier PAPen. Iwwert déi hu mer jo nach guer net geschwat.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ma ech hu gemen-gt, dat wär elo awer d'Reklamatioun, déi bezéie sech op dat Ganzt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Nee, d'Reklamatioun bezéie sech op d'PAPen an net op de PAG. Se si jo och an den Deliberatiounen vun de PAPen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da soen ech dat herno.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Komm mer trennen dat, well mer hei zum Schluss vun enger Prozedur sinn an d'PAPen, déi komme jo haut zum Vote. Do ass e Lien natierlech, mee et sinn zwou verschidde Saachen. Komm mer verméschen déi zwou Saachen net.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ok, kee Problem. Also wéi gesot, et wär awer just interessant, well beim Changement do steet jo ëmmer nach de Saz dran „Pro-jet national alternatif d'envergure identique, voire si-milaire“. Ech mengen dat ass jo awer en interessante Punkt, deen een an dësem Kontext jo awer och kann.... Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech dorobber agoen, well ech hu mer schonn erwaart, dass déi Fro géif kommen. Ech hunn och bewosst näischt gesot. Net well näischt do ass, mee effektiv, mir sinn an Diskussiounen mat der Regierung. De Wirtschaftsminis-tère, de Kulturministère, de Logementsministère, well et jo ëmmer déi Ministère ware mat deene mer Diskus-siounen hate ronderëm deen dote Projet. Et muss ee soen, dass duerch déi ganz Covid-Kris et net esou sch-nell konnt virgoen, wéi mir eis dat virgestallt hunn. An awer hate mer jo och ganz kloer gesot vun dëser Säit aus, dass do och d'Regierung a Bréngschold ass. D'Re-gierung huet sech och der Saach ugehol. An ech kann dat haut nach net soen, dass deen ee Projet, mee op alle Fall sinn och hei nach eng Rei Propositionen déi an d'wirtschaftlech Aktivitéiten ginn, respektiv an d'kulturell Aktivitéiten, wou och nach aner extrastaatlech Acteure kënnen dobäi sinn, well et net oninteressant ass. Et sinn eng Rei Proposen, déi um Dësch leien. Et muss nach Finetuning dru gemaach ginn. Dofir mengen ech kënnen mer haut nach kee wäissen Dampf an deem mer soen „Et ass dee Projet, dee kënnt“.

Op alle Fall huet vun dëser Plaz aus d'Regierung sech där Saach ugehol. Mir haten och do schonn en Echange mat hinnen. Et ass also en Dossier, deen am Rullen ass. Et ass net wéi wann näischt géif virleien. Wéi gesot, dat heiten ass jo och eng Diskussioun, déi mer zesumme

féiere mam Fonds du Logement, mat der Gemeng ze-summen, well et eis jo alleguerte wichteg ass, dass mer do e flotte Projet kréien. Nach wëll ech soen, dass NeiSchmelz net steet a fellet mat deem dote Projet, mee et ass e wichtige Bestanddeel vun NeiSchmelz. A mir halen lech natierlech weider au courant iwwert de Ver-laf vun den Diskussiounen. Mir sinn op allefalls gutt en-taméiert. Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Jo, ech war elo e bëssen duerchernee mat wat ech zu wat fir engem Moment soll soen a froen. Ech hätt dann awer zwou Froen, wann Dir erlaabt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Zur Modification ponctuelle NeiSchmelz 2? Ok.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Also dat eent betrëfft d'Fëschtrap. Do si mer och dofir. Wann ech mech u meng Biologiekenntnisser erënneren, da schéngt et mer awer e bëssen zweifelhaft, datt do vill Fësch wäerte rop- a rofschwammen, soulaang wéi eng Rei Kanäl zou sinn – op enger relativ laanger Distanz. Also ech weess net, ob ech do ka méi Explikatiounen kréien. Dat ass deen ee Punkt. An deen anere Punkt, dat war déi Modifikatioun, déi den Här Brodeur eis och virgestallt huet op der Säit 7 vun hirem Dokument am Artikel 5: Zone spéciale Site Laminoir. Do gëtt niewent den Hotellen en Apart-Hotel bäigesat. An do wollt ech vun eiser Säit soen, datt et fir eis ganz wichteg ass, datt dat Apart-Hotelle sinn, also Leit, déi müssen eng Ausbildung als Hotelier hunn, eng Betribsgeneemegung, Betriebsermächtigung als Hote-lier, an näischt sou am Genre AirBnB.

Ech si gewuer gi vu gréissere Schwieeregkeeten am Stater Quartier Gare. Also Lëtzebuerg-Stad huet zim-mlech vill Mëssstänn mat AirBnB, wou d'Police e ganze Koup Kéiere muss aschreiden. A sou eppes, mengen ech, brauche mer wierklech zu Diddeleng net. Also dofir meng Fro: Sinn dat wierklech Hoteller? An ech wäert mer och erlaben an enger spéiderer entweder Baute-kommissioun oder an deem Groupe de travail „Refonte du PAG“ nach eng Kéier op déi AirBnB-Problematik zréc-kekommen, well ech fannen, mer sollen dat reegele fir elo schonn do zukünfteg gréisser Problemer aus dem Wee ze goen. Ech soen iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Thill. Nach weider Stellungnamen? Madame Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buerger-meeschter. Ech faasse mech ganz kuerz. Ech soe Merci fir déi zousätzlech Erklärungen an och déi Erläuterun-gen zu der Diddelenger Baach a wéi dat soll funktio-néieren mat der Fëschtrap. An dann och fir déi tech-nesch Erklärungen, fir e Rappel ze ginn, wat do alles vu komplizierten Ofännerunge muss gemaach ginn. Ech muss soen, fir e Laien ass dat ëmmer e bësse schwie-reg nozevollzéien. Also fir de flotte Projet vun der Dide-lenger Baach duerchzuféieren, hunn ebe missen elo vill Ofännerunge gemaach ginn, fir nach koherent ze si mat der allgemenger Reglementatioun. Mir haten déi éischt



Modifikatioun vum PAG matgestëmmt als Gréng an et ass selbstverständlech, dass mer nach ëmmer d'accord sinn an dass mer elo och bei deem definitive Vote positiv ofstëmmen. An dat ass eben déi éischt Etapp fir all dat wat herno kënnt. A mir si frou, dass dat elo entaméiert gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci och, Madame Goergen, fir Är Zoustëmmung. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech villäicht d'Wuert weiderginn un d'Sala Makumbundu an de Jean Brodeur, fir op déi verschidde Punkten deelweis anzugeen, respektiv wollt ech och nach eppes soen.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES S.A.):

Merci fir d'Wuert. Also wat d'Baach ubelaangt, kann ech iech effektiv confirméieren, datt wa mer vu Frankräich kommen, datt mer eng Duerchgängegkeet hunn, duerch de ganze Site, bis erop op d'Fohrmann-Plaz. Do ass natierlech da Schluss, an deem Sënn, dat mer dotëscht Organismen zwar kéinte weider sech entwéckelen, mee dat ass da rëm am Rouer. Et gëtt ee Stéck, wou mer net d'Baach kënne fräileeën, dat ass am Beräich hannert dem Match. Do ass ee Beräich, wou haut schonn d'Baach verrouert ass an dee musse mer leider loossen, well einfach do Stroosse sinn a Kräizungen, wou mer déi Baach net kënne fräileeën. Dat ass dat eenzegt Stéck, wat net proprement dit an dem PAP läit, wat awer mat am Gebitt ass, wou eng Verrouerung bleift, déi awer esou kuerz ass, datt d'Limnologen eis soen, datt dat keen Hindernis ass fir datt Fësch zum Beispill dann ebe géifen doduerch schwammen, well et eben an der Längt begrenzt ass an net wéi haut, wou dat 2000er Rouer, wat ënnert der Diddenewenerstrooss läit, dat läit iwwert ee Kilometer. Dat ass dann esou laang, datt d'Organismen effektiv do Schwierigkeeten hunn an datt d'Fësch dat och net sou gutt unhuelen, quitte datt, wéi mer Investigatioune gemaach hu mam Limnolog, och do Fësch fonnt gi sinn. Also se ginn awer doduerch. Awer et ass natierlech besser, wann déi verrouert Deeler kuerz sinn, sou datt dat net als grousst Hindernis fir d'Fësch da sech duerstellt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci. Jean, tu veux?

JEAN BRODEUR (ZEYEN & BAUMANN): Concernant les Apart-hôtels, donc ça c'était une réflexion qu'on avait eu dans le cadre de l'élaboration des quatre PAP où ce serait peut-être une nouvelle forme d'habitat ou d'une proposition qu'on pourrait faire. Pour ce qui est de la concurrence, Airbnb, c'est quand-même les gens qui vont contribuer, ils vont payer les taxes. Pour moi, c'est simplement une nouvelle forme d'hôtellerie qui s'ouvre pour les gens qui viennent travailler une semaine au Luxembourg et qui n'ont pas nécessairement envie d'aller à l'hôtel comme tel. Donc après, c'est un choix politique, à voir si ça reste ou non.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Jean, Merci Sala. Ech wëll do enchainéieren. Et dierf een net d'Gefill opkomme loossen, fir Saachen ze vermëschen. Wa mer hei „Appart-Hotel“ schreiwen, dat

heescht net onbedéngt Airbnb. Et gi ganz vill Beispiller hei am Land, an nach méi am Ausland, wou nieft engem klasseschen Hotel de selwechten Hotelier niewendrun oder déi Stroossesäit parallel zum Hotel, Appart-Hotelle geréiert, fir aner Besoinen, sief dat engersäits wann een zwou, dräi Woche, villäicht och e Mount oder zwee Méint op déi Plaz geet, respektiv Appart-Hotel wou da Famille sech huelen. Also et ass eng gängeg Approche, wou och Hotelieren nieft der klassescher Hotellerie en neien Zweig entdeckt hunn. An deem solle mer eis, mengen ech, och hei zu Diddeleng net verschléissen. An dofir, mengen ech, ass et och hei erakomm. Airbnb, déi Diskussioun ass jo éischer, dass e Private seng Wunneng verlount zu engem gewëssene Präis a wou all Contrôle effektiv deen Hotelier muss maachen, wou en och muss matdeelen, wéi vill Leit a senger Hotellerie sinn, wou en sech och un administrativ Prozedure muss halen, deementspreechend am Airbnb dee Contrôle net vorhanden ass. Dat ass hei an deem Sënn jo net virgesinn. Mee et ass am Fong eng complémentaire Aart a Weis, d'Hotellerie ze gesinn, déi jo awer scho besteet. An iwwert déi Aschreiwung hei schafe mer am Fong Méiglechkeeten.

Ech mengen, dann hätte mer den Tour gemaach. Da géife mer zum Vote iwwergoen, also den definitive Vote vun der Modification pontuelle NeiSchmelz 2. Wien ass mat där Modifikatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech villmools Merci.

3.2. APPROBATION VUM PAG „NOUVEAU QUARTIER“ „NEISCHMELZ-NORD“, VIRGESTALT VUM BÜRO „BEILER FRANÇOIS FRITSCH S.À R.L.“ AM NUMM VUM FONDS DU LOGEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir lo op den nächste Punkt iwwer wat d'NeiSchmelz betrëfft, an zwar, wéi gesot, déi véier PAPen, déi mer haut am Fong dem Gemengerot presentéieren, respektiv dann och stëmmen. Et ass engersäits de PAP NeiSchmelz Nord, dee presentéiert gëtt vum Architektbüro Beiler François Fritsch. Et ass NeiSchmelz Zentrum presentéiert och da vum Sala Makumbundu, Christian Bauer et Associés, NeiSchmelz Süden och vum Architektbüro Beiler François Fritsch an NeiSchmelz Italien effektiv vum Architektbüro Dewey Muller. Déi dräi Architektbüroen, déi sinn haut de Mueren hei, mer begrëissen se och ganz häerzlech a mer wäerte lo am Fong da successiv déi véier PAPen hei presentéieren, respektiv presentéiert kréien. Doropshin, no deene véier Präsentatiounen, wäerte mer dann och eng Diskussioun ronderëm kënnen hunn.

Wa mer haut déi véier PAPen presentéiert kréien an och stëmmen, huele mer eng weider Etapp, eng weider Etapp an der Ëmsetzung ronderëm de Projet NeiSchmelz. Mir ginn also haut en Schratt méi wäit an der Ëmsetzung vun deem wichtege Projet vun der Stad Diddeleng an natierlech fir déi véier PAPen haut hei ze presentéieren hu se schonn e gewëssene Wee hannert sech, an am Virfeld ass, mengen ech, mat ganz, ganz ville staatleche Verwaltunge geschafft ginn. Et ware ganz, ganz vill Reunounen néideg, fir och deene véier PAPen hei de leschte



Schlaff ze ginn. Et ass vill geschafft ginn an da wéilt ech och hei e ganz, ganz grouse Merci soen, engersäits un eise Service technique un d'Cathy Mambourg an un d'Eva Gottschalk, awer och un eise Partner, stellvertriedend de Fonds du Logement, der ganzer Ekip awer och den Architektbüroen. Hei ëm d'Ëmsetzung vun dësem Projet vun deene véierzeg Hektar dat war, dat ass a wäert e richteg Challenge ginn, wou awer och ganz vill Häerzblutt an dësem Projet stécht, an dat wäert een och lo mengen ech an der Präsentatioun vun de PAPe kënne gesinn. Dofir op alle Fall awer en opriichtege Merci am Numm vun der Stad Diddeleng fir déi bis dato ganz gutt Zesummenaarbecht an och fir déi weider ganz gutt Zesummenaarbecht déi mer wäert deementspriedend och hunn. Wann een e bëssen de Kader setzt, et ass jo sou dass mer am Mäerz 2018 well jo de Virlaf wou déi éischt Modifikatioun ponctuelle vu PAG NeiSchmelz gemaach ginn, ass jo duerno. Elo just hu mer de Vote définitif geholl vu Modifikation ponctuelle NeiSchmelz 2, ech mengen dat ass de Prealabel fir effektiv déi véier PAPen kënne ze presentéieren an och ze stëmmen.

Mer sinn awer och, mengen ech, ganz aner Weeër jo gaange mam Projet NeiSchmelz, well mer virop virun all Vote ëmmer och ganz staark Biergerbedeelegung mat erageholl hunn. Sief dat am Kader vun der MOPO PAG NeiSchmelz, sief dat awer och an der Ausaarbechtung vun deene véier PAGen. Mer hate jo och am Juni 2018 en zimmlech interessante Workshop ronderëm déi véier PAPen, an do si jo eng ganz Rei lwwerleungen déi an der Biergerbedeelegung gemaach goufen och hei an de PAPen ganz kloer agefloss. Déi véier PAPen sinn och an d'Prozedur geschéckt ginn an dat gesitt dir jo och an Hand vun deenen Deliberatiounen. Dat war den 12. Oktober 2019 och alles virun der Date butoir vum 1. November 2019. Mer haten och, och wann et net obligatoresch bei PAPen ass, hate mer awer och de 14. Oktober 2019 hei am Centre culturel op der Schmelz déi ëffentlech Presentatioun vun deene véier PAPen, wou jo och ganz vill Leit dann hei waren a konnten Ablécker maachen. Wei gesot an effektiv Ausrichtung vum PAP Norden, Zentrum, Süden an Italien déi alleguerten, all véier, hir Particularitéiten hunn an awer mengen ech zesummen en Ensembl och ganz kloer ginn, well dat hei jo e Projet ass, wou souwuel de Fonds du Logement wéi mat der Stad Diddeleng zesummen Developpeur ass. Wann ee weess, dass de Fonds du Logement 80% Proprietär ass vun den Terrainen an d'Stad Diddeleng 20% Proprietär ass vun den Terrainen, mir hunn jo hei den Challenge deen och besteet. Dat wäerte mer och gesinn, am Kader och vun de PAPen, déi néideg Ubannungen ze maachen zum Zentrum, zu de besteende Quartier Italien a Schmelz an awer och d'Entrée am Süden ze markéiere wann een effektiv vu Volmerange-les-Mines op d'Lëtzebuurger Säit deementspriedend eriwwerkennt.

Also och do eng urbanistesche Erausforderung an natierlech an deene véier PAPen wäert jo och generell déi Mixitéit vun de Funktiounen sech erausschelen déi een hei am Projet NeiSchmelz fënnt. Nieft der sozialer Mixitéit déi och vorhanden ass, an dat hei jo och an Diskussiounen haten am Kader och vun der Saisine vum PAG,

ass dat heite lo och en Projet wou mer jo och Wäert setzen op Inneverdichtung an der Staat Diddeleng. Jo, e Wunnungsbauprojet mee net nëmmen e Wunnungsbauprojet, e komplett neie Quartier, deen entsteet an och eng eegestänneg Identitéit huet an déi am Fong d'Identitéit vun de besteenden Diddelenger Quartiere wäert vervollstännegen. E Quartier, och dat gesi mir an deene véier PAPen, dee ganz modern an innovativ wäert ginn, verschidde Wunnformen ëm déi dausend Wunnunitéiten. An awer och e Quartier, déi Diskussioun hate mer och schon am Kader vun der Modifikatioun ponctuelle vum PAG, d'Ënnerschreift fënnt een och an de PAPen, wou och den Industriepatrimoine ganz kloer hei zur Geltung kënnt. Et ass natierlech och eng Opportunitéit, dëse Projet kënne ze entwéckelen. Mir gesinn en net als Konkurrenz zu de besteende Quartieren. Mee, wei gesot, e vervollstännegt se an et fënnt een natierlech déi Funktioun vun natierlech hei kënne liewen, schaffen, Fräizäitgestaltung, Kultur, de Commerce, ëffentlech Infrastrukturen, souwuel staatelech wei och kommunal, ëffentlech Plazen, e Projet deen och sech a Proximitéit setzt, also och e Projet deen d'Zukunftszeeche vun Diddeleng setzt: Moderne Quartier, dee ganz kloer de Lien mécht mat senger industrieller Vergaangenheet, deen also net d'industriell Vergaangenheet brécht, mee deen déi, mengen ech, ganz kloer als Partie integrante gesäit an och dat ervirsträicht an dat fënnt een an dëse véier PAPen erëm.

Ech mengen, fir do unzeschléissen, wat den Direkter vum Fonds du Logement gesot huet: dat heien ass e Projet, dee béide Säite ganz ganz wichteg ass an wou mer och mat Héichdruck dru geschafft hunn an dru schaffen. Haut kënne hei am Gemengerot déi véier PAPen ze presentéieren an och iwwerzegoen, weist mengen ech dass an der ganzer viller Aarbecht déi mir geleescht hunn, mer lo prett sinn déi nächst Etapp ze huelen. Dofir géif ech och ganz ganz gären d'Wuert da weiderginn, fir dass mat der éischter Presentatioun kann ugefaange ginn.

TOM BEILER (BEILER FRANÇOIS FRITSCH ARCHITECTES): Schéine gudde Moien, mäin Numm ass Tom Beiler vum Büro Beiler François Fritsch. Ech wollt lech lo mol fir d'éischt eng Präsentatioun maache vum PAP Nord. U sech ass et praktesch de klengste PAP, deen der hei nach eng Kéier gesitt, dat sinn 2,6 Hektar op deem herno am Endeffekt kënne 22000m² ronn developpéiert ginn. Den éischten Defi, dee mir u sech haten, dat war d'Definitioun vun der Place Fohrmann. Ech mengen Dir kennt se am ablécklechen Zoustand, et ass e Parking virum Supermarché. Zousätzlech dozou ass nach hei wou d'Strooss am Ament agezeechent ass. E weideren Parking, an dat éischt wat mer gemaach hunn, ass ze kucke wéi mer déi Plaz kënne nei definéieren, fir, ech kommen duerno nach eng Kéier drop zeréck, d'Funktionalitéiten op der Plaz och ze definéieren. Dat heescht, mer hunn och laanscht déi Plaz en neit Gebai virgesinn. Dat ass e Gebai, wou déi ëffentlech Funktiounen dann och dran integréiert ginn. Dat ass natierlech awer och e Gebai, wou Funktiounen wéi Restauratiounen a sou weider kënne zum Liewe vun der Plaz hei bäidroen.



Dat heescht mir hunn hei op der Place Fohrmann en neien Ensembl, en neit Gebai mat engem Bannenhaff dran, dat no Süden u sech op ass, wat en Bâtiment mixte ass. Dat heescht, ech hunn et scho gesot, ëffentlech Funktiounen, sou wéi Police och kënnen dran integréiert ginn, wou dann och Wunnenge virgesi sinn. Des weideren hunn mer laanscht, also ech kommen nach eng Kéier kuerz drop zréck, hei Diddenewenerstrooss, déi ass jo nei realiséiert hei an dësem Plang, dat heescht am Moment leeft se jo laanscht d'Gäert vun den Haiser, dat heescht se gëtt eriwuer versat a mécht domadder de ganzen Terrain fräi, deen nei kann developéiert ginn. Relativ no zur Place Fohrmann hu mer dann och eng Funktionalitéit virgesinn, dat heescht dat sinn à la base Logementer. Do kann awer zum Beispill och d'Fondatioun Kräizbiereg mat dran integréiert ginn, dat heescht mir hunn am PAP - am PAP musse mer jo just Méiglechkeete gi fir dass verschidde Funktiounen kënnen dran integréiert ginn - dat heescht mir hunn am PAP definéiert datt de Rez-de-chaussée eng Iwwerdéift huet, 20m déif. Dat hu mer eben op Basis vun engem Programm, dee mer ausgeschafft hu mat der Fondatioun Kräizbiereg, esou definéiert, dass se hir ganz Funktionalitéit do um Rez-de-chaussée kënnen integréieren an zousätzlech op de Stäck dann awer och kënnen Wunnenge realiséieren vu Leit, déi eben eng méi grouss Indépendance hunn, déi awer nach bei hinnen an der Struktur dra sinn.

Wann en da weider geet, de Projet, dann hu mer Funktiounen vun den typesche Funktiounen vu Logement, dat geet vum Appartement bis op d'Eefamilljenhaus. An hei heinidden, an der südlecher Extremitéit bei der Rue du Centenaire, do hu mer dann nach e Gebai wou Appartements dra virgesi sinn, wou dann och e Rez-de-chaussée ka realiséiert ginn, wou eng bësse méi eng ëffentlech Funktioun, wéi e Commerce, wéi eppes anesches ka realiséiert ginn. Do kann och en Atelier entstoën, dat ass op Basis vu verschidde Remarquen, déi mer aus de Remarquen ebe matgeholl hunn. En Atelier, dat kann e Vélosatelier sinn, dat kann iergendwéi eng Sozialfunktioun hunn, wou Leit sech ebe kenne begéien an zesammen enger Aktivitéit nooen. Hei gesitt dir dann nach eng Kéier déi verschidde Funktiounen. Wat hei ervirzesträichen ass, dat ass dass hei op der strategescher Plaz am Norde vum PAP d'Funktionalitéit vun der Police integréiert kann ginn, dat heescht do kënnen mer souwuel um Rez-de-chaussée e Kommissariat maachen, wei och op de Stack Bürouen integréieren. Déi aner Funktionalitéiten hat ech schonn erkläert e bessen, méi Detail, Wunnengen. Mir hunn natierlech och verschidden Typologien, déi ee lo net hei ka ganz gutt liesen. Ech hu scho geschwat vun der Fondatioun Kräizbiereg, dat heescht dat ass natierlech dann och sou, dass op de Stäck uewendriwwer och Logementer kënnen realiséiert ginn, déi op verschidde Besoine kënnen adaptéiert ginn. Mir hunn éischter d'Appartements, d'Eefamilljenhaiser zu der südlecher Extremitéit an dann eben um Kappgebaai, wou mer ganz no um Zentrum sinn. Do kann ee sech och aner Manéieren, wei een zesummewunnt virstellen, dat ka vun enger Kooperativ bis iwwer multigenerational Wunne goen, dat heescht do sinn alleguerten déi Méiglechkeete ginn.

Nach eng Kéier zur Place Fohrmann wei se dimensionéiert ass. Typescherweis all Kéiers wann een en urbanistesche Projet mécht, da vergläicht een d'Plaz nach eng Kéier mat der Place d'Armes, mat der Plëss. Ech mengen, dat ass eng Plaz, déi kennt jiddweree vun der Gréisst, déi ass och eben sou gutt oder sou markant definéiert an dat ass ongeféier d'Plaz oder d'Gréisst vun der Plaz vun der neier Fohrmanns-Plaz. Wann ee lo kuckt a mat der Gemeengeplaz vergläicht, da gesäit een den Ensembl vun deene Plazen och virum Commerce, dat si ronn 8000m², kann ee vergläiche mat 2500m², dat heescht déi si complémentaire zur Gemeengeplaz wéi se lo besteet. Wéi sinn déi zwou Plazen a Relatioun mateneen? Gemeengeplazen, also vun Ufank un, wou mer eben um Site waren, hu mer d'Proximitéit zum Pavillon vun der Gemeengeplaz gesinn. Eis war et dann eben och ganz wichteg, well mer hei d'Méiglechkeet haten, déi zwéi Projeten, also de Projet u sech mat dem Zentrum, mat der Gemeengeplaz, ze kombinéieren, deen urbanistesche Lien eben hierzestellen. Dofir hu mir och d'Gebai e bëssi méi kuerz gemaach. Mir hunn déi Beem, déi am Abléck do stinn, souwäit et geet och gehalen. Do sinn natierlech och Infrastrukturen drënner fir REVAS an sou weider, dat heescht do mussen natierlech och e puer Beem awer dem Projet wäichen. Mir ersetzen déi awer direkt, oder deplacéieren wann et dann nu eemol méiglech ass oder setzen se an den neie grénge Amenagement wat mer dann tëscht deenen zwou Plaze kreéieren, wou mer dann iwwert d'Karl Marx-Strooss da souwuel e visuelle Lien, wei och e funktionelle Lien dann ebe schafen. Op der Place Fohrmann kann ee sech dann och natierlech e Pavillon virstellen, wou een eventuell ka Restauratioun oder soss eng Funktioun ënnerbréngen.

Hei nach eng Kéier d'Plaz mat dem neien Amenagement. Ee ganz wichtige Punkt, dat ass am Moment d'Waasser, wat op der Plaz ass. Dat ass gefillte véier Meter vun der Iwwerfläch, wou d'Leit ebe spadséieren ewech an do probéieren mir dann och iwwert de ganze Projet vu Renaturéierung vun der Baach hei d'Waasser zwéi Meter méi erop ze hiewen. Dat gesitt Dir och hei uewen am Schnëtt, dat heescht déi Leit, déi herno op der Plaz sinn, spieren och wierklech an dem Amenagement d'Präsenz vum Waasser. Ech mengen dat ass en neit Element, wat eis ganz wichteg war dohinner ze bréngen oder ze ënnersträichen. Déi verschidde Funktionalitéiten hei nach eng Kéier an engem klengen Schema. Och un d'Kiermes ass natierlech geduecht ginn, hei gesitt Dir dann eng Kéier den Detail vun der Reewaassergestioun wéi mer dat sou natierlech wéi méiglech wëlle gestalten. Kiermesplaz, mir hunn hei eng Kéier d'Kiermesplaz geholl wéi de Programm am Ablack dann eben ass a mir hunn déi Funktionalitéiten anesches opgedeelt, bësse méi eng Kiermes, déi de ganzen Zentrum praktesch vun Diddeleng anhëlt, sou dass d'Kiermes an der Gréisst, wéi se lo ass och nach ëmmer méiglech wier.

Voilà e ganz wichtige Punkt, dat ass natierlech ëmmer déi grouss Fro vun de Parkplazen. Am Ablack ass d'Situatioun déi, dass mer ronn 250 Parkplazen hunn. Déi 126 Parkplazen, déi hei provisoresch sinn, wou herno eben d'Diddenewenerstrooss realiséiert gëtt, dat ass e provisoresche Parking deen an dem Calcul theoretesch



jo awer net soll optauchen. Mee mir hunn dat Ganzt hei nach eng Kéier, d'Situatioun wéi se am Ablack ass, schematiséiert an da gesitt Dir déi nei Situatioun vun de Parkplazen. Dat heescht mir hunn hei am PAP Norden d'Particularitéit, dass mer ouni Problem och dāerfen, kënnen ënnerkelleren. Mir hunn dann och dovunner profitéiert, well mer och net wëllen an den Zentrum wierklech Volume setze wou d'Fassad eben Autoe waren, dofir hu mer dann déi Volummen hei ënnerkellert. Mir kréien do insgesamt 465 Parkplazen dran, dovunner si weiderhin 226 Parkplazen ëffentlech, 31 Parkplaze sinn da fir d'Police reservéiert, dat heescht do sinn der och sechs déi direkt accessibel si fir eng méi schnell Interventioun dann eben ze erlaben. Da kommen an déi 100 Parkplaze fir d'Logementer an déi aner Parkplazen, déi 90 Parkplazen déi Der hei nach weider gesitt, 98 Parkplazen, déi si vir déi aner Funktiounen, déi an deene Volume kënnen realiséiert ginn, dat heescht déi haaptsächlech vun den Administratiounen. Voilà, hei gesitt Der dann nach eng Kéier d'Situatioun vun dem Plang vum PAP am 3D. Do war dann och d'Fro komm mat dem Kappgebai, op een dat net eventuell kéint méi héich maachen. An do war ganz kloer och vun der Gemeng de Wonsch, déi Gabariten eben op Gabariten ze beloossen, déi et och schonn am Ëmfeld ginn. Dat heescht haaptsächlech dat Ganzt op véier Stäck ze limitéieren.

Hei nach eng Kéier aus dem Résumé, aus dem Feedback, aus de Workshopen. Ech mengen do war haaptsächlech och de Match deen natierlech interesséiert war par Rapport zu de Parkplazen, deen och par Rapport zu der Fassad interesséiert war, wéi een déi kéint integréieren an dann awer och wéi déi Volume kéinten zi engem weideren Zäitpunkt evoluéieren. Dat ass och e Grond firwat dass mer dat viischt Gebai sou realiséiert hunn an der Form déi et lo huet: Dat ass dass een zu engem zweeten Zäitpunkt, spéideren Zäitpunkt, wann dat Gebai eventuell, wat eng grouss Surface eben anhëlt, géif ewechgeholl ginn, dass een do kéint sech e PAP virstellen, déi Plaz dann direkt mat der Liichtstrooss géif verbannen. Voilà, ech mengen dat waren déi Hauptpunkten. Déi aner Punkten, op déi sinn ech schonn agaan. Ech soen lech Merci.

3.3. APPROBATION VUM PAG „NOUVEAU QUARTIER“, „NEISCHMELZ-CENTRE“, VIRGESTALT VUM BÜRO „CHRISTIAN BAUER ASSOCIÉS ARCHITECTES S.A.“ AM NUMM VUM FONDS DU LOGEMENT

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES S.A.): Ech hunn dann d'Freed, fir lech de PAP Centre virzestellen. Dee PAP ass e bësse méi grouss wéi de PAP Nord. Dat si ronn 13,3 Hektar an der Emprise, schléisst awer direkt un de PAP Nord un, wann ee weider no Süde kënnt. En huet eng Partikularitéit, op déi ech elo gäre wëll agoen. Hei nach eng Kéier de Zoom. Fir d'éischt wéilt ech ënnersträichen, dat och hei wéi an den anere PAPen och, eng ganz Aarbecht gemaach ginn ass, fir wierklech eng Mixitéit vun de Funktiounen ze kréien. Et war scho gesot ginn, natierlech gëtt zu NeiSchmelz am neie Quartier NeiSchmelz gewunnt, mee et sinn och ganz vill aner Funktiounen, fir datt mer wierklech e liewege Quartier wäerte schafen, wou d'Leit

net nëmmen an enger Cité Dortoir sinn, mee wou och Commerces de proximité sinn, wou och ka geschafft ginn, wou kulturell Ariichtunge sinn an och ëffentlech Infrastrukturen. An de PAP Zentrum ass do villäicht e ganz gutt Beispill, well mer hei ganz vill verschidde Funktiounen hunn. Ech probéieren dat elo mol hei ze weisen. Also hei ass jo de Waassertuerm mam Pomhouse, wat der kennt an et ass integréiert. Do hu mir näischt geännert. An do kënnt e ganze Pool, dee kulturell Funktiounen ka kréien, awer och Gastronomie ka kréien an Hebergement. Ech mengen, d'Gemeng huet jo do envisagéiert villäicht e Familljenhotel ze maachen. An deem heite Gebai si kulturell Funktiounen virgesinn, déi hoffentlech schonn am Kader vum Kulturjoer kënnen ufänken an dann eben um Site perenniséiert ginn. Am PAP Zentrum hu mer och deen heite Îlot virgesinn, fir eng Primärschoul/Maison Relais mat enger klenger Sportshal. Dat ass natierlech och eng ganz wichteg Infrastruktur, well mer jo lo hei e Quartier mat iwwer 2300 Awunner wäerten hunn. Do brauche mer natierlech och eng entsprechend Schoulinfrastruktur. Déi gëtt hei am PAP Centre méiglech. Et ginn och aner ëffentlech Projeten, wou schonn dru geduecht gëtt, wéi zum Beispill hei op der Sait vum Quartier Schmelz, wou dann och eng Salle polyvalente ka kommen. Do ass e ganz ambitiöse Projet schonn ënnerwee, deen och an d'Economie circulaire agräift.

Den Hotel ass hei an deem heite Beräich ugeduecht, no bei der Gare. An natierlech hu mer eng Panoplie vu Wunntypologien, déi och ënnerschiedlech sinn. Dat heescht, mir hunn op der enger Sait Apparterementen virgesinn a verschidde Formen, wou och zum Beispill Méiglechkeeten si fir Collocatiounen. Et sinn awer och – dat sinn déi blo Flächen hei – Reienhaiser virgesinn. Eischer an engem Beräich, deen e bësse villäicht méi roueg an net direkt am Cour des Hauts Fourneaux läit. Déi giel Beräicher hu mer esou, wat mir nenne „Stadhaiser“ virgesinn. Dat sinn am Fong Bifamilialen, wou ee sech ka virstellen, dat Duplexen iwwerteneen sinn, e bësse méi eng stättesch Situatioun, eng stättesch Typologie. Et sinn natierlech, hunn ech schonn ugeschwat, och Commerces de proximitéën ugeduecht. Et ass net gewënscht, natierlech, dass hei eng Konkurrenz zum Zentrum soll geschéien, mee et ass awer schonn de Wonsch, datt déi Leit, déi do wunnen, awer kënnen bei de Bäcker goen, sech emol eng Zeitung kafen, eng Botzerei oder eng Apdik kennen do fannen, villäicht och eng kleng Superette. A mir hu proposéiert, déi Commercen op den Hauptachsen ze positionéieren, entweder hei laanscht déi Verbindungsstrooss, déi d'Diddenewenerstrooss mat der Monerengerstrooss verbënnt, oder laanscht de Cour des Hauts Fourneaux, wou mer hei wierklech Beräicher hunn, wou mer Commerce kënnen virgesinn, wou dann och genuch Visibilitéit ass a genuch Leit och laanschtkommen, fir datt déi Commercen och kënnen wierklech ebe liewen. Am PAP Zentrum hu mer contraiement zu wat am PAP Nord ass, Parkdecken, well mer hei keng Méiglechkeet hunn an de Buedem ze goen an ebe wéinst der Buedembelaaschtung, déi do ass. An déi Parkdecken sinn hei laanscht d'Diddenewenerstrooss positionéiert, sou datt se och en akustesche Schutz kënnen bilde fir de Quartier. An den nördleche Parkdeck,



deen ass net nëmme fir de Quartier selwer. E beinhalt och eng gewëssen Unzuel u Plazen, déi vun den Awunner vum bestoende Quartier Italien kënne benotzt gi fir de bestoende Quartier Italien e bëssen ze desengorgéieren, well do net vill Parkplaze sinn. An deen ass jo da vun hei einfach ze erreechen, wat elo hei net duergestallt ass, iwwert eng Passerelle, déi virgesinn ass, déi deen heite Parkdeck da mat dem Quartier Italien hei ka verbannen. Wat dann esou e bëssen dékaléiert duergestallt ass, hei am Gréngen, dat ass eng Spezifizitéit, déi och hei am PAP Zentrum virgesinn ass. Do hu mer Dispositiounen virgesinn, fir den Urban Farming op den Diech vun de Parkdecken, respektiv och um Daach vun der Schoul, wou mer ganz kloer definéiert hunn, datt wann do e Projet kënnt, datt een dann där e Stack dropsetzen, awer nëmme fir den Urban Farming, net fir aner Funktiounen. A firwat och op der Schoul? Well dat natierlech en didakteschen Hannergrond kann hunn, wou d'Kanner natierlech do och kéinte mat participéieren.

Voilà, e puer Impressiounen fir einfach ze soen, wéi sech d'Mixitéit vun de Funktiounen kann duerstellen, an och mat de Parkdecken, déi natierlech an enger Architektur solle gehale ginn, déi natierlech och engem qualitative stättebaulechen Ëmfeld entsprécht, also lo net – ech soen dat lo villäicht e bësse pejorativ – sou einfach banal Parkdecken, wéi een se op anere Plaze fënnt. Mee do ass dann och eng Aarbecht ze maache vun der Fassad. Dat ass och an den Annexe vum PAP an engem Manuell mat duergestallt. De PAP Zentrum huet wéi aner PAPen och e Patrimoine aus der industrieller Zäit, deen hei mat integréiert ass. Dat ass dann iwwert d'Waassertuerm an d'Pomphouse eraus och déi aner Gebaier, déi lo hei schwartz duergestallt sinn. Et sinn awer net nëmme Gebaier. Mir hunn och virgesinn, do verschidde bestehend Maueren ze halen, verschidde Schinnenelementer kënne bäizebehalen am ëffentleche Raum. An déi fréier Positiounen vun den Héichiewen, déi sollen och an den Amenagement vun dem Cour des Hauts Fourneaux mat integréiert ginn. Net ze vergiessen och déi Waasserbassinen, déi och bestinn an déi natierlech och erhalen ginn an och an de Projet mat integréiert ginn. Voilà, hei gesäit een nach eng Kéier déi verschidde Gebaier, déi am PAP dra sinn. Ech mengen, do muss ech net méi am Detail drop goen. Dir kennt et all perfekt. An et ass eben och geduecht, dass déi Gebaier, déi eng ganz eege Charakteristik hu mat Zillebauwierker, mat Stolstrukturen, datt déi eben all Gebaier, déi um Inventaire supplémentaire stinn, renovéiert ginn a rëm mat Liewe gefällt ginn, fir dann de Quartier ze beräicheren, notament dann ebe kulturellen, gastronomeschen a Fräizäitfunctiounen.

Et gëtt fir de ganze PAP Zentrum natierlech och e landschaftsplanerecht Konzept, dat sech aus verschiddenen Elementer zesummesetzt. Wa mer elo villäicht mat der Baach ufänken. Wéi mer scho virdru gesot hunn – déi kann ech hei weisen – do hu mer dann de Cour des Hauts Fourneaux, wou d'Baach vu Beem begleet gëtt. Et ass eng Mëttelzon, déi am Fong eng Gréngzon ass, déi déi Baach begleet, déi sech verlängert bis Richtung dee Waasserpark, wéi mir et nennen, wou dann och déi Fëschtrap dran ass. Am Ufank vum

Waasserpark ass och virgesinn, datt deen haut scho provisoersch ugeluechten Urban Gardening – net ze verwiessele mat Urban Farming – datt deen do och soll eng definitiv Plaz fannen. Also d'Iddi ass, dass déi Initiativen, déi elo schonn do sinn, och iwwer d'Zäit sech dann definitiv am Quartier verankeren. An dofir hu mer dann och am PAP direkt eng Plaz dofir virgesinn. Dann hu mer hei ronderëm déi historiesch Gebaier virgesinn, eng vertikal Beplanzung ze maachen. Dat war en Thema, deen och am Echange mat de Bierger ëmmer rëm rauskomm ass, datt d'Bierger ëmmer rëm gesot hunn „Hei, dir musst genuch Gréngs virgesinn.“ Dat hei ass elo haut eng ganz eidel Fläch a mir géifen eis wënschen, dass do wierklech vill Vegetatioun kënnt an deem hu mer och vill Rechnung gedroen an deem heite PAP. Dann hu mer natierlech nach gréng Flächen an den Îloté selwer. Dat si Flächen, déi och semi-ëffentlech sinn. Dat heescht d'Leit kënne do duerchgoen. Dat ass elo net e geschlossene Beräich, deen nëmme fir d'Awunner ass, mee dat ass eben och informell kuerz Weeër am Quartier, déi dann doduercher erméiglecht ginn. An deene Beräicher maache mer och Reewaasserretentioun a mir hunn och an den Interieur d'Îloté, awer och a Beräicher wéi hei oder do och Spillplaze virgesinn am ëffentleche Raum, fir datt och d'Kanner verschidde Méiglechkeeten hunn, do ze spillen oder villäicht esouguer e puer Sportgeräte ze hunn. Voilà, hei sou e puer Croquisen, déi de Paysagiste gemaach huet, wéi ee sech dat da ka virstellen, wa Beräicher déi haut ganz mineralesch an eidel si begrängt ginn. Mir hunn zwar eng relativ héich Densitéit am PAP Centre, mee et wäert een net vill spieren duerch déi zousätzlech Amenagementen am ëffentleche Raum, déi ganz vill Gréng beinhalten.

D'Mobilitéitskonzept ass ëmgesat am PAP Zentrum, haaptsächlech duerch zwee grouss Beräicher. Een dee reng Foussgänger- a Vélosberäich ass hei nieft dem CNA ronderëm de Bassin bis bei d'Pomphouse. An dann eben de Shared Space, deen hei esou gielzeg duergestallt ass, wou dann eng Gläichberechtigung ass vun all Verkehrsteilnehmer, sief et de Foussgänger, de Vélofuerer oder den Autofuerer. Déi eenzeg, loosse mer soe „klassem Strooss“ ass dann d'Verbindungsstrooss hei, wou mer awer eng Zone 30 hunn. Dat ass lo net, datt d'Leit do sollen duerchrennen. Mir sinn och frou, datt mer an dem Echange mat der Ponts et Chaussées lo konnte festhalen, datt d'Diddenuewenestrooss vun hei u bis dann an den Zentrum, also och matte laanscht de PAP Nord, dann eng stättesch Strooss soll ginn, mat enger Limitatioun op 50 km, wou dann d'Leit eben net méi rennen a wou mer dann och kënne Zebrastreifen maache wou Foussgänger einfach déi Strooss kënne quieren. Zousätzlech hu mer natierlech duerch déi Topographie, déi mer hu Richtung Italien hei op dëser Plaz eng Passerelle virgesi fir Vélo a Foussgänger. A wéi schonn ugedeit: Am Beräich vum Parkdeck och Méiglechkeete fir erop an Italien iwwert eng Passerelle ze kommen. Am Beräich vum Parkdeck kënne mer do och e Lift mat integréieren, sou dass dat awer och fir d'Personnes à mobilité réduite wäert méiglech ginn. D'Parkdecken hunn ech schonn ugeschwat. Eng Exceptioun hu mer och hei, wou mer e bëssen ënnerierdesch kënne parken. Dat ass an deem heite Beräich, wou mer duerch eng Topographie



déi ebe besteet, déi mer ausnotzen, fir do am Fong en Niveau sous-terrain ze schafe fir ze parken. An och hei, änlech wéi mer et mat de Parkdecke gemaach hunn, hu mer eng Reserve vu Plaze virgesinn, fir de Quartier Schmelz – haut ass jo do eng Parkplaz bei der Kierch – an déi Plaze ginn natierlech dann integréiert, fir datt de Quartier déi net soll verléieren.

Hei eng Impressioun lénks mat de Biller: Wéi kann de Shared Space ausgesinn? Dat muss ech lech am Fong net weisen. Dir hutt e flotte Shared Space hei schonn an der Gemeng. Do ginn et ganz vill flott Méiglechkeeten, dat dann herno ëmzesetzen. De Plang riets weisen ech fir ze soen, datt och eng ganz Reflektioun gemaach ginn ass, fir déi Vëloen ënnerzebréngen an de Gebaier. Dat sinn ëmmer déi orange Zonen, déi hei duergestallt sinn. Mir wëlle wierklech jo hei en durabele Quartier, mat engem staarken Accent op d'Mobilitéé douce. An déi Vëloer mussen awer och anzwousch kommen. An do hu mer deem och Rechnung gedroen an den Definitioune vun de Surfacen, datt genuch Plaz do ass, Vëloen ze integréieren an déi verschidde Gebaier.

Aus den Echangé mat de Bierger waren och verschidden Themen hei als méi wichteg ugesi ginn, wou mer drop reagéiert hunn. Ech hu schonn ugeschwat, datt de Wonsch war, wierklech vill Gréng an de Quartier ze bréngen, wat mer natierlech ganz mat ageschafft hunn. Dir wësst jo och datt am Gesamtkonzept virgesinn ass, datt gréng Diech iwwerall virgesi sinn. Mir hunn den Urban Farming, mir hunn den Urban Gardening. Mir hunn also wierklech hei op verschidde Niveaue geschafft, fir de Quartier wierklech och gréng ze maachen. Ganz wichteg war de Bierger ëmmer och dat, wat am PAP Nord och scho virgeschloe ginn ass, datt Méiglechkeeten do si fir sech ze begéinen, fir sozial Aktivitéiten. Dat ass am PAP Zentrum och virgesinn, mat der Salle polyvalente, déi d'Gemeng jo envisagéiert, mee och mat der Maison communautaire, wou de Fong am gaangen ass, Iwwerleeungen ze maachen, déi hei ze implantéieren. Dat kann also e wichtige Pôle d'échange ginn, och fir d'Bierger: Lieux de rencontre kommen egal wéi, dat ass natierlech méiglech. Och Terrassen, dat ass guer kee Problem. A fir d'Kulturjoer si mer jo schonn amgaangen, déi éischt Reflektiounen ze maachen, fir den Ufank ze maache vun de kulturellen Aktivitéiten um Site, sou datt mer mengen, datt mer hei awer ganz e flexibelen an interessante PAP hunn, wou mer eng grouss Mixitéit wäerte kréien an e liewege Quartier kënne schafen. Wat grafesch net gutt duerstellbar ass, wat awer och integréiert ginn ass, sinn déi Reflektiounen iwwer d'Economie circulaire, wou mer eng ganz Etüd gemaach hunn, déi an den Annexen och ze fannen ass vum PAP. Voilà, domadder hätt ech déi wichteg Punkten erläutert. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER):

Merci och dem Sala Makumbundu. An d'Relève iwwerhélt PAP Süden.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES S.A.): Voilà, do kënnt nach d'Partie graphique.

3.4. APPROBATION VUM PAG „NOUVEAU QUARTIER“ „NEISCHMELZ-SUD“, VIRGESTALT VUM BÜRO „BEILER FRANÇOIS FRITSCH S.À R.L.“ AM NUMM VUM FONDS DU LOGEMENT

MATHIAS FRITSCH (BEILER FRANÇOIS FRITSCH ARCHITECTES): Gudde Moien. Mäin Numm ass Mathias Fritsch, och vum Büro Beiler François Fritsch an ech presentéieren lech de PAP Süden. De PAP Süden ass e ganz interessante Projet an der Hisiicht, et ass eng grouss Zon vu 15 Hektar, déi awer am Fong tëschent zwou Stroossen, dat heescht der Didenuewenersstrooss an der Wolmerengerstrooss e bësse gequëtscht do ass. An dat zitt sech natierlech op eng ganz laang Distanz. An ech mengen den Haupt-, oder déi Hauptpunkten, déi an dem PAP wichteg waren, dat ass: Wéi bréngt een et fäerdeg, iwwert esou eng grouss Distanz, interessant Parcoursen ze schafen, eng Mixitéit vun de Funktiounen ze kréien an och datt d'Liewe permanent an deem Quartier am Fong stattfënnt an net datt een am Fong an engem Quartier ass, wou een Deel nëmmen daagsiwwer funktionéiert an een Deel nëmmen owes funktionéiert. Dofir hu mer och probéiert, déi Mixitéit – dat gesi mer herno – wierklech esou eng Repartitioun ze maachen, dass dat méiglech gëtt. En anere wichtige Punkt an dem PAP ass natierlech d'Präsenz – hei – och vum Hall Fondoucq an hei vun der Schmelz.

An dann natierlech d'Gebai vum Laminoir, wat en immens laangt Gebai ass, wat och eng enorm Präsenz an der Landschaft huet a wat wierklech de ganze PAP am Fong orientéiert. An dann en aneren interessante Punkt ass natierlech och d'Ubannung zu Frankräich. Dat ass dann hei. An natierlech och d'Relatioun zur Landschaft an d'Relatioun zu der aktueller Stad, wéi hei op der Wolmerengerstrooss eng ganz Klengdeeleegkeet opfënnt. An ech mengen do sinn iwwerall Eefamilljenhaiser: Voilà, dat heescht mir hu probéiert, op all déi Punkte wierklech anzugeen an ze reagéieren. An dat ass et elo hoffentlech. Den éischte Punkt, dee wichteg ass, dat ass dass een e Rhythmus an déi Promenad am Fong kritt. Dat heescht do sinn dräi Plazen, déi am Fong geschaaft ginn. Dat eent ass d'Place du Laminoir. Dat ass wierklech ganz um Ufank vum PAP Süden. Dann hutt Dir hei an der Mëtt d'Waasserplaz. Dat ass och eng Plaz, wou mer de Laminoir e bëssen opgebrach hunn. Ech mengen d'Iddi ass jo och, dass de Laminoir a senger Struktur soll bestoe bleiwen an ënnert déi Struktur solle Gebailechkeete kommen, wou haaptsächlech Servicer kommen. Mee mir hunn awer och hei, an der zentraler Plaz hu mer och ënnert dem Laminoir Wunnen ënnerbruecht, villäicht ënnert anere Formen, wéi déi méi kllassesch Formen.

An dann hutt der ganz zum Schluss rëm eng ëffentlech Plaz, an dat ass éischer dann e Park, wou d'Haaptthema d'Waasser ass, well do ass och eng grouss Retentioun. An dat ass dann och d'Connectioun zu Frankräich. Voilà, dat do, do gesitt Der de Patrimoine, de Bestand. Do waren natierlech vill Diskussiounen. Wat kann dohinner kommen? Haaptsächlech den Hall Fondoucq. Soll dee gehale ginn, net gehale ginn? Schlussendlech ass de PAP lo sou flexibel gestallt, dat do am Fong eng ganz Rei vun Aktivitéite spéider kënne kommen, ob dat elo



méi kommerziell oder méi Servicer sinn, ech mengen dat ass haut nach net 100% kloer. Voilà, hei ass eng Foto wou ee wierklech gesäit, déi Presenz vun deem Patrimoine, déi am Fong wierklech am PAP Süden, jo, dat ass am Fong d'Hauptbild vum PAP Süden. Hei gesäit een elo wierklech d'Repartitioun vun de Funktiounen. Dat heescht mir hunn hei am Ufank mat der Place du Laminoir effektiv dann do, wéi d'Sala och virdru sot, éischter kulturell a Gastronomieservicer, hei verbonne mat engem Sammelparking. Ech mengen dat ass d'Konzept duerch all d'PAPen, ausser PAP Norden, dat ass eng kleng Exception, datt een ëmmer Sammelparking an verschidde Plaze fënnt. Hei bei eis do an do. An dann ass hei natierlech en oppene Parking laanscht de Laminoir. Dat ass d'Iddi, datt d'Autoe wierklech konzentréiert ginn op verschiddene Plazen an doduercher am Fong am Quartier d'Presenz vum Auto immens reduzéiert ass. Well dann hu mer d'Place du Laminoir, déi dann och kombinéiert ass mat den éischten Travéeën vum Laminoir, wou de Skatepark soll hikommen. Ech mengen dat war och e grouss Wunsch vun der Bevëlkerung. An dann hu mer am Fong duerch de ganze Laminoir, do kommen da Volumen, déi sech a verschiddenen Déiften do rapassen. Déi stinn autonom am Fong ënnert der aktueller Struktur, déi natierlech ganz renovéiert gëtt. An do kommen dann ebe Büroen, Servicer, deelweis och kleng kommerziell Aktivitéiten, haaptsächlech méi hei zum Schluss, och a Kombinatioun mat Park a Gastronomie.

An dann hutt Der hei am Fong laanscht d'Wolmerengers-trooss éischter erëm déi Klengdeeleegkeet, wou dann haaptsächlech Wunnen ass, och éischter ënnert der Form vun Eefamilljenhaiser. An da vis-à-vis vum Laminoir, och well de Laminoir eng gewëssen Héicht huet a well en effektiv och eng enorm Präsenz huet, schaffe mer hei mat Volumen, déi awer e bësse méi héich sinn. An do ass dann éischter kollektiivt Wunnen oder Residenzen oder intergenerationellt Wunne punktuéiert, awer och mat, deemno wéi, klengen Atelierien. Service sinn och do méiglech. Dat heescht, datt awer op där Haaptachs hei Liewen entsteet, wat souwuel daagsiwwer, wéi owes ka stattfannen. Dann ass natierlech och dee ganz wichtige Punkt d'Präsenz vum Waasser. Ech mengen, déi zitt sech hei duerch de ganze Laminoir an herno fléisst dat iwwer an déi zentral Partie. Do ass och wierklech datt dat Waasser erëm present gëtt, et gëtt erëm visibel an animéiert dann och déi ganz Promenade bis erof op d'franséisch Grenz. Voilà, dat heiten ass elo e bëssen einfach illustrativ, fir ze weise wéi déi Plaze sech herno kënnen gestalten mat natierlech Spillplazen, mat Gastronomie, mat Terrassen. Dat heiten ass elo wat d'Mobilitéit ubelaangt. Ech mengen do ass de Konzept och duerchgoend kohärent iwwert déi verschidde PAPen, dat heescht Sammelparkplazen. De Site ass gréissten autofräi. De Bus fiert hei nach eng Kéier doduerch, mat engem zentralen Arrêt. Do hu mer och déi Bouckel e bësse reduzéiert par Rapport zur initialer, fir datt d'Mobilitéit douce wierklech e ganz wichtige Punkt an deem Quartier gëtt. Dann, wat ech virdru sot: De Laminoir duerch seng Längt an duerch seng Präsenz, wollte mer en effektiv an der Mëtt e bëssen opsplécken, dat heescht villäicht den Daach iwwert eng oder zwou Travéeën ewechhuelen, fir einfach och ze markéieren, datt

do e bëssen d'Mëtt vun där Promenade ass, fir och d'Relatioun tëschent der Landschaft hei vir, datt do wierklech eng Relatioun entsteet. An och well mir op där Plaz awer och wollte Wunnformen ënnerbréngen. Datt een dann och natierlech besser Belichtungskonditiounen fir déi Wunnflächen huet, wéi wann een do en Daach driwwer huet. Da gesäit een hei, voilà, dat ass am Fong wat d'Landschaft ubelaangt, gesäit een datt wierklech dräi Strukturen am Fong sech superposéieren. Dat eent ass wierklech laanscht d'Promenade an dann an déi verschiddenen Îloten, déi kleng gréng Plazen, déi entstinn. Dann huet een hei wierklech déi Faille, déi gréng Faille, déi am Fong duerch de Laminoir an dann deen drëtte Layer ass am Fong d'Waasser. Dat erstreckt sech wierklech vu ganz ënnert bis ganz erop an da geet et natierlech weider. Dat heescht d'Waasser ass duerch de ganze Quartier präsent. Dann hu mer ganz um Schluss, dat soll éischter wéi en ëffentleche Park ginn. Dann um Wupp vum Laminoir e bësse méi kommerziell Funktiounen, d'Gastronomie. An dat soll wierklech dann e Park ginn, wou d'Leit einfach kënnen verweilen, sech do ausrouen a profitéieren vun der Landschaft.

Ech mengen dat dote sinn elo illustrativ Beispiller fir ze weisen. Uewen d'Place du Laminoir. Dat soll e bësse méi eng mineral Plaz ginn. Da gesäit een do och op deem Bild e bësse Beispiller, wéi dat herno ausgesäit, wann esou eng Struktur restauréiert ass. Dat doten ass dann éischter um Wupp, also an der Mëtt – Pardon. Do gesäit een da wierklech eng Kombinatioun mat gréngen Elementer an d'Waasser. An da gi mer... An um Wupp ass de Park, dee war virdru illustréiert. An hei gesäit een elo bësse méi am Detail e Zoom op een Îlot. Do gesäit een da wierklech, wéi dat herno sech soll duerstellen, datt een awer bannen e ganz gréngen Îlot huet, verschidde Gréngflächen, déi sou punktuell ëmmer rëm dat e bëssen sou uknabbere kommen. Hei dann effektiv déi méi kleng Eefamilljenhaiser an dann hei e bëssen déi méi grouss Kollektivwunnengen. Dann hu mer nach, ech mengen d'Sala hat dat och scho gesot, dat ass och kohärent duerchgoend an de PAPen, esou kleng, wat mir „Mikroarchitecture“ genannt hunn. Dat wäert Flächen, wou effektiv Vëloer kënnen geparkt ginn oder kleng Stauraim, fir ebe Leit, déi do wunnen. Dat ass wann ee méi kleng Wunnflächen huet, dann ass et och flott wann ee kann esou Saachen anzwousch aneschtens verfrachten. An dat sinn dann éischter Kollektivflächen, déi dann och genotzt gi vun all den Awunner.

Voilà, hei gesitt der elo de Plang vum PAP, e ganz technesch Dokument. An ech mengen, hei ass elo nach eng kleng Volumetrie, déi dat Ganzt illustréiert, wéi dat sech lo duerstellt. Do gesäit een effektiv hei déi Volumë vis-à-vis vum Laminoir, datt mer déi awer probéiert hunn an hirer Volumetrie, deenen eng gewësse Präsenz ze ginn, well se soss am Fong verluer gewiescht wäert vis-à-vis vun där Längt vum Laminoir. Hei gesäit een och um Wupp mam Parking e Volume, deen e bësse méi eng Präsenz huet, fir och de Passage no Frankräich ze markéieren an och de Passage nom Park. An ech mengen, dann hätt ech am Fong... Da kéim ech villäicht nach kuerz op d'Workshopen, de Feedback vun de Workshopen. Ech mengen wat einfach ganz wichtig war, dat war: D'Leit



wëllen am Fong e Quartier dee lieweg ass, dee vill Funktiounen kann ubidden, deen effektiv ass, wou ee kann zu Fouss, mam Vélo, sech beweegen. Dat war wierklech ee wichtige Punkt. En anere ganz wichtige Punkt war natierlech och de Respekt vum Patrimoine. Ech mengen dat war wierklech, do si mer vill drop agaangen. An dann, wat eben och wichteg war an doduerch och eben deen Opbroch vun där Struktur vum Laminoin, dat war wierklech d'Relatioun och zur bestoender Landschaft an zur bestoender Natur, déi jo wierklech just vis-à-vis do läit, fir den Ament e bëssen inaccessibel ass. An da war nach, wéi och an deenen anere PAPen, d'Méiglechkeet Urban Farming. An ech mengen, déi ass hei an eiem PAP ginn um Parking vum Lous 1, dat ass uewe bei der Place du Laminoin. D'kéint ee sech dann och virstellen effektiv Urban Farming op dem Daach ze installéieren. Ech mengen da geet et scho weider an Italien.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Villmools Merci och fir déi dote Präsentatioun. Effektiv, PAP Italien. Christine Müller.

3.5. APPROBATION VUM PAG „NOUVEAU QUARTIER“ „NEISCHMELZ-ITALIE“, VIRGESTALT VUM BÜRO „DEWEY MULLER PARTNERSCHAFT MBB ARCHITEKTEN STADTPLANER“ AM NUMM VUM FONDS DU LOGEMENT

CHRISTINE MÜLLER (DEWEY MÜLLER): Bonjour. De Quartier Italien ass u sech geduecht de Lien ze maachen tëschent de Projeten NeiSchmelz an dem Laminoin an deenen anere Quartieren, déi nördlech sinn an dem bestoende Quartier vun Italien. D'Lokalisatioun kenne mer. Villäicht muss een dozou soen, dat war déi al Agglomératioun vun der Schmelz. Dofir war dat och iwwerhéicht géigeniwwer dem Site vun der Schmelz. Dat doten ass eben den alen, déi al Culée vun der Bréck, déi eriwwegefouert huet. Déi Culée, déi wëlle mer och erhalen. Déi gesi mer och an de Biller duerno. Hei en Auszuch aus dem PAG. Dann d'Konzept selwer: D'Konzept selwer besteet aus zwee Beräicher. Eng Kéier e Beräich, deen eng kllassesch Blockrand-Bebauung ass, mat op den Ecker Residenzen, also Logement de type collectif an an der Mëtt Reienhaiser, déi och esou dimensionéiert sinn, dass se genau an déi Kategorie vum Logement à coût modéré passen. Eng Charakteristik vun deem ganze Projet do ass, dass en net ënnerkellert ass, ausser op engem Punkt. Do kommen ech nach eng Kéier drop zeréck. Deen anere Beräich, dat ass dee Beräich, deen zum Halt CFL orientéiert ass. An deem Beräich hei. An deen huet e bëssen eng aner Charakteristik. E besteet eng Kéier aus Haiser, déi relativ niddereg sinn an déi eng Mëschung si vun Atelier a Wunnraum. An de sougenannten „Donut“, wéi mer e genannt hunn, deen u sech e geschlossene Bannenhaff gëtt, deen awer grousszügig ass an deen och de Lien mécht tëscht dem niddregen Niveau an dem héijen Niveau vun deem Plateau, op deem mer eis befannen. Hei eng Perspektiv, wou een nach gesäit, dass eben och déi Klengdeelegkeet, déi mer an deem Beräich hunn, och hei sech misst erëmfannen. Dat ass natierlech en architektoneschen Challenge an dat ass och eppes wou d'Gemeng herno wäert Wäert drop leeën, wann d'Baugeneemegungen herno wäerten

agereecht ginn, dass déi Klengdeelegkeet sech och do dra liest.

D'Bierger waren u sech éischter zefridden iwwert d'Tatsaach, dass dee Lien do gemaach gëtt tëschent Italien an deem neie Quartier, dass de Culée erhalen bleift an dass mer eben och eng Sammelgarage hunn an net eenzel Parkingen an den Haiser. Dat hätt nämlech och souwisou d'Liewensqualitéit an den Haiser e bësse beanträchtegt, mee dass mer do am Fong aus der Nout eng Tugend gemaach hunn an d'Culée benotze fir eranzufueren. D'Froen déi sech gestallt hu waren nottament déi vun der Scolarisatioun vun de Kanner. An et goufen och Remarquen, ob een do net éischter soll e Parking maache fir Campingcaren, oder ob een dat net soll éischter enger Fräizäitnotzung bäidroen. An dat ass dann awer an den Diskussiounen kloer ginn, dass dat villäicht net esou eng gutt Iddi wär. Hei eng kleng Visualisatioun, wéi mer eis dat virgestallt hunn. D'Entrée vum Sammelparke wär um Niveau vun der Culée. An dat ass eben och schonn technesch diskutéiert gi mat engem Bureau d'études, wéi mer do ATM gerecht kënnen déi Parkplazen all no ënne bréngen. E wichtegt Element ass natierlech och déi Verbindung erop op d'Esplanade. Dat ass also dese Beräich hei. Do ass eis déi do Verbindung ganz wichteg. Do geet eng Trap erop. Et kënnt een natierlech aus de Sammelparken och mat engem Lift erof. An et kënnt een hei säitlech och barrièrefräi hei erop op d'Esplanade. Et ass nämlech wichteg, dass fir Leit déi net kënnen Trape goen, dass déi awer Accès dozou hunn. Mir hunn zwou verschidden Zentralitéiten, oder Plazen, wou ee sech kann treffen. Dat ass eng Kéier déi méi mineralesch Plaz hei, déi méi urban Plaz, déi eben op déi dote Strukturen orientéiert ass, op d'Rez-de-chausséeën hei, déi zwar dem Wunne sollen zougefouert ginn. Do muss een also als Iwwergang zur Plaz an zu de Wunnengen eventuell mat Niveaue schaffen oder mat Vegetatioun. Et soll also keng hyper-urban Plaz ginn, mee éischter esou eng Respiratioun am Tissu urbain, wou eben Aktivitéiten stattfannen, déi wierklech fir déi Leit sinn, déi do wunnen. Ech brauch lech jo net ze soen dass elo an deene leschte Méint d'Notzungen am öffentliche Raum extreem wichteg waren. Ech perséinlech hunn eng kleng Enquête gemaach ënnert menge Frënn, an do koumen zwou Saachen ganz kloer eraus: Dat ass eng Kéier d'Méiglechkeet hunn, erauszugehen, ouni zevill en Notzungsdruck ze hunn. An zweetens den Accès zur Natur. An ech denken dass dese Quartier an dëser Hisiicht, sou wéi och all déi aner Beräicher aus NeiSchmelz, deem duerchaus gerecht gëtt. Ech géif soen, se wiere pandemiesécher, an dat ass, mengen ech, eng ganz wichteg Saach.

Eng aner Saach, déi mir och opgefall ass, dat ass dass Noperschaftsrelatiounen ganz wichteg sinn an déi ginn awer och nëmmen, wann eng gewëssen Intimitéit an den eenzelnen Haiser méiglech ass, spréich wann d'Terrassen akusteschen an och opteschen vunenee getrennt sinn, dofir awer den Zougang zu engem Raum do ass, dee mer eben hei an der Mëtt hunn. Dat ass also eng typesch Situatioun, wou d'Noperen sech kënnen an engem sougenannten neutrale Raum treffen an do Aktivitéiten hunn, déi se net bei sech doheem kënnen hunn. Mir denken do



souguer och u Grillplazen an esou Saachen, well wa jidd-wereen op senger eegener Terrass sai Grill opstellt, ass et natierlech ëmmer bei d'Grenz vum Noper, fir selwer den Damp net ofzekréien. An dat si sou Saachen, déi mer eis an deem dote Raum virstellen. Wichteg sinn natierlech och déi Permeabilitéiten, fir dass eben den Zougang zu deem Banneraum hei och gewährleistet ass an do net eng Hemmschwell entsteet, dass ee sech do ausgeschloss fillt. Dofir sollen déi Passagen och public sinn.

Hei déi verschidden Notzungen, déi mer eis virstellen. Ech hat virdu schonn driwwer geschwat. De sougenannten „Donut“. Do kann ee sech da virstellen, dass et méi grouss Wunneenheete gëtt, fir Wunngemeinschaften. Mir haten sou kleng Typologien sou probeentwurf. Also d'Déift vum Gebai, also vun der Bebauung, déi net ganz grouss ass, erlaabt et eigentlech ënnert der Maassgab vum Fonds du Logement vun de Fläche vun de Wunnen-gen, also 120m², dann awer e grousst Schlofzëmmer ze kréien, en duerchgestachene Wunnraum an och eng grouss Terrass, well dat jo awer ëmmer deen Ausseberäich ass, deen direkt um Living soll hängen oder un der Kichen, wou een eben och emol sech dobausse kann ophalen. Dann d'Kollektiv-Wunneenheeten, wou verschidde Gréissten och méiglech sinn an dann d'Eefamilljenhaiser, wou mer och nach Variatiounen hunn an déi eben op dräi Niveauen organiséiert sinn, well se relativ schmuell sinn. An do hu mer dann och nach eng Kéier hei vir, do hu mer de Süden, deen zur Strooss organiséiert ass. Dofir schloe mer do och vir, dass een do sou ka kleng Häppercher organiséieren, och nach eng Kéier mat der Maassgab, dass een och eng Privatheet huet an eng gewëssen Intimitéit. Déi heite Strukturen, dat soll, wéi gesot, erlazen um Rez-de-chaussée kleng Ate-lieren ze maachen oder Büroen an do och uewendriwwer ze wunnen – déi sougenannte Combi-Büroen. Dat ass also fir Start-upen oder Leit, déi zu zwee selbststänneg sinn oder souguer eleng selbststänneg sinn, fir dass et eben op der Plaz selwer och Aktivitéite gëtt daagsiwwer an net einfach nëmmen daagsiwwer doudeg ass.

E puer Ambiancen, wéi mir eis dat virgestallt hunn eben an den Atelieren, oder och wéi déi Esplanad kéint ausgesinn: Hei gesitt Dir d'Place des Alliés zu Déifferdeng, déi mer zesumme mam Büro AREAL entwéckelt hunn. An et ass e grouse Renner. Et sinn zwee Trampolinnen op der Plaz. Déi gesitt Dir hei. An ech mengen, déi hu schonn dräi Mol misse gefléckt ginn, well se schrecklech populär sinn. An dat war iwwerens deemools och eng Maassgab vum Schäfferot, dass op der Plaz selwer och sollten e bësse Spillgeräter sinn an dass et net nëmme soll Café sinn, mee dass et wierklech all Aktivitéiten erlaabt. Dat klengt Element, wat mer deemools do rabruecht hunn, huet eis ermuddegt fir wierklech ëmmer dofir ze plaidéieren, dass eng Plaz fir Kanner an der Stad ass. Oder déi déi Kanner bliwwen sinn, well déi Trampolinne sinn iwwerens futti gaangen, well zevill schwéier Leit dropgespronge sinn. Voilà. Mee se si lo verstärkt ginn. Voilà.

D'Stadtplanung huet eppes mam reelle Liewen ze dinn. Et muss een am Fong antizipéieren, wéi déi Plaze genotzt

solle ginn. An do ass et ebe wichteg, wéi och schonn d'Kollege gesot hunn, dass Gréngs an der Stad ass. An dat huet net nëmme mat der Faarf ze dinn, mee et huet och eppes mat der Fauna an der Flora ze dinn, dass een d'Joreszäite matkritt, dass een och e mol e Vull héiert oder dass Beie kommen. Dat sinn alles Saachen, déi zum Bien-être bäidroen, ouni dass een et explizitt mierkt. Mee ech mengen, et ass awer fundamental. Voilà, hei nach e puer Strukturen an Donnéeën: Mir hu jo de klengste PAP a mir hunn och deen, wou am längsten dru geschafft ginn ass. Also den Hektar 7. Mir hu 34% Domaine public. De Rescht ass Domaine privé. Dat huet domadder ze dinn, dass mer deen Talus hunn, deen an zwee Talusen organiséiert ass a wou och geschützt Biotoper sinn, déi mussen erhale bleiwen. Dann hu mer 109 Wunneenheeten, 28 Eefamilljenhaiser an de Rescht si Logements collectifs mat 81 Wunneenheeten. Mir hunn dann den ënnerierdeschen Parking, wou da fir déi Leit, déi do wunnen, direkt gesuergt ass. Do hu mer och nach eng extra Folie. Déi ass, mengen ech, awer eraus. Egal. Also do hu mer op alle Fall och nach Parkinge fir Visiteuren. Do sinn der, mengen ech de Tête, 10 Stéck. Hei hutt der nach en extrae Stade Partie écrite, wéi se strukturéiert ass, an dat war et. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Christine Müller. Ech mengen, dat war hei elo fir eis wichteg, déi véier Präsentatiounen ze maachen zu de jeeweilege PAPen vun der Präsidentsch an der öffentlichen Informationsversammlung, déi mir deemools gemaach haten. Ech wollt hei och nach kuerz op d'Chronologie agoen, éier ech och nach dem Jacques Vandivinit d'Wuert ginn. Et ass am Kader och vun de véier PAPen hei, déi mir an den Interieur geschéckt hunn den 12. Oktober, wou och eng Enquête publique gelaf ass bis den 12. November, datt mir och do eng Rei Observatiounen kritt hunn. Dat ass och effektiv erauszehéieren am Kader vun der Presentatioun, datt mir och deenen Observatiounen respektiv Reklamatiounen konnten och zu engem gudden Deel Rechnung droen, well mir déi Leit, déi d'Observatiounen gemaach hunn, och gesinn hunn den 12. Juni, fir mat deene Leit iwwer d'Observatiounen ze schwätzen. Dir hutt jo och gesinn am Dossier selwer, ech mengen dat huet virun allem ze dinn, datt am Virfeld eng ganz gutt Aarbecht geleescht gouf. Et ass jo och den Avis vum Interieur vun der Cellule d'évaluation, datt ob ganz weinege Punkten huet am Fong missen agoe gi, wat de Rapport justificatif vun de PAPen ugeet. Dat eben och, well am Virfeld mat de staatlechen Administratiounen ganz vill geschafft gouf. Sou, mengen ech, ass et datt den Avis ausfällt, wéi en ausfällt. Dat seet Villes deementspriedend aus. Dat nach e bëssi zu der Chronologie, wat d'Prozedur deementspriedend ugeet an ech ginn nach d'Wuert weider hei un de Jacques Vandivinit.

JACQUES VANDIVINIT (DIREKTER - FONDS DU LOGEMENT):

Villmoos Merci. Just eng Kéier ofschléissend wollt ech och eise Partnere Merci soen, fir déi Aarbecht a Kollaboratioun vun de leschte Joren. Dir hutt gesinn, datt et en extrem komplexe Projet ass. Et geet och just, wann een an der Ekipp schafft. Sief et menger Ekipp där ech Merci soen oder dem Audrey, dat hannert



mir sëtzt an extrem aktiv ass a Chef de Projet ass vum ganze Site. A wéi gesot, och deene dräi Büroer fir d'Kollaboratioun. Et ass gesot ginn, et geet dorëm, do ze liewen. Et geet awer och ëm de kulturellen Aspekt, et geet ëm den Héritage culturel: Wéi kënnen mir dee Patrimoine erhalen? Dat heescht, mir hu vill verschidde Voleten, wéi d'Preservatioun vun de verschiddene Gebai-lechkeeten. Als hallwe Minetter kann ech soen, datt de Patrimoine kulturell schéin an Erënnerung bleift. Virun allem, datt et déi Prägung, soe mer mol, do bleift vun deem Patrimoine. Dann eben déi ganz Komplexitéit, datt mir hei eng ganz Infrastruktur musse leeën, datt mir e ganz neit Energiekonzept hei wäerten ëmsetzen, datt mir och do probéieren, Pionéieraarbecht ze leeschten a fir herno esou wäit wéi méiglech en autarke Quartier ze hunn. Ech mengen, dat sinn alles ganz wichteg Elementer, déi elo net esou gesot gi sinn, mee wou mir mat ganz ville verschiddene Partneren déi nächst 10-15 Joer zesummeschaffen, fir dat esou ëmzesetzen, wéi et soll sinn.

Et dierf een net vergiessen, et steet zwar näischt do, mee mir hunn e puer Milliounen investéiert vun den effentleche Gelder. Ech mengen, de Rôle vum Fonds du Logement ass et, déi effentlech Gelder anstänneg ze verwalten an intelligent z'investéieren an ech soen och hei mengem Ministère an den aneren Acteurs publics Merci, mat deene mir hei zesummeschaffen. Sief dat den Transport, Educatioun, Energie, Environnement, Logement etc. Ech ziele si net elo all op, mee et ass e Projet, wou all Ministère matschafft. Mir schaffen och elo un enger Loi de financement, wéi Dir dat sécherlech wësst, wou een ab engem bestëmmte Montant, mindestens ab 40 Milliounen, muss e Finanzgesetz maachen. Mir schaffen och drun, fir datt all d'Acteuren och do zur gläicher Zäit an déi nämmelecht Richtung rudder an datt mir déi Saachen och propper finanziert kréien. Voilà, ech mengen dat wär et vu mir. Ech soen: Dee pandemiesséchere Quartier, dee mir hei wäerten opbaue, fannen ech super. Dat verhalen ech mir: Wa mir dat wierklech kënnen behaupten, da si mir op der gewonnener Säit. Merci.

DAN BIANCALANA DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): Also mir sinn um gudde Wee, fir eng Insel ze plangen. Spaass bei Säit: Merci och nach fir déi dote Wieder. Mir waren all komplett an der ganzer Presentatioun. Elo ass sécherlech de Moment, fir d'Diskussion an d'Stellungnamen zu de véier PAPen. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci dem Här Burgermeeschter a Merci allen Intervenanten. Et gëtt engem waarm ëm d'Häerz, wann ee gesäit, datt déi Saach elo lues fassbar ass an datt een eppes domat kann ufänken. Ech soen ëmmer „Was lange währt, wird endlich gut“. Wat immens flott ass, ass datt hei keen neie Quartier, dee vum Himmel fällt an iergendzwou a Lëtzebuerg lant, mee deen heite Quartier a Projet, deen entwéckelt sech aus deem wat do ass an dat ass dat, wat eben esou flott ass. An ech denken och, dat hëlleft den Diddelenger fir sech och z'identifizéieren mat deem Quartier. De Lien mat eisem Naturpatrimoine ass ginn. Dir hutt do nach flott de Projet entwéckelt, datt Der mam Laminoir wëllt den Daach ophiewen, domat een do

eng natierlech Verbindung huet vun der enger Säit zu der anerer Säit vun Diddeleng, vum Süden vun Diddeleng, fannen mir ganz flott. Och dat mam Waasserlaf, de Park dee geplangt ass, déi gréng Oasen an all Quartier, dat ass absolut luewenswäert. Och Urban Farming a Gardening, dat si sou bëssi Schlagwierder, mee dat ass duerno och eppes, wat mat Liewe gefällt gëtt. Mir hunn dat scho gesinn mam Urban Gardening zu Diddeleng. Dat war e kleng mini Projet, mee dat huet awer Succès an d'Leit begreissen dat. Wat och extrem wichteg ass, an Dir hutt et och gesot gehat: De Respekt vum Patrimoine industriel an architectural, well et soll och d'Identitéit vun deem Site ausmaachen. Well et ass och d'Identitéit vun eiser Stad. Mir sinn eng Stad, déi am Fong gewuess ass mam Räichtum, deen d'Industrie eis bruecht huet an dat ass och eng ganz flott Saach, datt et esou integréiert gouf. An ech mengen, et ass bei alle Bänken hei gewünscht, net nëmme vun den 19 Leit, déi hei setzen, mee vun der ganzer Populatioun, datt et soll e Quartier ginn, deen de Patrimoine virun allem soll héichhalen.

Wat och ganz flott ass, ass datt et e liewegen an bewunnbare Quartier ass. Et si vill Typologien do. Jidderree fënnt do eppes, wat him zouseet, wann hie sech hei niddlerléisst. Méigeneratiounenhaus sinn ugeschwat ginn, Colocatioun ass méiglech. Ech mengen, datt et och e grouse Succès wäert hunn.

Wat virun allem immens flott ass, och wann et véier verschidden PAPen sinn, ass et flott ze gesinn, datt do eng Kohärenz ass. Et mierkt een, datt do ëmmer en Dialog tëscht lech war an dat hu mir all déi Joren scho verfolgegt. Dir sidd ëmmer hei am Troupeau komm an hutt dat alles zesumme präsentéiert an dat ass och wichteg, well ech denken, et geet elo net hei ze soen: „Mer erschléissen esouvill Hektar an dann wurschtelt jidderree seng Zëppchen“. Do gëtt et kee Ganzt, an dat ass dat wat eben extrem wichteg ass. Lo just eng kleng Detailfro an ech huelen un, datt Dir lech do weider wäert beroden, datt mir zum Beispill dee selwechten Mobilier urbain hunn. Oder ass et do gewünscht, datt all Quartier awer seng eegen Nues kritt? Wéi hutt Dir lech dat virgestallt, wat de Stroossebelag ubelaangt zum Beispill? Et si vläicht Detailfroen, mee et ass elo schonn den Moment fir do vläicht och eng Kéier nozefroen.

Ech wollt ganz kuerz op déi verschidde Quartieren agoen. De PAP Nord, wat do immens flott ass, ass de gudde Lien mam Zentrum. Dat ass och wichteg an ech denken och, wéi Dir dat geplangt hutt, dat grousst Gebai op den Eck ze setzen an awer de Passage vun der Fohrmannsplatz eriwuer mam Stadhaus, dat ass och ugeduecht gewiescht bei der ganzer Entwécklung vum Stadzentrum. Dat war jo schonn ugeduecht gewiescht, wéi mir de Shared Space geplangt hunn. Ech sinn och ganz begeeschtert elo ze héieren, datt „Shared Space“ och e Wuert ass, wat am Raum vun der Schmelz erëm gefall ass. Wéi gesot, et soll jo och keen isoléierte Quartier sinn. Et soll eng Verlängerung oder eng Verbindung sinn zu eiser Stad an dat ass extrem wichteg. Quartier Norden – Wat d'Leit dobause gären héieren: Datt et scho fix ass, datt d'Police hei zu Diddeleng bleift. Dat ass och ëmmer eppes, wou d'Leit och Suergen hunn,



well een iwwerall héiert, datt d'Policebüroen zouge-
maach ginn. Dat berouegt eis, datt mir do eng grouss
Policestatioun wäerte kréien, wat awer och zum Sé-
cherheetsgefill vun den Diddelenger bäidréit an dat si
dat als sécher empfangen. Ganz flott fanne mir och datt
de Kräizbiereg och elo scho mat engem Fouss hei am
Zentrum fest verankert ass. Kräizbiereg an Diddeleng
ass och e Lien, dee schonn éiweg besteet a wou och
eng grouss Akzeptanz ass. An dat gëtt och eng Visibili-
tëit, denken ech, vun eise Bierger déi verschidde speziell
Besoinen hunn, wann déi am Zentrum wunnen a liewe
– dat fanne mir och ganz gutt. Wat och ganz flott ass,
ass iwwerhaapt déi Parkplazen am Zentrum virun allem,
datt et e Souterrain gëtt. Ech denken, am Ufank huet
et ëmmer geheescht : De Souterrain, soll dat eppes
ginn? Mir hunn e Parking am Duerf, deen am Ufank 150
Plaze hat, déi eidel waren. Elo sinn et der 30 oder 40, a
wa Maart ass, souguer nach manner. Dat ass och eng
Akzeptanz déi wuesse muss, an ech denken, dat wäert
och vun de Leit gutt ugeholl ginn. A wat eis och ganz
gutt gefält, ass datt nach ugeduecht ass, wann dat Ge-
bai vum Match sech soll änneren oder ewechfalen, datt
do awer eng Méiglechkeet ass och do e Lien ze maache
mat der Auguste Strooss an dass dat och nach
eng Kéier bëssen an de Quartier mat afléisst. Dat fanne
mir och ganz gutt.

Zum Quartier Zentrum: Mir hate virun e puer Gemen-
geréit eng Autorisatioun ginn, fir eng Apdikt. An do war
ëmmer gesot ginn: Dat maache mir mat der Prämissen
warscheinlech, datt mer d'Apdikt am Quartier NeiSch-
melz setzen. Dat ass och hei ugeduecht ginn. Do ass
just eng Fro, mir haten dat schonn eng Kéier opgeworf:
Et weess ee jo net, wéi et länger- oder kuerzfristeg
geet mat eise Spidol zu Diddeleng. Mee et ass awer
ëmmer nach eng Méiglechkeet mat engem Centre médi-
cal de proximité – eng kleng Struktur mat Poliklinik, Labo
a Radio zum Beispill – an deen Zentrum anzebauen.
An der Partie écrite hat et esou ausgesinn, als ob et
nach ëmmer méiglech wär eng „Structure d'utilité pu-
blique“ do ze maachen. Meng Fro ass, ob mir dat nach
ëmmer kënnen am Hannerkapp behalen, ob dat nach
méiglech wier?

De Quartier Sud, do ass natierlech de Patrimoine extrem
wichtig, mee dat ass e bëssi iwwergräifend, Zentrum
a Süd. An do war meng Fro, déi ech scho virdru wollt
froen: D'Stolwierk „Hall Fondoucq“, d'Diskussioun leeft
jo nach. Wat maache mir domat? Wat ganz interessant
ass, mir haten elo kuerz d'Presentatioun vum Diddeleng
Projet vum Kulturjoer 2022 an do war d'Hall des
Vestiaires. Datt gëtt e „Projet Phare“ kann ee bal scho
soen an do ass et jo och wichtig, datt mir dann och elo
kucke: Wéi maache mir dat, dass déi Hall des Vestiaires
prett ass 2022 fir dee kulturelle Projet z'empfanke?
Meng Fro ass och elo do, wéi hutt Dir wëllen, dat ze
maachen? Maache mir just elo eng Mise en conformité
fir 2022 oder gëtt eng Renovatioun scho geplangt fir déi
Hall des vestiaires? Dann ass natierlech och d'Fro: Wie
schwätzt do mam Ministère de la culture? Mam Site et
Monuments? Wéi eng Zäitschinn gi mir eis do? Leeft eis
do d'Zäit net fort? Dat wieren nach e puer Detailfroen,
déi mir wollt klären.

Zum Quartier Italien: Dat gëtt ganz flott a virun allem
fannen ech et do gutt, datt een och kuckt, wat schonn
do ass. Well dat ass am Fong deen neie Quartier, dee
sech am meeschte muss integréieren an eppes wat
schon do ass. Dat huet ee, fannen ech, ganz gutt rea-
liséiert. An de Parkplazmanagement mat engem Souter-
rain ass sécher och eng gutt Saach.

Wéi gesot, Felicitatioun un d'Büro fir déi exzellent Aar-
becht an och fir den Dialog, deen ëmmer gefouert ginn
ass mam Bierger. Mir hoffen, datt et och esou geet,
wéi an enger Reklamatioun och steet, an zwar datt de
Processus participatif och mat engem Bilan avant/après
erhale bleift. Dat ass och eppes, wat d'Leit dobausse fir
ganz wichteg empfangen. Dann natierlech eppes, wat
d'Leit dobaussen immens interesséiert: Wéi ass den Ti-
ming? Wéini geet et lass? Wéini kënnen si hir éischt Wun-
nenge kafen, lounen? U wéi eng Zäitschinn hutt dir do
geduecht? Ech weess, datt et eng vermesse Fro ass,
mee et ass dat, wat d'Leit dobaussen interesséiert.
Nach eng Kéier villmools Merci fir déi flott Presenta-
tioun a mir si gespaant, wéi et do weiter geet.

**DAN BIANCALANA DAN BIANCALANA (LSAP - BUER-
GERMEESCHTER):** Merci dem Michèle Kayser, fir
d'Zoustëmmung vun der CSV zum Projet. Martine
Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci dem Här Buerger-
meeschter. Dat wat mir elo hei gesinn hunn, déi urba-
nistesch Entwécklung vun eiser Stad, dat beschäftegt
eis jo elo scho laang an et wéilt ee gären e „Schnipp“
maachen an da wier et fäerdeg. Da géife mir elo d'Re-
sultat gesinn an et wier do. Dat wat Dir elo hei fäerdeg
bruecht hutt, ass datt mir elo méi gespaant a méi onge-
dëlleg si wéi mir scho waren, well et eis eben elo sou
gutt gefall huet. Also déi urbanistesche Entwécklung vun
de Stied am Allgemengen a vun Diddeleng besonnesch
stellt eis viru grouss Erausforderungen. Viru Jore war
d'Diskussioun opkomm, wéi dat Ganzt ugefaangen huet
: Brauche mir esou e Quartier, esou e risegen Dénge
mat dausend Wunnengen? Op der anerer Säit wësse
mir awer, datt mir d'Wunnenge brauchen, datt mir net
genuch Wunnengen hunn an dass dat doten den Terrain
ass, dee mir zur Verfügung hunn an datt mir dorausser
eppes maache wëllen. Et ass also gewosst, datt mir
Wunnraum brauchen – bezuelbar a liewenswäert. Mir
wënschen eis Stied mat enger méi grousser Liewens-
qualitéit, bezuelbare Wunnengen, kuerz Weeër, fir Wun-
nen a Schaffe méi no zesummen ze bréngen. Mir hätte
gären, datt eis Kanner an engem gesonden Ëmfeld
opwuessen, datt den ëffentlechen Transport grouss-
geschriwwen gëtt an datt den Auto net méi esou omni-
present ass.

Ech mengen, dat hu mir hei mat deem Projet NeiSch-
melz gutt hikritt. Dodrop kënnen mir all houfreg sinn,
déi heiru bedeelegt waren an natierlech als LSAP ën-
nerstëtze mer dat zu 200% an alles aneres wier gelunn.
D'Entwécklung vun der Stad Diddeleng an d'Mobili-
tëit sinn direkt matenee verbonden. Eis Stad soll kon-
tinuëerlech raisonnabel wuessen, ouni déi grouss
Liewensqualitéit, déi mir elo schonn hunn, ze verléieren.
Dofir gouf sech Zäit gelooss beim Entstoe vun dësem



neie Quartier an zu Recht, mengen ech. Wéi elo scho grad ugedeit ginn ass: Et si quasi elo 15 Joer, wou dee Projet elo hei reift an dat war och gutt esou, well an deene 15 Joer ass vill geschitt, net nëmmen am Hannergrond un Aarbechte, mee och an de Käpp vun de Leit. An dat huet och d'Biergerbedeelegung gewisen. Et sinn ëmmer nei Momenter, déi entstinn an et ass och esou en Ëmdeleung wat stattfënnt am Stil „less is more“. Mir hunn elo geléiert, an ech mengen déi lescht Méint hunn eis nach méi gewisen, datt et aner primär Satisfaktiounen ginn am Liewen, déi net onbedéngt am Wuessen, Wuesse, Wuesse leien, mee datt den Aspekt Qualitéit elo am Virdergrond steet an net esou d'Quantitéit. Ech mengen, dëse Projet gëtt dat ganz flott erëm, ouni datt awer elo déi aner Saachen, wéi ebe Wunnungsraum schafen an dee Projet, deen elo broochläit, deen Areal do vu 40 Hektar, do einfach leien ze loossen.

Ech ginn hei elo net an d'Detailer vun de Pläng an der Etüd an, mee méi dann op déi Dynamik déi entstanden ass, well mir elo heibannen an och dobaussen, mir sinn heiansdo iwwerfuert, déi Pläng do ze liesen. Et ass immens technesch heiansdo. Dofir wat eis haaptsächlech gefält ass déi 3D Simulatioun. Do si mir all voll dobäi. Natierlech musse mir eis och mat den anere Pläng beschäftegen, mee ech mengen wat d'Leit och wierklech dobaussen interesséiert, ass d'Ëmsetzung – dat ass och schonn hei ugeklungen. Zesumme mam Fonds du Logement gëtt dëse „Projet Phare“ realiséiert. Do hu mir d'Friche vun der Diddelenger Schmelz revaloriséiert an deem neie Liewen agehaucht. D'Zil war also d'Entstoe vun engem moderne Quartier, baséiert op d'Prinzipie vun Développement durable an der Economie circulaire. Geplangt war och eng sozial Mixitéit an esou wéi mir d'Pläng gelies hunn, ass och dat flott do realiséiert ginn. Mir hoffen natierlech, datt och herno ganz zum Schluss dat dann och esou ugeholl gëtt an och funktionéiert um Terrain, wéi mir dat elo hei geplangt hunn – wat awer elo net heescht, datt ech um geréngsten dorunner zweiwelen.

Dëser Majoritéit louch et och um Häerz, fir dem Quartier performant an innovativ Energiekonzepter ze ginn. Mir kënnen net esou weiderfuere wéi mir et bis elo ëmmer gemaach hunn. D'Ressourcë feelen och, an an e puer Joer ass vun deem, wou mir haut ëmmer an eis Generatioun virun eis Haiser gehëtzt hunn, eis Energie hiergeholl hunn, näischt méi do. Dat heescht, wat mir méi fréi ufänken do nei Konzepter z'entwéckelen an ëmzesetzen, wat besser. Eng Kombinatioun vu Solarthermie an Tiefengeothermie, besonnesch déi lescht, ass eng vun de villversprechenden erneierbaren Energiequellen iwwerhaapt. Aus deem Grond kënne mir och zu Recht an houfreg vun engem CO2-neutralen Ökoquartier schwätzen. D'Fräilei vum der Diddelenger Baach mat der Fëschrapp an d'Entsteeung vun neie Gréngfläch wäert dozou bäidroen, datt neie Liewensraum fir Mënsch an Déier mateneen an niewenteneen entsteet. An den Etüd sinn och d'Iwwerleeungen agefloss, fir den Impakt op aner Déieren – Fliedermais a Vigel – esou kleng wéi méiglech ze halen. Den ëffentlechen Transport gëtt weider ausgebaut. Mir kennen all heibannen d'Problemer mat deene sech de Schäfferot muss ëmmer rëmklap-

pen, fir bei de staatlechen Instanzen, Administratiounen a Ministère Gehéier ze fannen. Diddeleng wäert net midd ginn, fir sech weiderhin anzesetzen, datt d'Urbanung vun eiser Stad un de nationale Réseau ausgebaut a verbessert gëtt. Op alle Fall sinn d'Hausaufgabe, wat de Quartier hei ubelaangt, elo scho gemaach ginn an dat Konzept huet och Kapp a Fouss. Ma och d'Mobilité douce, deem ass hei Rechnung gedroe ginn. De Vélo kritt seng Plaz an dësem Quartier an net méi wéi et elo während Joerzénge ëmmer de Fall war - net nëmmen hei mee iwwerall - datt den Auto eng iwwergeuerdent Roll gespillt huet. Dat wäert an Zukunft net méi de Fall sinn. De Projet NeiSchmelz beschäftegt eis also elo schonn, wéi gesot, ronn 15 Joer. Wéi 2005 d'Walzwierk definitiv zougemaach huet, an engem Joer méi spët ass schonn de Fonds du Logement bestëmmt gi fir den Areal als Wunnungsterrain z'erschleissen a wou haut op ronn 40 Hektar 1000 nei Wunnengen entstinn.

15 Joer wou d'Experten heifir geschafft hunn, och wann hei baussen net vill gesi gëtt, Pläng opgestallt gi sinn, Dialog gesicht ginn ass, souwuel mam Bierger wéi och mat de staatlechen Instanzen, fir datt dëse Mammutprojet – esou kann een dat roueg nennen – hei reiwungslos iwwert d'Bün ka goen. Ökologie, Ökonomie a Soziales, dat waren déi dräi Piliere, déi d'LSAP hei, mee och net nëmmen hei, mateneen verbanne wollt. 15 Joer, wou den Terrain net ongenutzt bliwwen ass. Déi Diddelenger Bierger haten ëmmer rëm d'Geleeënheet, fir sech hei mat anzébréngen an hir Iddie matzedeele an esou aktiv un der Ausgestaltung vum Projet matzeschaffen. Sait 2013 si Workshoppe gemaach ginn. 2015 an 2016 konnten d'Leit sech aktiv un der Auserbechtung vum neie PAG bedeelegen. Deene Verantwortleche vun der Stad Diddeleng war et ëmmer wichteg, datt Leit sech ëmmer kënnen, och an Zukunft, mat abréngen. Bei dësem Projet, mat sengen Informationsversammlungen, Visitt des Lieuxen, Workshoppen oder Ausstellungen, oder bei der Auserbechtung vum neie PAG, wou net méi spët wéi e Méinden e Livestream gemaach gëtt, fir de ganze PAG vun der Stad Diddeleng virzestellen, fir och an Zäite vum Covid19 de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn, fir Froen ze stellen oder Kritik kënnen unzébréngen. Biergerbedeelegung huet och zu flotten Initiative gefouert, wéi de Repair Café oder de Gemeinschaftsgaart. All déi Suggestiounen, mir hunn dat och schonn hei ugeschnidden, an d'Propose sinn esou wäit wéi et nëmme gaangen ass zréckbehale ginn, an dat mécht dëse Projet zu eppes Eenzegeartegem fir mech, esou wéi d'Basisdemokratie kann a soll funktionéieren. Dat sinn also alles Aktivitéiten, déi eng flott Tëschennotzung vum Terrain duerstellen.

Och am Beräich Kultur ass Villes geschitt. De Kënschtlerkollektiv „D Kollektiv“ huet sech an der Hall Fondoucq niddergelooss, organiséiert. Ambitionéiert Projeten, déi verschidde Medien a Konschtrichtunge mateneen verbanne. Dee Projet ass esou populär ginn, datt aus dem Provisorium eppes ginn ass, wat mir hei zu Diddeleng net méi wëlle mëssen. Sou huet och den D Kollektiv eng nei Heemecht kritt a wäert se fannen an engem anere Gebai vum Site, wou d'Rees mat hinnen da weidergeet. Um Site NeiSchmelz ass awer och während der Flücht-



lingskris eng Opfankstruktur entstanden, geleet vun der Croix Rouge, wou ronn eng honnert Leit Zouflucht fonnt hunn an nach weider fannen. Eng positiv Erfahrung fir Diddeleng, net zulescht och wéinst der grousser Zuel u Bierger, déi sech spontan als Benevole gemellt haten. Den Innovation Hub, wëll ech nach eng Kéier erwänen, ass entstanden hei – e Brutkaste fir nei Startuppen, mat Schwéierpunkt op ëmweltfrëndlecher Technik, déi och direkt fir de Projet NeiSchmelz genotzt kënne ginn.

Ech well net ofschléissen ouni nach e grouse Merci vun eiser Säit hei lasszeginn un déi Verantwortlech vun deenen dräi Architektbüroen, déi um Quartier NeiSchmelz hei geschafft hunn. De Büro Beiler François Fritsch, Christian Bauer & Architectes, Dewey Müller Partnerschaft an och en décke Merci geet un de Fonds du Logement, haut hei vertrauten duerch hiren Direkter, den Här Vandivinit, fir déi laang a konstruktiv Zesummenaarbecht an deem Dossier. Mir sinn och frou ze héieren, datt de Projet NeiSchmelz de facto och eng Chefsaach ass an dat ass ëmmer ganz berouegend fir eng Gemeng. Ausserdeem geet en décke Merci un eis Gemengeservicer, déi bedeelegt waren, sinn a bleiwen. Un der Spëtz natierlech de Service de l'Architecture, ënnert der Leitung vum Cathy Mambourg an ech hunn der bestëmmt hei nach e puer vergiess an ech entschëllege mech am Viraus dofir. E waarme Merci geet awer och un déi Diddelenger Bierger, déi sech fir de Quartier NeiSchmelz interesséieren, engagéieren a sech mat abréngen. Si all hunn zesummen deem neie Quartier hire Stempel opgedroen an dat ass super flott ginn. Haut maache mir hei e wichtege Schratt vun de Planungsphasen a Richtung Ëmsetzung. Mir freeën eis immens. Merci villmools.

DAN BIANCALANA DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Martine Bodry-Kohn. Weider Stellungnamen? Madame Goergen an dann den Här Thill.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt am Ufank nach e puer Froe stellen, wann dat erlaabt ass an duerno zu menger Stellungnam kommen. Déi éischt Fro, dat wär zum Energiekonzept: Ech geheien se dann elo sou an de Raum an dir decidéiert, wie mir äntwert. Wat sécher ass, ass dass jo 100% vum Energiebedarf iwwer alternativ Energiequelle gedeckt soll ginn. Wéi ginn déi 100% ermëttelt? Sinn do all Kéiers Aspeisunge mat verrechent ginn? Dat ass déi éischt Fro. An dann awer déi méi wäitreechend Fro: Wéi eng alternativ Energiequelle ginn da schlussendlech zréckbehalen? Wéini fällt déi Decisioun, ob d'Geothermie zréckbehalen gëtt an ob dat Ganzt sech dann haaptsächlech dorop baséiert? Dann eben och déi Fro, wéi wirtschaftlech kann d'Notzung vun der Geothermie an deem Kader do sinn? Ok, dann den zweeten Deel vun de Froe bezéit sech op den Term vun der „Economie circulaire“. Bon, ech hu mir d'Annexen ugekuckt an do och vill Erklärungen fonnt zur Notzung vu Materialie fir d'Bauten. Ech wollt froen, ob dann och Oplage fir Materialie virgesi si fir Privatleit a wéi déi sollen duerchgesat ginn a wéi déi Economie circulaire à long terme soll funktionéieren. Voilà, an dann nach eng lescht Fro zur Grouwaassernotzung: Et steet eppes vun engem Pilotprojet fir Grouwaassernot-

zung. Soll datt sech op ëffentlech Gebaier bezéien oder och fir Privatleit? Voilà, dat wäeren déi Froen am Virfeld an da géif ech zu menger Hauptinterventioun kommen.

Also da Merci Här Buergermeeschter a léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Léif Architektinnen, Architekten a Planer, Merci fir déi zousätzlech Erklärungen, déi Dir am Laf vun de Präsentatiounen ginn hutt an och Merci fir déi zukünftég Äntwerten. Merci fir Är Aarbecht a virun allem och fir den Enthusiasmus, deen an der ganzer Zäit nach ëmmer net nogelooss huet. Am Numm vun deene Gréngen huelen ech dann elo Positioun. Mir haten am Gemengerot scho PAG Ofännerungen diskutéiert am Mäerz 2018 an elo finaliséiert. D'PAPen waren du prett fir an d'Prozedur am Oktober 2019 a goufen dem Public präsentéiert. Et koume wéineg Aspréch géint déi PAPen. Ob d'Leit, déi net zefridde waren oder Virschléi haten, einfach midd waren oder ob hir Iddie bei der Biergerbedeelegung scho berécksiichtegt gi sinn, wësse mir net. Jiddefalls sinn déi puer Reklamanten och all ugehéiert ginn, wann och duerch Corona e bëssi méi spët wéi ursprénglech virgesinn. Trotzdeem huet d'Ofstëmmung vum Gemengerot, déi am Fréijoer hätt solle stattfannen, net vill verzögert. Et ass flott, datt dës Projeten, déi esou wichteg fir Diddeleng sinn elo esou virleien, datt ee sech eppes Konkretes drënner virstelle kann. Mir waren als Gréng ëmmer enchantéiert vun der Perspektive fir d'Friche vun der fréierer Schmelz a ware gespaant, wéi dee sougenannten Ökoquartier da géng ausgesinn.

Ech probéieren dann an engem Iwwerbléck op déi Elementer anzegoen, déi fir déi ganz Fläch gëllen. Duerno kommen e puer méi spezifesch Bemierkungen iwwert déi eenzel Deeler an der Madame Heinen hiren Text an der Verkäiersplanung. Eis voll Zoustëmmung fënnt, datt en alen Industriesite net nëmmen zu engem groussen Deel erhale gëtt, mee och restauréiert a virun allem nei genotzt gëtt. Mir behalen als Diddelenger d'Verbindung mat eise Wuerzelen an hoffentlech kréie mir och deene jonke Generatiounen eppes vermëttelt vun der Zäit vun der Schmelzaarbechter. Déi Zeie vun eiser Vergaangeneheet ginn awer net als réngt Denkmal gesinn. Se ginn an e liewege Kader gesat. Vläch gelénge et dann och, eis Schmelziwwerreschter ze vernetzen an e Circuit vun Industriekultur opzebauen am Minett. Et ass eng Chance, datt dës Industriebrooch an der Noperschaft vum Zentrum läit a sech doduerch d'Méiglechkeet ergëtt, fir dësen Zentrum z'erweideren an ze beliewen. Dat ass méi sënnvoll a méi rationell, wéi nei Quartieren op der grénger Wiss ze bauen. D'Baulandreserve vu Ribeschpont solle réischt an Ugrëff geholl gi wann et wierklech noutwenneg ass. Den zukünftege Quartier NeiSchmelz erlaabt och, datt de Quartier Schmelz an de Quartier Italien rëm zesummewuesse kënnen. Et si Passerelle virgesinn, déi vu Foussgänger/innen a mam Vélo kënne genotzt ginn. Mir begrëssen also, datt d'Grondstécker elo rëm zougängelech ginn, no intensiver industrieller Notzung, déi sech och an den Altlasten gewisen huet. D'Sanéierung huet iwwer 25 Milliounen kascht an et bleiwen Oplagen, fir déi zukünftég Bewunner déi zwar Ziergäert, awer keng Notzgäert kënnen uleeën, ausser natierlech a Form vun Hochbeeten. De



Gesamtkonzept, deen elo virläit, strieft eng Mixitéit vun de Funktiounen Wunnen, Schaffen, Akafen a sech Begéinnen un, déi besonnesch an de 70er Jore verluergeangen ass. Et soll och eng sozial a generationell Mixitéit ginn duerch verschidde Wunntypen. Elementer, déi ëmmer erëmkommen, sinn d'Waasserelementer, doduerch datt d'Diddelenger Baach an ënnerschiddlech Formen a Zeen gesat gëtt a Gréngs, dat tëscht de Wunnelementer a Form vun Alleeën oder zur Begrëngung vu Plazen omnipresent ass.

Jo, et kann een sech agreabel Liewenskonditiounen fir déi zukünfteg Bewunner, Bewunnerinnen a Besucher do erwaarden. Vläicht kann de Fait, datt dëst Gebitt am Süde vun Diddeleng läit Angscht maache virum Autotrafic, dee sech erwaardungsgeméis duerch Diddeleng a Richtung Autobunn no Norde géif beweegen. Awer den Uschloss un den Zuch ass bal perfekt an et ass ze hoffen, datt bis dës Quartiere realiséiert sinn, d'Benotzung vum Zuch méi einfach gëtt, wéi dat am Moment ass. Am beschte gefällt eis awer den affichéierte Konzept vun der CO₂-Neutralitéit an dem Ustriewe vun enger Economie circulaire. Den Energiekonzept léisst hoffen, datt entweder duerch d'Notzung vun der Geothermie oder vun der Sonnenenergie fir d'Produktioun vun Elektresch a waarmem Waasser, déi theoretesch CO₂-Neutralitéit kann erreecht ginn. Bei der Economie circulaire, déi d'Erëmverwendung vu Materialien an hir Reparatur ustriift, si mir méi skeptesch. Et si vill Elementer vun engem Ökoquartier an de Projeten vun der Energieversuergung, déi virbildlech ass: Iwwer eng bewusst Notzung vu Materialien, vu Growaasser, Urban Gardening, Urban Farming, Parkhaier an der Peripherie vum Quartier, Plaze fir Véloen, an ech hunn bestëmmt nach Saache vergiess. Den eenzege Schéinheitsfeeler an där Hisiicht ass allerdéngs, datt de Quartier awer op ass fir Autoe vu baussen. Awer dozou nach méi spéit.

Ech kommen dann elo méi genau op déi eenzel PAPen ze schwätzen a fänke mam Norden un. Et gëtt logescherweis mat deem ugefaangen ze bauen. Et ass och dee Plang, vun deem mir als Gréng eis spontan konnten ufrënnen, well en urbanistesche Planung zum Deel réckgängeg mécht, vun deene mir scho viru méi wéi 20 Joer manner begehrt waren. Mir hunn deemools fonnt gehat, datt aus der Fräifläch, déi deemools entstanden ass wou de Crassier ofgedroe ginn ass, hätt kënnen eppes anescht gemaach ginn, wéi e grouse Parking mat enger ellener Këscht als Supermarché. Zimmlech gewinnungsbedierfteg war och, dat Miniwaasserchen, datt knapps nach ze gesi war an huet nach missen nogerüst gi mat Sprangbueren, datt een en weinstens héieren huet an och e bëssi dovu gesi konnt. Wéi anescht an uspriechend dogéint ass elo déi nei Plaz, déi den Awunner an Awunnerinne gehéiert, nodeems d'Autoen an de Souterrain verbannt ginn. Och wann dat elo fir d'Autofuerer/inne manner bequem gëtt, esou mierkt een dach datt d'Akzeptanz vun den ënnerierdesche Parking ënnert der Plaz am Duerf zouhëlt. Jiddefalls kréie mir all nach eng agreabel Plaz mat Gréngfläch am Zentrum, déi souzesoen eng Erweiterung vun der gréisstendeels mineralescher Gemengeplaz ass. Mir fannen och eis Baach erëm, déi siichtbar gëtt an zur Liewensquali-

téit an zur Beliewung bäidreent. Och wann net ëmmer Summer an Terrassewieder ass, esou ass déi zukünfteg Plaz zesumme mat dem Wunraum, deen zum Deel op der ierweschter Plaz an zum Deel laanscht der Diddenewenerstrooss geschafft gëtt, awer ganz agreabel. Zu dësem PAP hat de Supermarché eng Reklamatioun agereecht, déi warscheinlech relativ séier ze behiewen ass.

Den zweete PAP, deen ech erwäne wëll, ass dee vun Italien. Et gëtt esou genannt, well en d'Verbindung mécht zum besteende Quartier Italien an déi Fräifläch a Gréngfläch tëscht dem Barozzi Terrain an der Gares Usines notze wäert. Natierlech ass do déi direktNOPerschaft zu der Gare ginsteg an datt en Deel vun der Gréngfläch an déi al Gebaier mat agebaut ginn an de Projet. Et si verschidden Typologië vu Haiser, déi do entstinn: Reienhaier, Appartementshaier, déi sech gutt upassen un de Quartier un dee si och ruréckelen. Dës zwee PAPen hunn ech als éischt geholl, well mir se kënnen ganz matdroen. Bei deenen anere kënnen mir als Gréng net esou onageschränkt averstane sinn, obschonn den allgréissten Deel dovun eis gefällt. Dat war zum Beispill am PAP Zentrum dee ganzen Deel, da beim Waasser, dee beim Waassertuerm ufänkt, a wou vill vun den Industriegebaier erhale bleiwen a restauréiert ginn. Och d'Waasserbasenge bleiwe bestoen a ginn als Waasserpark bezechent. Zesumme mat der Diddelenger Baach, déi erëm méi aus de Réier däerf, entsteet eng attraktiv ëffentlech Gréngfläch. Hei ass eng Schoul geplangt an och Strukturer fir d'Kultur. Deem géigeniwwer stinn d'Haiser an Immeubles collectifs, déi awer gréisstendeels niddreg gehale sinn. Et ass nëmmen een Héichhaus mat aacht Niveaue virgesinn an engem Ëmfeld, wou awer och méi där Héichhaier kéinte verdroen, besonnesch wa se eng vertikal Begrëngung hunn. Am Fong geholl war eent vun den Ziler vum Fonds du Logement als Bauhär jo méiglechst vill Wunnengen ze schafen. Wisou gëtt net esou dicht an héich gebaut, wéi an de viregte Pläng mol ugeduecht gouf? Kënnen déi zukünfteg Wunnengen iwwerhaupt zu engem erschwéngleche Präis ugebuede ginn? Wäre et net méi opportun gewiescht, op där Fläch méi Wunnengen déi an d'Héicht ginn ze plangen?

Am PAP Süden ass dat beandrockendst Bauwierk dat vum fréiere Walzwierk, dat als Struktur erhale bleift an dat vill Plaz schaaft fir eenzel kleng Entreprisen oder Atelieren oder Servicer dran anzubauen. Domat bleift am zukünftigen Quartier d'Funktioen Schaffen, wann och anescht wéi zu Arbeitszäiten, erhalen. Dat dréit och sécher zur Beliewung vum Quartier bäi a verhënnert, datt just e Schlofquartier entsteet. Et ass och ze hoffen, datt Aarbechtsplazen entstén fir Leit a vu Leit, déi an deem selwechte Quartier liewen. Och op der Südsäit fanne mir eng Gréngfläch a Waasserelementer erëm. Datt an dësem Deel schlussendlech d'Stolwierk erhale bleift ass eng gutt Noriicht an tréischt driwwer ewech, datt den Hall Fondoucq zwar nach fir d'Kulturjoer däerf genotzt ginn, duerno awer wuel verschwanne muss. E grouse kreativen Elan war vun dëser Hall ausgegangen an och ugaangen an et ass ze hoffen, datt dee beim Plënnere net verluergeet.



Wann ech virdu Bedenken ugemellt hu vun der Sait vun deene Gréngen, fir déi zwou PAPen vum Zentrum a vum Süden, esou läit dat awer gréisstendeels um Verkéierskonzept. Zu deem Volet wäert ech lech der Madame Heinen hiren Text virlesen. Ech entschëllege mech, et gëtt elo méi laang, well ech elo eigentlech zwou Persounen hei verrieden. Et ass natierlech eng béis Ironie vum Schicksal, datt si am Krankeschäin ass an hiren Text net selwer virdroe kann, nodeems si op den Asproch als Privatpersoun verzicht huet fir dāerfen am Gemengerot dozou Stellung ze huelen. Also elo hiren Text dann: Här Buergermeeschter, Dir Damen a Hären. Hëllt een NeiSchmelz Süden an NeiSchmelz Zentrum zesummen, leien dës zwou Deeler wéi eng kleng Insel tëscht zwou laang gezunne Stroossen – am Osten d'Rue de la Libération an d'Route de Wolmerange, am Westen d'Route de Thionville, déi am Süden mat der Wuermerengstrooss anenee leeft. Am Norden ass eng kloer, jo bal eng idyllesch Ofgrenzung duerch d'Pomhouse, de Waassertuerm, mat de Basengen, Diddelenger Baach an dem Kulturzentrum. Souwäit mir dat erkennen, ass d'Mobilitéitskonzept vun dësem Deel NeiSchmelz e Shared Space mat Duerchgangsverkéier. Mir verstoppen net, datt mir eis doriwwer wonnere. NeiSchmelz ass als Ökoquartier ugekënnegt ginn, mat Parkhaiser an der Peripherie a mir sinn dovun ausgaangen, datt am Fong just déi Leit, déi do wunnen oder schaffen innerhalv vum Quartier motoriséiert circuléieren, an dat sollt dann awer och op e Minimum reduzéiert ginn. D'Mobilitéé douce oder active steet hei ganz kloer am Virdergrond. Den ëffentleche Raum gëtt esou gestalt, datt de Mënsch am Mëttelpunkt steet, datt hei eng flott Plaz geschaf gëtt fir als Foussgänger/in, Vëlofuerer/in sech fräi a sécher beweegen ze kënnen, datt doduerch méi sozial Kontakter entstinn an esou weider an en anert Zesummeliewe méiglech ass.

Déi zukünfteg Awunner/innen a Leit déi do schaffen, wäerte sech sécher am Virfeld bewosst sinn, datt d'NeiSchmelz e Quartier ass, deen a Punkto Mobilitéit e bëssi anescht ass, mat Virdeeler an Nodeeler jee no Usicht. Et gëtt keng Parkplaz bei der Wunneng, et gi manner Parkplaze wéi üblech mat engem Stellplatzschlüssel vun 0,8, d'Weeër si kuerz, Wunnen, Schaffen, Fräizäit, Servicer – alles ass no beieneen. Et besteet eng optimal Ubannung un den ëffentlechen Transport, d'Mobilitéé active gëtt promouvéiert, d'Méiglechkeet vu Carsharing ass ginn... Mënschen, déi hei eng Wunneng kafen oder loune wäerten net all en Auto hunn, sief et aus finanzieller Grënn oder aus Iwwerzeegung, well se kee brauchen. A fir déi mam Auto wäert et eng Ëmstellung bedeuten, den Auto net direkt prett virun der Dier stoen ze hunn, wéi dat meeschtens hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. Op NeiSchmelz gëtt et also eng aner Approche vun der Mobilitéit. Dësen neie Quartier gëtt net fräi vun Autoen, mee manner Autoen ass hei de Credo. Manner motoriséierte Verkéier bedeit manner Kaméidi, manner Ofgasen, manner Onsécherheetsgefill, manner Stausituatiounen an domat verbounen si Retarde fir Bussen a manner Stress. Et bedeit virun allem eppes: E Plus u Liewensqualitéit fir Kanner op hirem Schoulwee oder beim Spillen dobaussen, fir jonk Elteren déi mam Nowuess ënnerwee sinn, fir jonk Leit déi am Fräi-

raum „chillen“, fir Familien déi sech begéinen, fir Net-Residenten, déi Kontakter knëppen, fir eeler Persoun a Mënsche mat Behënnerungen, déi ongestéiert flanéiere wëllen.

Wa mir dat richteg verstanen hunn, verlafen duerch den Ilot Süden an Zentrum zwou Querverbindungen mat Tempo 30, déi d'Route de Wolmerange an d'Diddenewenerstrooss verbannen an déi op si fir all Gefier, dat heescht jidderee kann do erafueren, duerchfueren, eng Parkplaz sichen an vläicht kuerz stoe bleiwen, wou et eigentlech net erlaabt ass, sou wéi dat um Beispill Niddeschgaass am Shared Space de Fall ass. Vun dësen zwou Querverbindungen aus kënnt een an déi Stroosse, wou Tempo 20 gëllt an et kann een duerch de ganze Quartier circuléieren. Wa mir dat richteg op dem Plang interpretéieren ass d'Eran- an Erausfueren vum Quartier Süden an Zentrum awer och iwwer verschidden aner Zougäng op Tempo 20 Stroossen méiglech. An eisen Aen steet dës geplangte Verkéiersféierung am Widdersproch mat der virdrun beschriwwener Approche vun enger anerer Mobilitéit, enger mat manner motoriséiertem Verkéier. Awunner/innen, déi dës Approche eigentlech vum Fank un a Kaf huelen mat den Nodeeler awer och de Virdeeler, déi sech doraus erginn, dierfe sech grad esou wonnere iwwert den Duerchgangsverkéier wéi mir. Dobäi ginn et intelligent Systemer mat Barrièren oder Poller, fir QR-Code, Chip an Nummerscheld z'erkennen. Esou kéinte just Residenten, Autoen, Bussen, Flexibussen, Schoulbus, Gefierer vum Handwierk, Commerce, Gastronomie, Post, Gemengeservicer asw. onproblematesch eran- an erausfueren. D'architektonesche Gestaltung vun deem groussen Areal ass predestinéiert fir der Approche vu manner Autoen gerecht ze ginn. Scheitert et um politesche Wëllen oder och um politesche Courage, fir dës Approche vu manner Autoen konsequent duerchzusetzen? E Shared Space ouni Duerchgangsverkéier fir d'Stad Diddeleng als Klimabündnisgemeng an NeiSchmelz als Ökoquartier géife mir jiddefalls besser fannen.

Zwee Detailler leien eis nach um Härz betreffend d'Route de Thionville, déi eng Staatsstrooss ass a fir déi de Ponts et Chaussées zoustänneg sinn. Dat wieren d'Vitesse an de Foussgängeriwergank op der Héicht vum jëtzege Urban Gardening fir eriwuer bei d'Gares-Usines. Op de Pläng ass et nach an der Diskussioun, mee fir eis wier et kloer, datt nieft engem Wunnquartier op der ganzer Längt mat maximal 50 nëmmen dāerf gefuer ginn. Et wier och evident, datt en Zebra eleng op där Plaz net duergeet an et wär eng zousätzlech Luucht néideg. Merci fir d'Nolauschteren. Et bleift mir dann zum Ofschloss bäizefügen, datt mir fir de PAP vum Norden a vun Italien stëmmen an datt mir eis dann aus deene Grënn, déi ech elo laang genuch opgezielt hunn, bei deene vum Zentrum a Süden enthalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci. Den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter a Merci och all den Architekten fir hiren Exposé an déi Erklärung, déi si ginn hunn an och fir déi immens vill Aarbecht, déi geleescht ginn ass, souwuel



vum Fonds du Logement wéi vun de verschiddenen Architekturbüroen an och vum Architekturservice vun der Gemeng an all den aneren Leit, déi implizéiert waren. Ech hunn nach verschidde Froen, op déi ech dann um Enn vu menger Interventioun zrëckkommen. Fir d'éischt emol déi allgemeng Stellungnam: De ganze Projet NeiSchmelz, also déi véier PAPen, sinn e flotten an interessante Projet, deen eng ganz Rei positiv Aspekter huet, wéi zum Beispill: eng coherent Planung op engem gréissere Stadgebitt, d'Recherche vun der CO2-Neutralitéit, eng innovativ Approche betreffend d'Energie-lierwerung vum Quartier, d'Erhale vun engem Stéck vun der industrieller Geschicht vun der Stad Diddeleng an domat och d'Erhalen an d'Emnotze vun enger Rei Industriegebaier an hir Integratioun an den neie Quartier, an och vill aner Aspekter, déi ech hei net opzielen.

Ech wollt awer eng Remarque vun der Madame Goergen opgräifen. Ech ka mech un eng Broschür fir d'Gemeingewalen erënneren. Do war geschriwwen ginn: „Mat(s)ch in der Birne statt Grütze im Kopf“. Domat war gemengt, datt et urbanistescht net ubruecht wier, e grouesse Supermarché zimmlech no am Zentrum ze setze mat all deene Fernlasteren, déi dat da mat sech bréngt. Do muss ech allerdéngs wat d'Gemeng ubelaangt soen, datt si dat bëssi virun d'Nues gesat kritt huet, well do deemools den Här von Kunitzki, Finanzdirekter bei der Arbed, dem Här von Kunitzki, Direkter bei Courtéoux, deen Terrain verkaf huet. Leider konnt d'Gemeng géint déi Feelplanung net ganz vill maachen. Desto méi frou si mir, datt do en interessant a flott Konzept fir de PAP Norde virläit, fir déi Situatioun esou wäit wéi et geet ze redresséieren.

Mir hunn dann awer, wéi déi Gréng och den Androck, datt d'Majoritéit bëssi op hallwem Wee stoe bliwwen ass. An dat jiddefalls op zwee fir eis ganz wichtege Punkten, do geet déi proposéiert Planung eis net wäit genuch. Den éischte Punkt betrëfft d'Problematik vun der Wunnengsnout hei zu Lëtzebuerg. Wéi Dir ganz sécher wësst, brauche mir laut STATEC all Joer tëscht 5600 an 7500 nei Wunnengen. Dat geet net duer, fir de Retard opzehuelen. Dat geet just duer, fir déi nei Bevëlkerung, déi all Joer bäikënnt, opzefänken. Da kéint een natierlech eng aner Economie politique bedreiwe mat manner Wuesstem, mee dat huet déi heite Regierung net wëllen. Also mussen déi Leit iergendwéi kënne sozial an zu adequate Präisser ënnerbruecht ginn. Op Diddeleng bezunn, géifen déi Zifferen dann heeschen, datt Diddeleng all Joer, wann Diddeleng esou séier wësst wéi de Rescht vum Land, 230 nei Wunnengen géif brauchen, wa mir wëllen, datt den Diddelenger hir Kanner och hei zu Diddeleng kënne wunnen an net mussen op Zoufftgen, Kanfen, Perl oder Wincheringen auswanderen. Da mussen déi nei Wunnengen och bezuelbar sinn. Bei den aktuelle Bauterrainspräisser féiert kee Wee dolaanscht méi héich ze baue, fir datt d'Präisser vun de Wunnengen och fir Leit mat net esou héichen Akkommen nach abordabel bleiwen. An deem neie geplangte Quartier, do eegne sech eiser Meenung no op d'mannst mol zwou Plazen, fir méi héich ze bauen. Déi eng am PAP Zentrum laanscht d'Eisebunn, do un deem Site wou virdrun déi véier Héichiewe stoungen, do kéinte ganz gutt véier méi

héich Gebaier histoe kommen. Wa mir soe méi héich, da menge mir esou héich wéi de Waassertuerm. Dat ass eiser Meenung no och e sënnavollen architektonesche Rappel un déi Zäit vun der Stolindustrie, wou do grad esou héich Héichiewe stoungen. Déi aner Plaz wou e méi héicht Gebai sënnavoll wier, eiser Meenung no, dat ass ganz am Süde vum PAP Süd. Net do wou elo d'Gréngzon an d'Waasserfläch ass, mee direkt hannendrun, als architektonescht „Landmark“, als Entréeszeechen an Diddeleng. An do war iwwerens am Ufank vun der Planung méi en héicht Gebai virgesinn. An da vläicht nach eng drëtt Plaz, nämlech och dat Gebai vun der Place Fohrmann. Do kéinte mir eis ganz gutt e Stack méi virstellen.

Ech wollt nach ënnersträichen, datt d'Bauhéicht, respektiv d'Baudensitéit, näischt mat Bauvitesse a Vitesse vu Wuesstum vun der Stad a Gemeng Diddeleng ze dinn huet. Dat sinn zwee verschidde Puer Schong. Op anere Plazen, also ech denken do u Miersch a Woltz, do ginn och dausend Wunnengen nei geplangt, mee op manner Fläch. Wann Dir elo mengt, ech hätt se net méi all, da soen ech dozou, datt ech aus dem Landwirtschaftssecteur kommen. Ech hu meng ganz professionell Karriär an deem Beräich gemaach an do hu mir als Lëtzebuerger en europäesche Rekord, op dee mir ganz gutt kéinte verzichten. Lëtzebuerg ass nämlech den europäesche Champion, proportionell zu senger Landesfläch vum Zoubetonéiere vu Flächen, mat 800 Hektar all Joer. Wa mir esou weiderfueren, da bleift no enger Zäit net méi ganz vill vun de grénge Flächen. Elo kënnt Dir mir soen, dat hei ass en Industriegebitt. Natierlech, wann een en Industriegebitt net dicht notzt, da muss op anere Plaze méi gebaut gi, fir datt d'Leit och eng Wunneng fannen. Ech fannen, mir kënnen eis et einfach net leeschten, weider esou vill Flächen ze verbaue wéi an den 1950er Joren. A wa mir elo an Zäite vu Coronakris schwätze vu Biodiversitéit, Erhale vu Biodiversitéit, biologescher Landwirtschaft, lokal produzéieren, kuerz Weeër bis bei de Produzent, dann ass dat alles mam risege Landverbrauch, dee mir fir de Moment zu Lëtzebuerg hunn, net kompatibel.

Ech kommen dann zu eisem zweeten Haaptuleies. Dat ass d'Problematik vun der Mobilitéit. De „Shared Space“ heescht zwar esou, mee en ass net „shared“. Dat huet een an der Niddeschgaas ganz gutt gesinn. Shared Space ass 90% Auto, an da sollen déi Aner kucken, wéi si eens ginn. Mir bleiwen der Meenung, datt hei eng Chance verpasst gëtt. Nämlech déi, aus dem Quartier NeiSchmelz en autofräie Quartier ze maachen. A mat „autofräi“, do menge mir: Nëmme Zougang fir Personnes à mobilité réduite an d'Hëllefsgesichter, also d'Ambulanzen, Pompjeeën an esou weider. Deen Nodeel, deen dann d'Leit hunn fir bis bei e Parkhaus ze goen, dee gëtt eiser Meenung no méi wéi kompenséiert duerch e substantielle Plus u Liewensqualitéit. D'Championen am Vëlofueren hei an Europa, dat sinn d'Hollänner an d'Dänen. A wann een da freet firwat si Vëlo fueren, da soen d'Hollänner zu 35-40% wéinst der Gesondheet, 35-40% wéinst der Ëmwelt an zu 70%, well et méi convivial ass, well et méiglech ass stoen ze bleiwen, well et méiglech ass mat de Leit ze schwätzen. Et sëtzt een eben net an



enger stolener Këscht, wéi bei engem Auto. Hei hu mir ausserdeem da bei der NeiSchmelz nach eng exzellent Ubannung un den ëffentlechen Transport, déi dat och géif erlaben. Wéi mir iwwert de Quartier A Bëlleg diskutéiert hunn an do d'CSV, déi Gréng an déi Lénk och fir en autofräie Quartier plaidéiert hunn, do hu mir gesot kritt, dat géif fir verschidde Leit, déi op Schichte schaffen zum Beispill net goen, well déi missten en Auto hunn. Dat stëmmt wuel, mee et ass awer fir eis kee Argument géint den autofräie Quartier. Hei ass zum Deel scho mat Parkhaier an Opfangparkinge geschafft ginn, just dee leschte Schratt ass net gemaach ginn. Eiser Meinung no hätt een dat misste konsequent duerchzéien an nëmmen aus deene Parkhaier eraus op déi grouss Achsen, also ech mengen domat d'Route de Thionville, Zougang loossen. Iwwregens huet d'Gemeng dat och schonn duerchgezunn. Ech erënneren do un d'Camionnetten. D'Camionnetten an d'Liwwerween sinn aus de Quartieren erausgeholl ginn a si sinn op Opfangparkingen ausserhalb vun de Wunngebitter gesat ginn, mat, mengen ech, enger ganz grousser Zoustëmmung, schlussendlech och vun deene betreffende Leit, déi op deene Camionnette fueren.

Souwäit zu eisen zwee Hauptuleiessen, wat d'Problematik vum bezuelbare Wunnraum an eng Recherche vu méi enger héijer Liewensqualitéit duerch autofräi Quartiere sinn. Dofir stëmmen mir da just fir de PAP Italien a bei deenen dräi anere PAPen, obschonn datt mir déi wierklech ganz flott fannen op villen Aspekter, enthalte mir eis. Ech hunn dann nach zwou Eenzelfroen. Dat Eent, dat ass effektiv dat zukünftegt Energiekonzept. Sinn do scho méi Detailer gewosst, a wat fir eng Richtung et kéint goen? Dat Zweet betrëfft d'Pollutioun vun Terrainen. Do gëtt et ënnert dem ganzen Areal vum Stolwierk eng Rei Kanäl a Schächte, déi grad esou staark polluëiert sinn oder waren, wéi de Buedem ënnendrenner. Ech wollt froen, ob do och schonn déi Kanäl a Schächte mat sanéiert gi wieren. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Thill. Nach weider Stellungnamen? Här Glesener.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt spontan nach en zousätzlechen Denkustouss hei liwweren an natierlech schléissen ech mech all deene Mercien un, déi meng Virriedner alleguer scho virbereet hunn. Mäin zousätzlechen Denkustouss, haaptsächlech zu den ëffentleche Plazen, also hei hu mir vu „Lieux de rencontre“, „Places publiques“, „Parke“ geschwat. Ech wëll dozou soen: Dat urbanistescht Plangen an Ariichten ass eng Saach, a si herno beliewen ass eng aner. Ech muss do e bëssen aushuelen. Ech hu mech decidéiert elo spontan hei drop ze reagéieren, wéi bei der Virstellung vum PAP Nord de Verglach gemaach ginn ass mat der Plëss. Dat huet mech un eppes erënnert: Viru laanger Zäit, wéi de fréiere Post-Parking ëmgeplangt sollt ginn an deen – ech nennen en ënner Gänseféisscher „Quartier am Duerf“ – do souz ech hei zu Diddeleng nach als Preventionist bei de Pompjeeën an ech krut en Avant-Projet, eng Maquette, virgestallt, wéi dat herno soll ausgesinn, fir datt d'Pompjeeën sech

scho kéinten an engem ganz fréie Stadium Gedanken driwwer maachen, ob déi Gebaier dann uleederbar waren, ob si den Accès gerecht kéinte ginn oder ob do nach misst dru geschafft ginn. Déi Maquette, déi war quasi änlech wéi d'Plëss. An der Mëtt war eng grouss Plaz, wou Dëscher a Still souzen. Et ware vill Leit op der Maquette mat dropgebastelt. An deem Krees ronderëm huet een nach e puer Leit um Vëlo gesinn. Et war richtig idyllesch an esou hunn ech mir se och virgestallt.

Wéi se gebaut ginn ass, huet se dat eigentlech hierginn, mee duerno huet se dat awer net d'selwecht am Liewe gefëllt. Zumindest net direkt. Firwat ass dat esou? Dat läit dorunner, datt mir iwwerhaupt keen Afloss drop hunn als Gemeng fir ze kucken, wat fir eng Commerce sech do ofloosse, well dee ganze Beräich an deene Gebaier jo privat ass. Stellt lech d'Plëss fir wann am plaz vu Restauranten a Caféë ronderëm déi ganz Plëss en Teppechbuttek wier, eng Agence de voyage a quasi soss net vill. Da wär dat jiddefalls net déi Plëss, déi mir haut kennen a se hätt och net déi Attraktivitéit. Ech sinn dofir der Meinung, datt mir just den Denkustouss haut wëlle ginn, datt mir alles mussen en place setzen, fir datt mir déi zukünfteg Plazen, déi Lieux de rencontre och wierklech mat Liewe kënnen fëllen an, datt mir do iwwert déi eng oder déi aner Handhab mussen drop hunn, wie sech do niddlerléisst an net einfach ëffentleche Commerce. Juristesche weess ech net, wat een do ka maachen, mee ech wëll den Denkustouss awer hei lassginn.

Am PAP Zentrum wëll ech och just eng Kéier ervirhiewen, well do ganz vill Leit mech drop ugeschwat haten, datt den Urban Gardening erhalte bleift, datt e méi eng flott Plaz kritt, wéi do wou en haut ass, an dat freet mech besonnesch, ganz perséinlech.

Bei der Präsentatioun vum PAP Süd, do hätt een tëscht den Zeile bal eraus kënnen héieren, datt mir eis entschëllegen, datt och eng Partie grouss Gebaier do geplangt sinn. Mir sinn eng grouss Stad a se gëtt ëmmer méi grouss a mir hunn an dësem Areal richtig vill ëffentleche Plaze virgesinn an dës ëffentleche Plaze brauchen och vill Leit, fir se ze fëllen. Also kënnen mir mat Stolz soen, wat mir do wëlle bauen a mir mussen eis jiddefalls net verstoppen, wa mir méi a méi dicht wëllen op verschidde Plaze bauen. Souvill zu menger Interventioun, ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Glesener an da kritt d'Wuert den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hätt just e puer Froen an e puer Remarquen. Meng éischt Fro, déi ass mir opgefall wou ech d'Texter gelies hunn, wou ëmmer déi Dualitéit do stoung vun der Energieversuergung, datt et entweder Richtung Geothermie oder an déi aner Richtung vu Waasserkollektieren um Daach vum Laminor geet. Et hu jo schonn aner Conseillere drop ugeschwat, mee meng Fro wier einfach, ob den Här Buergermeeschter eis kéint den aktuelle Stand vun den Etüd vun der Geothermie profonds ginn, well et ass awer elo schonn eng Zäit hier, datt mir



déi lescht Informatiounen dovun kritt hunn. Zweetens, wat d'Konzept vun der Mobilitéit ugeet, huet d'CSV elo weider net driwwer geschwat, mee dat heescht guer net, datt mir dat net wichteg fannen. Mee mir hate schonn e puer Mol op där Plaz hei ugedeit, datt deen Aspekt esou wichteg ass, datt mir elo net wollten hei déi ganz Diskussioun vun de PAPen domat iwwerlueden, mee dass dat eng Plaz fir eng eege Plattform wier, déi sech eleng dorëm géif këmmen. Do geet et dann och net nëmmen ëm d'Mobilitéit am Quartier, mee et geet jo och ëm d'Mobilitéit eraus aus dem Quartier an aus Dideleng, et geet ëm déi berühmte Barriären déi solle verschwannen. Mir hu gemengt, dat ass esou e komplexe Risenthema, datt mir deen elo hei net wollten extra beréieren, mee datt mir ëmmer nach zouversichtlech sinn, datt do enker eng extragrouss Plattform a Plaz gesat gëtt, fir do Neel mat Käpp ze maachen.

Meng drëtt Fro, déi geet un de PAP Nord. Do si jo elo am Fong nëmmen 215 nei Parkplazen déi geschafe ginn, well am Fong falen der jo iwwert 200 ewech, doduerch datt d'Fohrmannsplatz hir Parkplaze verléiert. Do wollt ech da just froen: Wann déi vill Plazen ewechfalen, mat deene 400 mengen ech 85 déi mir elo nach hunn, ob mir mat där Zuel de Rapport vun 0,8 pro Logement nach ëmmer anhalen oder ob dat eng Zuel wier, déi wouer gewiescht wier virdrun, nach wou déi Parkplazen op der Fohrmannsplatz nach disponibel waren?

Dann hätt ech och zum PAP Nord déi Fro, wou den ënnerierdesche Parking sech genee soll lokaliséieren? Läit e just ënnert dem Fonktiounsgebei, dat um Eck läit zur Karl-Marx Strooss oder zitt e sech ënnert méi e groussen Areal ënnert der Fohrmannsplatz? Ech hätt gemengt, ech hätt iergendee Croquis, e Schema iergendwou gesinn, ech hunn en awer net méi esou séier hei erëmfonnt, wou gewise war, datt den ënnerierdesche Parking méi grouss kéint si wéi dat Fonktiounsgebei.

Dann d'Remarque zu der Verbindung vun der Gemeengeplaz mat der grousser neier Plaz vun der Fohrmannsplatz. Do hunn ech net richteg matkritt... Et gëtt jo gesot, datt et wichteg ass, datt déi verbonne ginn. Och zum Beispill wa Kiermes ass, geet déi iwwert déi zwou Plazen. Hu mir do wëlle ënne bei der Gemeng, also beim Restaurant do um Eck, d'Karl-Marx Strooss carrement zou ze maache bis uewen hinner, soudatt een an d'Karl Marx Strooss nëmme vun uewen erbäikënn, vum Crassier erbäi, oder maache mir do awer eng méi berouegt Form vu Verkéier? Also ech perséinlech kéint mir virstellen, datt et méi eng flott eenheetlech Plazverbindung géif ginn, wa guer kee Verkéier duerch d'Karl-Marx Strooss géif goen, mee ech weess net ob dat méiglech oder virgesinn ass. Dat wier awer mol meng Fro an déi Richtung.

Dann eng Fro un d'Madame Christine Müller vum PAP Italien. Ech hunn do an Ären Ausféierungen héieren, datt keng Chance géif bestoen, déi Dumpingstatioun vun de Mobilehomen ze behalen. Vu datt ech oft vu Leit ugeschwat ginn, déi ganz besuergt sinn ëm déi Dumpingstatioun, déi an deem Milieu dra sinn, ganz aktiv sinn, a mir ëmmer erëm soen, wat fir e groussen

Uklang eis Dumpingstatioun och a ganz Europa an a Fachzätschrëfte vum Camping a Caravaning fënnt, do wollt ech froen wat elo konkret do virgesinn ass. Bleift déi kléng Dumpingstation op där Plaz wou si ass, oder fält si ewech? An ech hat awer gemengt ze verstoen, mat deem wat Dir eis gesot hutt, se géng ganz ewechfalen. Do wollt ech awer Kloeerheet hunn.

Meng lescht Fro bezitt sech dann op eis Demandeurs d'asyle, op eis Flüchtlingen, déi de Moment an der provisorischer Struktur op der Wuernergerstrooss sinn. Ech wollt froen, ob déi an där Struktur bliwen oder hu mir – an ech mengen, ech hat et scho gefrot, mee ech muss éierlech soen ech weess net méi wat gesot gi war – virgesinn, déi ënnert de Laminier ze bréngen an eng nei Struktur? Wa mir do Detailler kéinte kréien, wouhin déi Leit dann transferéiert ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci Här Gangler, Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert. Ech hale mech och ganz kuerz no all deene Mercien déi gesot gi sinn. Ech sinn an deem Quartier grouss ginn an ech hu gesinn do wéi dee Match-Parking do entstane ass deemools. Mir hunn deemools do gespillt wou de Match do gebaut ginn ass. Haut ännert sech d'Plaz nees. Ech ka mech awer nach ganz gutt un déi Problemer erënneren, déi deemools do entstanen sinn. An engem Perimeter vun 150 Meter, vun do wou Dir de Parking Souterrain wëllt maachen, do waren zwou Boiten, déi Faillite gaange sinn duerch d'Grondwaasser, wat ëmmer erëm eropgaangen ass. Ech wollt lech nach eng Kéier als gudde Conseil weiderreechen, datt een immens muss oppasse wat een do baut wéinst dem Grondwaasser, net datt mir do finanziell bälafen oder datt mir do iergendwellech Iwwerraschunge kréien op déi mir eis hätte kënne virbereeden.

Dann hunn ech eng zweet Fro. Mir hunn eis vill Méi gi gehat fir ze kucken datt mir d'Camionnetten aus dem Stadzentrum erauskréien. Do wou d'Camionnetten haut sti gëtt duerno nees en neie Stadzentrum. Wat maache mir dono, gëtt et schonn eng kleng Iwwerleeung, wou mir d'Camionnetten kënnen hiplazéieren? Datt mir déi iergendwéi ronderëm den neie Quartier parke kënnen, fir datt déi Leit kënnen hir Camionnetten do owes ofstellen? Voilà, dat sinn déi zwou Froen gewiescht déi ech hat, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci Här Martini, Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Däerf ech just ganz kuerz eng Zousatzfro stelle, wou ech awer net onbedéngt haut eng Äntwert drop erwaarden, mee just datt d'Fro net vergiess gëtt. Mir hunn eng gréisser Fotovoltaikanlag um Gebai op der Schmelz an do sti Panneauen anescht orientéiert, wéi elo hei virgeschloe gëtt, an déi op der Schmelz ass äusserst produktiv. De Rendement ass 30 Prozent méi héich, wéi dat wat d'Coopérateure versprach kritt haten. Hei gëtt elo d'Orientéierung fir déi Panneauen gewielt, nämlech eng Pente just vun 10 Pro-



zent an net Nord-Süd mee Ost-West, manner héich wéi den Acrotère vum Gebai. Just meng Fro, ech huelen un datt dat technesch gekuckt ginn ass. Ass datt just aus architektonesche Grënn oder huet dat och eppes mat dem Rendement vun der Energie ze dinn? Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Villmoos Merci. Ech mengen dann hätte mir d'Ronn hei ofgeschloss. Mir hunn eng Rei Froen, déi sech direkt un d'Architektbüro wenden. Dofir proposéieren ech, datt Dir kéint op déi verschidde Punkten agoe mat de PAPen. Da géinge mir och säitens vum Schännerot op deen een oder anere Punkt agoen. Ech weess net wie well ufänken, who is first? Den Norden.

TOM BEILER (BEILER FRANÇOIS FRITSCH ARCHITECTES):

Da fänke mir nees am Norden un. Ech komme vläicht op déi spezifesch Froen eng Kéier kuerz zrëck. Also et geet natierlech ëm Parkplazen och. Déi éischt Informatioun: Mir halen de Schlëssel an, esou wéi e virgesinn ass. Et muss een awer och wëssen datt iwwert de ganze Quartier natierlech eng Repartitioun vun de verschiddene Parkplaze gemaach ass. Mir am Norden zum Beispill hunn déi technesch Méiglechkeet e Parking souterrain ze maachen. An anere Quartieren ass dat net de Fall, soudatt iwwert de ganze Quartier ëmmer gekuckt ass fir datt d'Besoine vun de Parkplazen sech equilibréieren. An dësem Fall ass et awer elo esou datt mir am Norden dee Ratio anhalen. Et muss ee wëssen datt 22.000 m² kënne realiséiert ginn. Dovu si just entre Guillemete 14.000 m² wat d'Logementer sinn, well mir am Norden natierlech och proportionell vill aner Funktiounen hunn, soudatt mir déi Ratien um Terrain eben anhalen an datt déi eppes iwwer 200 ëffentlech Parkplazen, déi am Slide virdru gewise waren och u sech d'Recuperatioun vun de Parkplazen, wéi ee se lo op der Place Fohrmann huet, sinn.

Zu der Emprise vum Sous-sol, do hu mir natierlech och gekuckt datt mir sou wäit wéi méiglech am Gebai bleiwen, datt huet och Grënn vum Waasser, well et muss ee wësse wann ee Waasser am Terrain huet, dat dréckt d'Sous-sollen aus dem Buedem eraus. Wann een da kee Gebai drop stoen huet, da muss een ëmsou méi technesch, ech well net soen Equipementer, mee Konstruktiounen virgesinn, domat de Sous-sol am Buedem bleift.

Ausserdeem ass et och esou, mir wollten op engem groussen Deel vum Terrain, do wou déi Gréngfläch kënnt vun der Place Fohrmann, datt d'Beem kënne an de Buedem geplazt ginn an net einfach op eng Dall vun engem Sous-sol, datt et och wierklech en Espace vert gëtt, esou wéi en ebe soll sinn. An och weinst den Etanchéiteiten an deene verschiddene Responsabilitéite, wann een eng ëffentlech Plaz huet iwwert engem Sous-sol, wann deen net ganz ëffentlech ass, dann huet een natierlech och verschidde Responsabilitéiten, déi do spillen, datt wollt mir och net maachen, well déi Place Fohrmann an den Domaine public integréiert gëtt. Zu der Karl-Marx Strooss an der Connectioun tëscht der Gemeindeplaz an der Fohrmannsplaz, do ass et esou datt mir fir d'éischt elo mol iwwert de PAP e visuelle Kontakt schafen. Et ass jo elo esou, urbanistesches muss mir

d'Méiglechkeete schafen. Ob d'Karl-Marx elo ugepasst gëtt am Kader vun Amenagementen, vun Infrastrukture vum PAP, dat ass nach ze kucken. Dat ass jiddefalls am Moment an der Emprise vun dësem PAP net virgesinn.

Voilà, ech mengen dat sinn déi Haaptfroen. Ech ka vläicht nach kuerz op d'Fotovoltaik agoen. Et ass kloer, datt een haut eben éischer Ost-West Orientéierung hëllt, well dann déi eenzel Panneauen sech net géigesäiteg Schied maachen an datt een da méi eng grouss aktiv Fläch eben huet an, datt een dann normalerweis nach eng méi optiméiert a méi performant Anlag ka realiséieren wéi Süd-orientéiert Panneauen, déi e bestëmmte Wénkel hunn. Voilà, ech mengen dat waren elo déi Froen fir den Nord.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES S.A.):

Ech géif dann éier datt ech op d'Froen fir de PAP Zentrum aginn och als Verriederin vun der Planergemeinschaft, déi de ganze Masterplang studéiert huet vläicht och op e puer méi allgemeng Froen agoen, wat d'Energiekonzept an d'Verkéiserskonzept betrëfft, déi vläicht bëssi iwwergeuerdent sinn. Ech fänke vläicht mam Energiekonzept un. Et ass richtig, datt mir bis elo ëmmer nach op deenen zwou Hypotheese schafen, dat heescht entweder Geothermie kombinéiert mat Fotovoltaik oder Solarthermie kombinéiert mat Fotovoltaik. Do sinn Etüde gemaach ginn, och fir dat mat der Fotovoltaik nach eng Kéier ze präziséieren, mat verschiddenen Orientatiounen vun de Panneauen, mat verschiddenen Inclinaisonen vun de Panneauen, fir just eben ze kucken, wéi eng Orientatioun an Inclinaison déi bescht ass, mat dem beschte Resultat. Et ass och esou, datt virgesinn ass, datt déi Panneauen net ënnert dem Acrotère därefer sëtzen, well hei am Quartier, duerch all déi Surfacen déi mir bauen, hu mir awer e richtig grouss Besoin un Energie. Wat mir am Energiekonzept studéiert hunn mat de Bureaux d'Etude, dat ass, fir d'Fläche vun de Fotovoltaikpanneauen wierklech optimal auszunutzen an ze maximiséieren. Dat heescht am Detail, datt wann op ee Gebai Fotovoltaik gesat gëtt, datt dat déi iewescht Couche ass. Dat heescht, dat muss iwwer alles driwwer goen: iwwert de Liftopbau, deen e bëssen ëmmer eraussteet an eben och um Niveau vun dem Acrotère muss sinn, domat eben all déi Elementer net Schied kënne op déi Fotovoltaikselementer projézieren an doduerch eben de Rendement géife verréngeren.

Wat jo och virgesinn ass, ass, datt mir déi Südsäit vum Stolwierk benotze kënne, well do hu mir en héicht Gebai, wou keng Verschattung drop kënnt. Et ass am Fong déi Plaz, déi an de Simulatiounen ganz kloer erausgestach ass, wou mir och an der Vertikalitéit nach Panneauen kënne op eng wierklech interessant Aart a Weis ausnutzen. All déi aner Fassaden hu mir och iwwerpréift, mee duerch eng städtesch Situatioun ass et evident, datt do ëmmer zu verschiddenen Zäiten – Dageszäiten a Joreszäiten – verschidde Surfacen op de Fassaden am Schied sinn. An doduerch ass de Rendement op de Fassaden dätlech manner interessant, dofir eben d'Präferenz fir d'Diech, wou mir ebe – wéi den Tom elo scho gesot huet – wou mir duerch déi Ost-West Orientéierung en optimale Rendement kréien, kombinéiert domat, datt d'Fotovoltaik déi iewescht Couche ass, fir och do Schied



ze verhënneren. Déi eenzeg Ausnam ass eben d'Südfas-
sad vum Stolwierk, déi mir awer gutt kënne benotzen.
De Fong ka vläicht herno nach Informatiounen ginn, wou
si dru sinn mat der Geothermie. Do ass jo elo nach eng
weider Buerung ugeduecht an dat ass och an der Prepa-
ratioun, fir datt mir do méi fiabel Informatiounen kréien,
fir déi Decisioun da kënne ze huelen, wéi ee vun deene
Konzepter schlussendlech soll zréckgehalen ginn.

TOM BEILER (BEILER FRANÇOIS FRITSCH ARCHITECTES): Soll ech villäicht, Sala, direkt eppes dozou
soen? Ech fänken un duercherneen ze kommen, mat all
deene Punkten. Wat d'Geothermie betrëfft, ass et ef-
fektiv esou, datt mir zesumme mam Ministère gekuckt
hunn, fir datt zesummen ze finanzéieren, fir och vum
Kyoto-Fong kënne ze profitéieren. Dat ass alles esou
gutt wéi duerch. Elo komme geschwënn déi éischt
Ausschreiwungen an dann ab nächstem Joer sinn eng
ganz Rei seismologesch – wann ech datt richteg op
Lëtzebuergesch soe – Etüde gemaach ginn, fir da Rich-
tung Enn 2021, Ufank 2022 dee Forage kënne ze
maachen. Et ass och an deenen Etüde, wou definéiert
gëtt, wéi déif ee muss goen. De Challenge ass na-
tierlech, do déi richteg Temperatur, dee richtigen De-
bit, ze fannen, unhand vun deem mir dann och wëssen,
ob dat fir de ganze Quartier duergeet oder net. Et ass
och en fonction dovunner, datt mir wëssen, ob mir bei
de Plang B ginn oder beim Plang A bleiwen, ob dee mir all
hoffen, datt d'Geothermie eis déi néideg Inputte bréngt.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES S.A.): Dat ass natierlech den allgemenge
Wonsch, datt d'Geothermie déi Resultater gëtt, déi
mir eis erhoffen. Well dat wier fir de Quartier déi méi
interessant Léisung, well mir doduerch manner Sur-
face brauchen, wa mir ebe keng Solarthermie hunn,
mee just Fotovoltaik. An da kréie mir méi gréng Diech
fräigehalen, wou mir Terrasse kënne maachen, wou mir
anescht kënne benotzen. Voilà, ech well dann och – dat
gehéiert am wäiteste Sënn nach bei d'Energie – nach
agoen op déi Fro vum Growaasser, déi gestalt ginn ass.
Et ass richteg, wéi Dir gesot hutt, et ass virgesinn datt
d'Growaassernotzung an de Pilotprojete soll integréiert
ginn um Site. Dat ka souwuel ëffentlech Projete sinn
awer och privat, dat ass net elo limitéiert. Do sinn och
duerchaus privat Bauhären, déi do interesséiert sinn.
Firwat hu mir dat esou gemaach? Mir hunn an den Etüde
gesinn, datt et ganz schwéier ass och duerch déi Pol-
lutioun am Buedem nach zousätzlech Reseauen iwwert
de gesamte Quartier ze zéie fir d'Growaassernotzung.
Dofir hu mir gesot, datt et méi interessant an och eko-
nomesch méi interessant ass, fir dat an den eenzele
Projeten ze maachen. Iwwergeuerdent Planung ass am
Fong jo och déi Iddi vun der Economie circulaire. Do war
jo och d'Fro gestalt ginn, wat bedeit dat fir d'Mate-
rialien? Do si mir an enger Situatioun – Dir hutt dat
sécher gesinn, wou Dir d'Parties écrites gelies hutt, wou
ganz kloer an de Parties écrites geschriwwen ginn ass,
souwuel fir den Domaine public wéi den Domaine privé,
datt d'Materialie solle benotzt ginn, déi der Economie
circulaire entsprechen. Mir hätten de Wonsch gehat,
méi präzis Indikatiounen an déi Parties écrites kënne ze
maachen, mee no engem Echange mam Ministère de

l'Intérieur ass dat leider haut net méiglech, well ein-
fach déi legal Basen dofir net do sinn. Dir wësst, datt
déi Partie écrite de Statut vun enger Reglementatioun
huet, dat heescht do musse mir eis awer op déi Ge-
setzer berufen an op legal Basen déi do sinn. Fir d'Eco-
nomie circulaire ass déi leider ganz dënn. Dofir si mir
do méi am Beräich vun der Recommandatioun, mee an
engem Projet wéi deem heiten, wou de Gros realiséiert
gëtt vun der Gemeng a vum Fong, mengen ech, ass dat
kee Problem, well déi Iddien do weider kënne implizéiert
ginn. Wa privat Promoteuren eppes realiséieren, kann
een dat iwwert eng Konventioun da reegelen, datt déi
och obligéiert sinn an enger méi detaillierter Aart a
Weis op déi Economie circulaire ze reagéieren.

Wat de Verkéierskonzept ubelaangt, kann ech vläicht
och nach e puer Wieder soen. Et ass ganz richteg,
datt mir probéiert hunn, am Projet d'Plaz vum Auto ze
limitéieren. Ech hunn héieren, datt verschiddener vun
lech sech gewünscht hätten, datt mir do nach méi wäit
gaange wieren. Och do sinn eng ganz Partie Etüde ge-
maach ginn, mat de Verkéiersplaner an eiser Ekip. Mat
de Fluxen, déi eben do sinn, an aus deenen Etüden huet
sech awer rausgestallt, datt et duerchaus sënnvoll ass,
déi Querverbindungen ze maache fir eben en Equilibre ze
fanne vun de Verkéiersfluxen op deenen zwou Periphe-
rien/Achsen Diddenewenerstrooss an der Wuermeren-
gerstrooss. Fir datt dat net zevill einfach Raccourcié
solle ginn, ass dann eben déi Decisioun geholl ginn, datt
dat eben och eng Zone 30 ass an eben net 50, fir awer
do e bëssen eng Limitatioun eranzebréngen, fir datt net
do Raccourcié gemaach ginn.

Et gëtt leider nach ëmmer e kleng Bémol, wat déi Vi-
tesse op der Diddenewenerstrooss ubelaangt, wou mir
intensiv a laang driwwer diskutéiert hunn, wou souwuel
de Fong, d'Gemeng, wéi all mir Planer ganz kloer och
soen, datt déi dote Strooss komplett 50 gi muss. Do
ass also en totale Konsens. Leider ass et awer esou,
datt an den Echange mat der Ponts et Chaussées an
duerch hir Reglementer, déi si eben och hunn, déi be-
soen, datt um südleche Wupp bis déi ganz Längt vum
Laminoir eng baulech Situatioun ass, déi no de Regle-
mentatiounen vun der Ponts et Chaussées, déi 70 km/h
awer no sech zitt. Mir bleiwen do natierlech weider
hannendrun wann do iergendwéi eng Ouverture kënnt,
datt mir dat och op 50 kënne kréien, da wäerte mir dat
och natierlech ëmmer weiderverfolgen. Aktuell ass et
esou, datt op der Längt vum Laminoir leider nach ëm-
mer 70 km/h ugeduecht ass a réischt dann duerno op
50 reduzéiert gëtt bis dann an den Zentrum eran.
Deen Deel wou da 50 ass, do ass et natierlech dann och
méiglech, klassesch Passage à Niveauen ze maachen.
Do muss een dann och Luuchten dozou hunn. Dat kann
een ee Moment gesinn, mee do si mir dann an engem
richtege städteche Konzept. Mir hoffen, datt mir fir de
südlechen Deel vun der Diddenewenerstrooss och nach
dohinner kommen.

Wat hunn ech elo nach vergiess? Fir d'Densitéit, dat
war jo och bei engem vun de Reklamatiounen e Sujet
gewiescht: Dir wësst an Dir hutt et och ugeschwat,
datt mir jo verschidden Etüde gemaach hunn iwwert



Joren: Wou kéint ee méi maachen? Wéi géif sech dat verdroen? Dat ass eng Diskussioun, déi mir ganz intensiv gefouert hunn, souguer och mat dem Ministère de Logement, ebe mat dem Hannergrond: Wéi brénge mir et fäerdeg, awer eng gewësse grouss Unzuel vu Wunnengen an de Quartier ze bréngen? Ech erënnere awer drun, datt mir iwwert de Laf vum Projet, wa mir elo kucke wou mir ugefaangen hu mam Concours, d'Densitéit ganz kloer eropgesat hunn. Dir erënnert lech vläicht am Concours, dee ganze Beräich deen elo PAP Nord ass, dee war quasi net bebaut. Dir erënnert lech och, datt mir am PAP Süd eng Zon haten, südlech vum Stolwierk, déi och net bebaut war, wou awer elo e ganzen Ilot ass. Dat heescht, mir hunn elo hei vläicht net, wéi verschidden sech hätte virstellen kënnen, net an d'Héicht gebaut, mat dem Argument, wou mir awer gesot hunn, mir hunn eng städtebaulesch Morphologie zu Diddeleng, déi do ass an déi mir net wëllen erschloen. Do passe mir eis un. Par contre kucke mir, wéi mir d'Densitéit kënnen erhéijen, datt mer Zone bebaue, wou mir net geduecht hunn, datt mir géife bauen, soudatt mir awer iwwert d'Joren däitlech eropkonn si mat der Densitéit a mir hunn déi PAPen alleguer esou ausgeluecht, datt do och eng gewësse Flexibilitéit dran ass wat d'Wunnunitéiten ubelaangt, soudatt mir do eng Flexibilitéit an der Entwécklung hunn, laangfristeg gesinn, déi lech awer eng uerdentlech Densitéit an dem Fong och eng grouss Unzuel vu Wunnenge ka garantéieren.

Voilà, ech muss elo selwer oppassen, méi spezifesch fir de PAP Zentrum kann ech och vläicht agoen op déi Fro vun de Camionnetten, well dat war eng Consideratioun, déi och diskutéiert ginn ass. Mir hunn an de Parkdecke vum PAP Zentrum extra den Niveau vum Rez-de-chaussée esou erhéicht, datt et méiglech ass do och Camionnetten eranzekréien. Dat war am Ufank net virgesinn, mee dat hu mir awer duerch eng Interventioun vun der Gemeng ebe gemaach, fir datt do eng Méiglechkeet wier, wann dir keng anerer géift fannen, datt eben do och Plaze kënnen ugebuede gi fir d'Camionnetten, déi dann eben net méi am Domaine public mussen ënnerbuecht ginn. Vläch och nach e Wuert, well et war ugeschwat gi mat de grénge Fassaden. Dat ass eppes, och wann déi Gebaier net esou héich sinn, wéi Dir iech gewënscht hätt, awer déi gréng Fassaden, dat ass eppes wat duerchaus méiglech ass. Do ass elo keng Restriktioun, am Géigendeel. Dat ass ganz interessant, wann deen een oder anere Projet an déi Richtung kann entwéckelt ginn. Do ass keng Restriktioun an de PAPe gesat ginn. Ech mengen, dat wier et vu menger Säit. ech hoffen, ech hu keng Fro vergiess.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci, dann den Nächsten.

CHRISTINE MÜLLER (DEWEY MÜLLER): Fir d'Dumpingstation – Ech mengen, do ass e Mëssverständnis. Do bleift alles beim Alen. Et war just eng Iddi entwéckelt ginn, keng Bebauung do ze maachen op der aler Agglom, mee éischer eng Fräizäitnotzung ze hunn. Et ass ni Rieds dovunner gewiescht, de Bestand ze änneren. Mir wëssen och, datt déi ganz populär a gebraucht gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci Christine. Da ginn ech d'Wuert och nach weider un de Jacques Vandivinit.

JACQUES VANDIVINIT (DIREKTER – FONDS DU LOGEMENT): Just e puer Zousätz. Ech weess elo net, ob all Froe beäntwert gi sinn. Mee just nach ee Wuert zur Economie circulaire. Et ass eppes, wat mir op allen eise grouss Projeten, d'Projets de grande envergure, wäerte vun Ufank u verfollegen. Dat heescht och scho wann et ëm d'Pollutioun geet, fir eng Dépollutioun circulaire ze maachen, och bei der Dekonstruktioun, beim Ofrappen, datt mir do esou vill wéi méiglech Materialie kënnen erëmgebrauchen an eben duerno an enger zweeter Phas, wann et bis ufänkt ze liewen, déi Philosophie vun der Sharing Economy, déi och e bëssen an déi nämlech Thematik fält, fir datt dat vun Ufank u mat ugeduecht gëtt. Déi, déi sech an der Economie circulaire auskenne wëssen, datt et effektiv problematesch ass, wat d'Gesetzgebung betrëfft. Mee trotzdem ass et eng Philosophie, déi vun Ufank u muss dra sinn, an datt et net eng ass, déi een herno kann dropsetzen. Entweder et ass vun Ufank u mat drageduecht oder et huet een trotzdem duerno méi Materialien, déi ee muss ewechgehe, wéi wann een se vun Ufank un net mat dran hätt.

Den zweete Punkt – ech weess net, ob dat schonn ugeschwat ginn ass – den Hall Vestiaire ass ugeschwat ginn, wéinst dem Kulturjoer. Do ass et effektiv esou, datt mir do eng ganz enk Zesummenaarbecht mat der Stad Diddeleng hunn. Mir hunn och do de Kontakt mam Sites et Monuments, fir reegelméisseg de Point ze maachen. Mir sinn am Moment Proprietär. Ech soen „am Moment“, well mir mussen iwwerleeën, wéi déi an Zukunft gebraucht ginn. Wéi sollen déi herno operéieren? Exploitéieren? Wie soll Proprietär dovunner ginn? Wat mécht am meeschte Sënn? Mir hunn do verschidden Aarbechten, déi dofir suerge sollen, datt dat eben net weider verkënnt, datt dat och stabiliséiert gëtt, wéi mir budgétaire och virgesinn hunn. Mir sinn amgaangen zesumme mat der Stad Diddeleng an deene verschidde Partneren ze kucken, wat elo fir Esch 2022 genee méiglech ass. Mir haten nach viru kuerzem, wou d'Sala och dobäi war, Etüde gemellt fir ze kucke wat gemaach gi muss, wat een hikritt bis – soe mir mol – Ufank 2022. Do hu mir effektiv elo e Plang, dee mir bei Geleeënheet och kënnen e bëssi méi kommunizéieren, wéi mir do kënnen dann Aktivitéiten dra maachen. Dat heescht, mir maache sécherlech eisen Deel. Dat heescht, dat soll stabiliséiert sinn. Et soll net méi verkommen. Awer do wäert een näischt Definitives kënnen maachen. Dofir ass d'Zäit einfach ze kuerz. Wann een natierlech elo weess, an 10 Joer maache mir dat an dat dran, da wësse mir och wéi eng Fënstere mir dramaachen. Wann een dat schonn alles wéisst, da kéint een dat alles kucken. Mee dat ass eben net esou. Dat muss ee Step by Step kucken. Dat wäert also eng minimal Stabilisatioun sinn, fir datt et exploitéiert ka ginn an datt d'Aktivitéiten vun deenen diversen Intervenanten do ofgehele kënnen ginn.

Dat waren d'Punkten, déi ech opgeschriwwen hunn, déi nach net beäntwert gi waren. Natierlech muss ech nach



eppes zur Densitéit vun de Logementer soen: Mir als Fonds du Logement wëlle ganz vill Logementer maachen. Mee mir müssen drop oppassen, datt mir de richteg Mix kréien, och vun der Typologie vun de Leit, déi heinner wunne kommen, an awer och vun deenen aneren Aktivitéiten, déi sollten do sinn. Ech denken awer och, datt et an Zukunft esou wäert sinn, wéi d'Sala dat ugedeit huet, datt et d'Flexibilitéit gëtt fir e bësse méi Logementer ze maachen. Mee et muss een awer kucken an den nächste Joren, wéi sech dat entwéckelt a wat do am meeschte Sënn mécht. Mee ech denken, datt de Projet soll esou konfiguriert ginn, datt à terme wann d'Besoin vun der Gemeng eropginn, datt een do vläicht kann aner Saache virgesinn. Ech mengen dat waren déi Punkte, wou et eng Äntwert gouf.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Jacques Vandivinit. Da géife mir zum Schluss als Schäfferot nach op eng Rei Punkten agoen. Ech géif dem Claudia d'Wuert ginn an da géif ech ofschléissen, éiert datt mir zum Vote iwwerginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert. Ech mengen, et ass scho vun den Invitéen e bëssen op d'Mobilitéit agaange ginn, soudatt ech mech bëssi méi kuerz ka faassen. Zu der Madame Goergen an dem Här Thill: Ech mengen, dir hutt lech d'Äntwert selwer ginn. Shared Space ouni Auto, datt wär kee Shared Space. Den autofräie Quartier ass erëm vun lech ugeschwat ginn. Bon, mir hunn dat schonn hei diskutéiert. Dës Majoritéit ass en anere Wee gaangen. Mir wëllen hei keen autofräie Quartier, mee e berouegten, wéi d'Sala sot, en autolimitéierte Quartier hunn. Ech mengen, déi Grënn sinn déi nämmelecht bliwwen, wéi déi wou mir d'leschte Kéier diskutéiert hu beim Helper. An deene puer Wochen dotëscht ass keen neie Moment komm, an den Här Thill huet selwer ee vun deene Grënn genannt: Well et einfach nach Leit ginn hei an deem Land an hei zu Diddeleng, déi en Auto brauche fir schaffen ze goen. Mir wëllen och ganz éierlech kee Quartier, wou just där Enger wunnen a keng där Anerer wunnen. Ech mengen eng gutt Duerchmëschung ass beim Städebau a virun allem bei neie Quartiere méi wichteg wéi jee, an ech mengen et si Leit – ech weisen op de Fonds du Logement – déi sécherlech dozou vill méi kéinte soen, wéi wichteg et ass. Fir d'LSAP ass a bleift eng gutt sozial Duerchmëschung ganz wichteg. D'Madame Goergen huet eigentlech e perfekt Beispill ginn. Si sot an deem Quartier komme vläicht Leit wunnen déi sech keen Auto kënne leeschten – Betounung läit op „leeschte kënnen“ – an Anerer, déi vläicht aus lwwerzeegung kee wëllen. Mir wëllen eng gutt sozial Integratioun. Mir wëlle keng Segregatioun.

Mir wëllen, datt dat ganz kloer kee Quartier gëtt, wou urban Elitten sech herno kënnen ofgrenzen. Mir wëllen an deem Quartier Famille wunnen hunn, mir wëlle Jonker do wunnen hunn, ob si sech en Auto kënne leeschten oder ob si keen Auto wëllen oder brauchen, mir wëllen eeler Leit, mir wëlle Leit – Kräizbiereg ass ugeschwat ginn – mat Mobilité réduite do wunnen hunn, mir wëllen den Aarbechter do wunnen hunn, dee säin Auto brauch fir op Schichte schaffen ze goen, a mir wëlle Leit do

wunnen hunn, déi hei zu Diddeleng Schoul halen an déi vläicht keen Auto wëllen, well si keen Auto brauchen. An dann nach kuerz zu de Camionnetten. Ech mengen, d'Sala ass op deem Deel mat de Parkingen agaangen. Mir müssen, wann den Zäitpunkt komm ass, de Parking reglementéieren an da wäerte mir nach eng Kéier souwisou driwwer schwätzen. Zum Här Thill: Dir hutt gesot, datt déi Leit mat deene Camionnette fuere ganz d'Accord sinn domat. Wann awer d'nächst Kéier ee bei mech kënnt, da ginn ech him Är Telefonsnummer – dat als klengen Ofschloss – da kënnt Dir hinnen dat erklären. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Ech wëll vläicht op verschidde Prinzipien hei agoen, par Rapport zu der Diskussioun. Et héiert een eraus, datt de Projet awer eng grouss Akzeptanz fënnt hei an de Reie vum Gemengerot mat e puer Nuancen, wou gesot gëtt, datt fir deem ee PAP gestëmmt gëtt a bei deem anere sech enthale gëtt. Ech mengen, datt et am generellen e Projet ass, deem zu Diddeleng och bei de Bierger eng grouss Akzeptanz huet, well e bësse vun der Mémoire collective do op deem Site do stattfonnt huet, mat iwwer 100 Joer industrieller Vergaangenheet vun der ARBED. De Projet huet Zukunftscharakter an ass zukunftsweisend fir d'Stad Diddeleng. Heiansdo vergësst een an Diskussiounen, vu wou datt mir hierkommen. Dat probéiere mir jo grad bei dësem Projet net – an awer: Wéi de Concours lancéiert gouf – dowéinst ass et ni schlecht, wann een en Historique mécht vu Projeten – wéi den europäesche Concours lancéiert gouf, huet een Architektbüro den Zouschlag kritt. An der Auslobung stoung et ni dran, datt et en autofräie Quartier soll ginn. Et ass en Zouschlag gemaach gi par Rapport zu engem Projet, deem eis präsentéiert gouf, deem natierlech ka mat der Zäit variéieren, mee dat war kee Critère wéi de Projet ausgeschriwwen war. Et war éischer e Critère fir e verkéiersberouegende Quartier deementspreechend hei ze maachen.

Wann ee schwätzt iwwert d'Densitéit, wéi gebaut gëtt, waren deemools ëm déi 700 Wunnunitéite geplangt, mee se sinn eropgaangen op 1000 Wunnunitéiten. Hei sinn, mengen ech, ganz notabel Efforte gemaach ze ginn, par Rapport zu der Wunnungsbauproblematik. Diddeleng eleng kann déi net léisen. Dat ass meng Äntwert, déi ech wëll gi par Rapport zum Här Thill. Diddeleng mécht awer seng Efforten dozou. An de Fait, datt mir vu ronn 700 op 1000 eropgaange sinn, an dat ka jo nach vläicht variéieren am Laf vun der Zäit, well déi véier PAPen net a Stee gemeesselt sinn, well PAPen kënnen och en cours de route änneren, well dat heiten e Projet ass, deem déi nächst 10 bis 15 Joer d'Stad Diddeleng wäert begleeden. Et ass vläicht méiglech, datt mir nach an de Gemengerot musse kommen an eng Rei Adaptatiounen müssen huelen. Dat ass net ausgeschloss bei Projeten, déi esou eng grouss Envergure och deementspreechend hunn. Bei der ganzer Diskussioun muss ech och ëmmer d'Fro stelle bei der Ausrichtung vun dësem Projet: Wat ass fir Diddeleng tragbar? Ech gräifen op, och wat elo d'Claudia gesot huet, respektiv wat awer och scho virun d'CSV gesot huet. Och de Volet vun der Mobilitéit ass hei e wichtegen Aspekt.



Wann ee seet, wat fir Diddeleng tragbar ass, wat ass fir dës Quartier tragbar, respektiv wat ass fir gesamt Diddeleng tragbar? Do ass, mengen ech, d'Mobilitéit e ganz wichtege Punkt. Mir wäerte sécher och nach d'Geleeënheet hunn, fir iwwert d'gesamt Mobilitéit hei an Diddeleng ze diskutéieren. Wann ech awer hei och eraushéiere... Ech fannen, dat ass och e Schlag an d'Gesicht. Ech sinn zwar net de Porte-parole vum Fonds du Logement – datt a Fro gestalt gëtt, ob iwwerhaupt op NeiSchmelz bezuelbare Wunnraum méiglech ass. Souvill ech weess, ass de Fonds du Logement kee Promoteur privé, mee e Promoteur public mat der Gemeng zesummen. Ech mengen, datt de Fonds du Logement ganz kloer fir bezuelbare Wunnraum steet. Dat hei a Fro ze stellen... Wéi gesot, ech sinn net de Porte-parole, mee ech sinn awer ganz am gewëssen a sécher, datt mir hei Richtung bezuelbare Wunnraum ginn, well et ginn zwee Promoteurs publics hei zu Lëtzebuerg, déi fir bezuelbare Wunnraum stinn, an een ass e ganz aktive Partner mat deem mir hei NeiSchmelz wäerten op alle Fall realiséieren. Dat zu den e bësse méi generelle Prinzipien, déi ech awer nach hei wollt ofschléissend soen.

Da ginn ech op déi verschidde Punkten an, déi awer Deels scho beäntwert gi sinn. D'Madame Kayser hat d'Fro gestalt par Rapport zum Hall des Vestiaires. De Jacques Vandivinit huet eis do d'Aart a Weis explizéiert, wéi mir do un de Volet erugi fir 2022. Par Rapport zu der Médecine de proximité – fir et esou auszudrücken – déi Méiglechkeet besteet op NeiSchmelz, wou mir d'Poliklinik kënnen hisetzen. Mir kënnen jo souwiso herno nach eng Kéier driwwer schwätzen, mee déi Méiglechkeet besteet. Mir hunn dem CHEM scho matgedeelt, datt wann ee Besoin besteet vum Diddelenger Säit aus, respektiv säitens vum CHEM, fir déi Noversuergung, déi souwiso garantéiert ass, op NeiSchmelz ze maachen. Dat Areal ass wéi gesot virgesinn. Dat hate mir hei och mat den Architekten deementspreechend gekuckt. Par Rapport zu deem wat d'Madame Goergen gesot huet, par Rapport datt mir e bësse spéit déi Leit gehéiert hunn, déi hir Observatiounen, respektiv Reklamatiounen erabruucht hunn am Kader vum der PAP-Prozedur. Ech well just nach eng Kéier hei betounen, datt am Kader vum Gesetz et absolut guer keng Obligatioun ass, guer keng Virgab gëtt, déi Leit ze héieren. Mir hunn eis hei zu Diddeleng zum Prinzip ginn, de Leit hier Observatiounen a Reklamatiounen am Kader vum PAP ze héieren an en Dialog, en Discours mat hinnen ze hunn. Mir applizéieren dat, wat zwar am Kader vum engem PAG obligatoresch hei, well et wierklech de bon ton ass, dat ze maachen a well et eng aner Qualitéit kritt am Niveau vum der Diskussioun.

Par Rapport zum Energiekonzept ass generell drop agaange ginn, wat déi verschidden Ausrichtungen sinn. Wat mir och hei vläicht net ausschléissen ass eng Diskussioun déi de Moment nach zaghaft gefouert gëtt, wou awer um europäesche Plang an och d'europäesch Kommissioun an hirem Green Deal driwwer geschwat huet, datt Waasserstoff och e gewëssene Potential gëtt. Et muss een natierlech kucken, wéi hei an Europa, wéi d'Prioritéit fir d'europäesch Kommissioun sinn, respektiv wéi dat och afléisst an d'lëtzebuergesch En-

ergiepolitik. Wéi gesot, hei si mir 10-15 Joer ënnerwee. Vläch en fonction vum der Evolutioun vum dëser Energiequell fënnt déi och nach hire Wee an de Projet NeiSchmelz. Mir sinn haut wierklech ganz an den Ufanksstadien vum dëser Energiequell, mee wie weess. An 10 bis 15 Joer kann do och eng Evolutioun stattfannen. Ech mengen op dem Här Thill senge Remarquen, do sinn ech drop agaangen.

Den Här Glesener huet ausgeholl mam Urban Gardening. Ech mengen, datt et eppes ass, wat weidergefouert gëtt. Ech sinn och ganz bei der Madame Bodry-Kohnen mat deene ganzen Diskussiounen, déi mir haten an déi ganz Efforten, déi hei gemaach goufen. Et muss ee soen, datt mir haut hei si mat deene véier PAPen, respektiv och PAGen, d'Modifikatioun dann an déi Prozedur konnte bréngen. Dat ass och wat den Historique mécht, datt där e net vergiessen. Bis 2016 war nach ëmmer ArcelorMittal Proprietär vum der Friche. De Fonds du Logement hat zwar wuel den Droit de superficie, mee konnt awer wéineg maachen. Déi ganzen Zäite wou d'Propriététsverhältnissen net kloer waren, hu mir jo grad genotzt fir um PAG a PAPen ze schaffen. Dat ass eis jo eben zegutt komm no 2016, wéi d'Propriététsverhältnissen kloer waren, fir deenen zwee Voleten de leschte Schlaff ze ginn, déi lescht Detailer ze ginn, fir och net allzevill Zäit ze verléieren, fir hei an d'Prozedur kënnen ze goen, wëssend effektiv datt d'Cessation des activités 2005 war. All déi Efforten – wéi d'Madame Bodry-Kohnen dat gesot huet – déi sinn hei effektiv och agefloss an déi weisen och haut, wéi gutt a wichteg datt et war, zesummen ze schaffen. Dann op de Volet Mobilitéit inter- an intra-Quartier, respektiv a ganz Diddeleng. Mir sinn drop agaangen, d'Dumpingsstatioun och.

Par Rapport zu der Fro vum Här Gangler mat den Demandeurs de protection internationale, respektiv déi provisoersch Struktur, déi mir do hunn: Dat ass effektiv de Moment e Provisorium an et ass och virgesinn an deem ganze Site souwéi eng ganz Rei aner ëffentlech Infrastrukturen dohinner kommen, datt mir och aus dem Provisorium erauskommen. Wat mir eis och ganz gutt kënnen virstellen, dat et eng definitiv Struktur gëtt fir d'Demandeurs de protection internationale. Wann ee schwätzt vum enger sozialer Mixitéit an deem Quartier, dann ass dat och e feste Bestanddeel dovun. Voilà, ech menge mir hate probéiert, och nach op déi verschidde Punkten anzegoe ronderëm déi véier PAPen. Jo Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Vläch just déi Fro nach mat de Kanäl an de Schächte ënnert dem Arbedwierk, ob déi scho mat sanéiert sinn an och ob do nach eppes nokënnt.

TOM BEILER (BEILER FRANÇOIS FRITSCH ARCHITECTES): Sala, ech mengen du kenns besser de Planning, dee virgesinn ass. Et ass jo d'Problematik, datt ënnerierdesch vill Pollutioun, datt et eng Rei Hotspotte ginn, déi och bei den Etüden erauskomm sinn, wou am Fond net méi vill ze maachen ass. Villäch kann d'Sala e bësse méi am Detail erklären, wat elo do virgesinn ass fir herno kënnen do weider ze bauen.



SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES S.A):

Also dat war nach an deem Moment wou Arcelor Mittal de Site dépolluéiert huet. Den Deel dee si gemaach hunn, dat waren d'Hotspots, wéi do just gesot ginn ass. Och an de Galerien ass alles erausgezu ginn, wat dra war. Do war jo och eng ganz Partie Installatiounen vu Câblage an aneren Infrastrukturen, déi erausgezu gi sinn. Do war och Asbest. Deen ass mat sanéiert ginn dee Moment. Natierlech, wann déi Betonselementer vun de Galerieë polluéiert sinn, dat ass net gebotzt ginn. Et ass jo virgesinn am Sanéierungskonzept, datt déi Galerien, déi mir net brauchen, well si net reewaasserféierend sinn, datt déi souwisou komplett verfällt ginn, aus dem einfache Grond, well mir jo Gebaier hunn, déi mir dropsetzen. Mir kënnen jo keng Huelraum ënnendrénnen hunn. Dat heescht, do muss wierklech verfällt ginn a kompaktéiert ginn, fir datt mir do en uerdentlechen Ënnergrond hunn, an da gëtt uewen driwwer nach eng Kéier versigelt, sief et duerch Gebaier, sief et duerch Aussenamenagement oder eben duerch d'Opschëdde vu propperem Material. Dat heescht vun deene Galerieë geet an deem Sënn kee Risiko aus.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Villmoos Merci nach eng Kéier, fir déi doten Explikatioun. Voilà, no deene ganze konstruktive Gespréicher géif ech proposéieren, datt mir zum Vote vun deene véier PAPen iwwerginn. Mir géifen all PAP eenzel zum Vote stellen. Mir géifen also ufänken mam PAP Nord. Wien ass mat deem averstanen? **Dat ass unanime. Pardon: Wien enthält sech? Dat ass dann den Här Thill.**

Da géife mir weiderfuere par Rapport zum PAP Zentrum. Wien ass fir deen? **Do si Stëmmen, wéi gesot wéi virdrun, vun LSAP, CSV an den onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass den Här Thill an déi Gréng.**

Da fuere mir weider mam PAP Süden. Wien ass fir deen? **Stëmmen vun LSAP, CSV an dem onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass dann déi Lénk an déi Gréng.**

Da komme mir zum leschte PAP, Italien. Wien ass fir deen? **Do hu mir dann zum Schluss d'Unanimitéit.** Voilà, ech soen lech villmoos Merci.

Villmoos Merci och eisem Service Technique, dem Fonds du Logement an den Architektbüroen, dat si de Mueren hei ware fir déi néideg Erklärung. Wéi gesot, par Rapport zum Timing, well dat jo och eng Fro war, déi gestalt gouf: Elo kënnen mir den nächste Schratt an Ugrëff huelen. Dat sinn d'Projets d'exécution vun de véier PAPen, un deenen och scho geschafft gëtt, fir datt et déi nächst Etapp ass, déi mir hei am Gemengerot huele kënnen.

4. GEMEINGEFINANZEN

4.1. SCHULKOMPLEX LENKESCHLÉI

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Dat sinn d'Gemeingefinzen an do geet et virun allem ëm de Complexe scolaire Lenkeschléi, do sinn eng Rei Punkten, déi mir dem Gemengerot wëlle presentéieren an diskutéieren an do ginn ech dem Josiane d'Wuert.

4.1.1. APPROBATION VUN ENGEM DEVIS REMANIÉ FIR D'ETÜD AN D'AARBECHTE VUM SCHULKOMPLEX LENKESCHLÉI

4.1.2. APPROBATION VUN ENGEM ZOUSÄTZLECHE KREDIT FIR D'ETÜD AN D'AARBECHTE VUM SCHULKOMPLEX LENKESCHLÉI

JOSIANE RIES-DI BARTOLOMEO (LSAP - SCHÄFFIN):

Merci, Här Buergermeeschter. Hei sinn eng ganz Rei Saachen, déi mir musse fir Lenkeschléi stëmmen, ech fänken u mam Punkt 4.1.1 dat ass en Devis remanié, dee mir haut stëmmen misste vun 18 704 000 Euro. Mir hunn de 14. Juli 2017 en Devis vun 17 874 000 Euro gestëmmt an ech wëll zu dëse Punkte Stellung huele wisou mir déi haut stëmmen. Ech géif elo mol mam Listing ufänken. De Punkt A, dat sinn déi 3 supplementar Säll, déi mir hu vun der Logopädie. Ech wëll dozou soen, Enn 2018 krute mir eng Offer gemaach vun IBB fir déi Terrass, déi an der Lenkeschléi virgesi war fir den 2. Stack, fir déi zouzebauen. Dat huet eis erméiglecht, dass mir direkt 3 Klassesäll méi kréien a wann ee kuckt, d'Offer ass ganz gutt gewiescht a mir sinn du mat den lwwerleungen an déi Richtung gaangen, dass wa mir elo 3 Säll méi kréien, ass dat déi Geleeënheet fir hei eventuell d'Logopädie op Diddeleng ze kréien. Mir hunn du Kontakt opgeholl mam Centre de Logopédie, an ech muss éierlech soen, dat ware ganz flott Gespréicher an si waren direkt bereet, fir an dee Projet mat anzeklammern. Mir kréien do bäi en C1, en C2 an déi ganz kleng Butze vum Precocé kommen och dohinner. Ech muss soen, dat erméiglecht eis, déi Kanner, déi bis elo op Stroossen gefouert gi sinn, all Dag hin an hir, dat heite gëtt eng ganz aner Liewensqualitéit fir déi Kanner an dofir ass dat e flotten Invest gewiescht, dee mir do konnte maachen. Wat nach ass, och déi Kanner, déi elo net zu deene Klasse vun der Logopädie dra gehéieren, déi profitéieren awer trotzdem dovunner, dass déi Logopädie elo do am Gebai ass a wann dann emol Fäll sinn, déi net esou grave sinn, da kënnen se direkt intervenéieren. Dofir, ech géif soen, deen Invest wier et wäert, Dir gesitt och direkt de Mobilier mat dran, d'Informatik an och spezifesch Ekipement. Dat ass en Devis vun 345 000 Euro.



Da ginn ech weider op de Punkt B, dat sinn déi „suppléments nécessaires suite à l'évolution“ vum Aarbechtsgrupp. Ech muss éierlech soen, deen Aarbechtsgrupp ass 5 Joer en place, déi hunn natierlech am Virfeld alles eragi wat se bräichte wann dat Gebai bis op ass. Sait gutt engem Joer gëtt ganz intensiv um Mobilier an deene Saache geschafft an do kommen da Supplemente wéi an der Kantin. Ech muss soen, dat hänkt och e bëssen um Ministère. Mir hunn e grouse Sall an iergendwann eemol kréie mir awer gesot, et ass e grouse Sall mee et dierfen ëmmer nëmme 60 Kanner eran an engem Duerchgang. Da kommen natierlech Modifikatiounen, wéi zum Beispill eng Glaswand, wou dann de Groupe de travail gesot huet, majo wa mir scho mussen opdeelen, dann hätte mir awer och gären 3 Buffete fir dass déi Kanner dann an all Sall e Buffet zur Verfügung hunn. Dat ass natierlech dann e Supplement, deen op eis duerkënnt, deen net previsibel war.

Dann, aner Saache wéi déi verschidde Changementer an de Klassesäll, ech muss éierlech soen, ech war elo laang dobäi, effektiv IBB huet zwar e Cahier de charges wou de Mobilier fixe drasteet an awer sinn do Casieren - an de leschten zwee Joer, d'Kanner komme mat ëmmer méi grouse Schoulsäck - do si verschidden Adaptatioune gemaach gi vun de Casieren, vum Mobilier fixe, et war ëmmer e Wonsch vun eis, dass si de Projet solle begleeden, si hunn dat intensiv gemaach an dofir kënnt och do e Supplement vu 75 000 Euro. Deen nächste Punkt, dat ass am Fong just eng Augmentatioun vum Waasserdrock. Dat ass och eppes wat net previsibel ass, dat konnte mir och net wëssen, wéi mir ugefangen hu mam Bau. Dat sinn 9 326 Euro, dat ass fir eng Waasserdrockserhéijungsanlag. Dann, d'Modifikatioun vun de Lavaboen, och do waarmt a kaalt Waasser. Normalerweis ass an de Klassesäll nëmme kaalt Waasser, just op spezifische Plazen ass awer och waarmt Waasser. Hei ass et elo esou, dass duerch de Bäibau och Säll geännert hunn, dat heescht de Bäibau ass um 2. Stack, de Precoce dierf awer net op den 2. Stack erop, dofir hu mir déi da missen erofhuelen an dann och verschidden Ëmännerunge maachen.

Wichtig natierlech och, dass an de Säll wéi eng Lernküche, Wéckelraum, Bauen, Bastelen, Naturwëssenschaften, ech denken do ass et ganz wichtig, dass do ëmmer waarmt Waasser ass an och an enger Kantin. An deene Beräicher wat bis elo net virgesi war, wou d'Kanner do iessen, do musse sech d'Kanner kënnen herno d'Fangere wäuschen an net ronderëm bis op d'Toilette lafen, dat sinn alles Supplementen, déi u sech esou net previsibel waren. Da kënnt d'Cuisine de production, do ass et esou, dass mir mat EUREST zesumme gekuckt hunn, normalerweis gëtt frëscht Geméis geliwwert awer scho geschielt. Hei ass et awer wierklech esou, dass dat Geméis frësch geliwwert gëtt an dann awer sur place geschielt gëtt an doduerch muss een en extra Raum schafen oder wéi Chambre froide, wéi do steet. Dofir kënnt hei e Supplement, mee ech fannen et awer gutt, dass d'Geméis do frësch sur place geschielt gëtt an net iergendwou konservéiert gëtt an enger Killtruh bis et dann dohinner geliwwert gëtt.

Deen nächste Punkt ass d'Ventilatioun um Dach, do ass et esou, datt riets bei den Appartementer eng Ventilatioun virgesi war an do ass et esou, dass de Jeff zesumme mat IBB am Fong gekuckt huet an déi Ventilatioun gëtt elo an d'Mëtt vum Gebai geholl. Dat gëtt natierlech eng ganz aner Qualitéit och fir d'Awunner, déi Appartementer si jo ganz no um Gebai drun a wann do eng Ventilatioun steet, gëtt dat Kaméidi soudatt, éier mir se setzen, dat dann och komm ass, dass mir déi Ventilatioun an d'Mëtt mussen eriwuer huelen an ech denken, dass dat fir all Awunner gutt ass an eng besser Qualitéit gëtt. Dann ass nach de Séparateur de graisse, do ass et esou, am Cahier de charges war vum IBB selbstverständlech ee virgesinn, deen och der Norm entsprécht, wou de Ministère de l'Environnement virgëtt. Et ass awer elo esou, dass mir, well d'Kantin awer relativ am Agang läit, gesot hunn, OK, mir wëllen awer do eng besser Qualitéit. Do kéint de Jeff lech dat besser erkläre wéi ech. Ech muss awer soen, dass mir dat nëmme normal fannen, dass mir do eng méi héichwäerteg Qualitéit vun deem Séparateur de graisse huelen an dee kascht dann e Supplement vu 7 355 Euro.

Dann, Divers et Imprévus, dat steet nach eemol mat 40 000 Euro dran. Ech muss do soen, dass während der ganzer Kris ganz vill Saache kommen, wou d'Commanden net nokommen. Ech muss hei soen, IBB huet eis net 1 Frang gefrot, si hunn net gesot mir erhéijen iergendeppes, si ware ganz fair an hu gesot, mir ginn eens domadder. Trotzdem ware mir awer zesumme mat der Architektin der Meenung, dass een awer eng kleng Reserve soll virgesinn, well een effektiv net weess wéi et viru geet. Et kënnt erëm eemol Baustopp, dat alles wësse mir net dofir hu mir hei eng kleng Reserve geschaf. Da géif ech op de Punkt C agoen, dat sinn d'Frais d'architecte. Am Gebai selwer waren déi Fraise mat am Angebot mat dran, wou mer scho gestëmmt hunn. Hei ass et awer esou, dass de Bäibau muss geplangt ginn an et si verschidden Ännerungen oder Adaptatiounen am Gebai selwer gemaach ginn a wéi gesot, de Beweegungsraum ass erofgeholl ginn an si hunn déi ganz Begleitung vum Aarbechtsgrupp gemaach wat de Mobilier ugeet. Dat heescht, de Mobilier mobile, ech muss soen, esou eng ganz Schoul, do kann een net soen d'Personal riicht och nach d'Raim an, si hunn also ëmmer Visuelle gemaach, ofgeschwat mam Aarbechtsgrupp an ech denken, alles dat war natierlech vill Aarbecht an dofir sinn hei d'Frais d'architecte e bësse méi deier ginn ewéi soss, et soll schon e komplett Konzept sinn.

Dann, dee leschte Punkt, deen hei dra steet, dat ass den Devis, dee mir gestëmmt hunn an do war et esou, dass mir de Cahier de charges gestëmmt hu mat 13,5 Milliounen Euro an dunn deen Devis vun der leschter Kéier, do ass et esou, dass do 15 628 000 Euro dra stinn. Wann een dat awer zeréck rechent, dat eent ass mat TVA, dat anert ouni, da gesäit een, dass mir do net genuch gestëmmt hunn, zeréck gerechent maachen déi 15 628 000 Euro déi nëmme 13 357 000 Euro aus- Wouduerch dat komm ass? Et war eng Previsioun am Dossier, do stoungen déi 15 628 000 Euro, a mir hunn awer de Cahier de charges vun IBB gestëmmt an dat ass natierlech 13,5 Milliounen Euro, esou dass déi



Differenz muss nogestëmmt ginn. Dat ass e Feeler, dee geschitt ass, wou dat elo genee geschitt ass, ech mengen, mir hunn dat och hei am Gemengerot net gemierkt ... dat ass just déi Differenz.

Zum Schluss, den Devis remanié vun 830 000 Euro, wann ech en elo géif ausernee huelen, deen Deel Bäibau vun der Logo an och déi Differenz, wann ech déi ofrechnen, da bleift e Supplement, deen net virgesi war, vun 270 000 Euro. Bei engem Projet vun 18 Milliounen Euro ass dat ganz minimal a wa mir schonn d'Chance hunn, dat do ze maachen, sollte mer dat doten och maachen. Wat ech och nach wollt soen a mir hunn dat och nokucke gelooss, mir kréien eleng duerch de Bäibau vun deenen 3 Klassesäll nach eemol ronn 600 000 Euro méi Subsid vum Ministère de l'Intérieur well do eben 2 Säll bäikommen. Ech stinn op fir Froen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Josiane, méchs de net vläit och déi aner, also alles zesummen?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Mir mussen dach och ëmmer de Kredit stëmmen duer-
no.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Neen, vun der Presentatioun hir, dass mir dee ganze Volet Lenkeschlei mateneen huelen, da kréie mir eng Gesamtdiskussioun.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Da fueren ech direkt weider, deen nächste Punkt ass dann den 4.1.3, dat ass d'Oeuvres artistiques.

4.1.3. + 4.1.4. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIOUN VUN ENGEM KON-SCHTWIERK + APPROBATIOUN VUN ENGEM SPEZI-ALKREDIT FIR D'INSTALLATIOUN VUN ENGEM KON-SCHTWIERK

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Et ass esou, dass et e Règlement grand-ducal gëtt, dee virschreift, dass bei ëffentleche Gebaier ëmmer 1% soll eng Oeuvre artistique sinn. Mir zu Diddeleng halen eis och dorunner, dofir ass hei am Fong d'Propos fir déi 165 000 Euro, dat ass mat der TVA, ouni d'TVA wieren et 135 000 Euro, dat ass den 1% vum Devis remanié. Ech wëll awer do soen, hei ass ganz flott, et gëtt e Groupe de travail, do ass ee vum Ministère dran, do ass ee vun der Gemeng dran, normalerweis ass och ee Responsable vum Gebai selwer dran, déi hei kucken a sech beroden, da gëtt gekuckt ob dat an der Rei ass. Hei an der Lenkeschlei war et elo esou, dass mir gesot hunn: OK, déi Virgab, de Luminaire dee kënnt vun enger Oeuvre artistique an der Entrée sinn oder si hu Bänke virgesi gehat am Holz, an d'Piazza, do géife mir just soen, mir wiere frou wann do eng Oeuvre artistique géif kommen.

4.1.5. + 4.1.6. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIOUN VUN ENGEM TRANS-FORMATOR + APPROBATIOUN VUN ENGEM SPEZI-ALKREDIT FIR D'INSTALLATIOUN VUN ENGEM TRANS-FORMATOR

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Da kënnt den TRAFQ, deen ass mat 175 000 Euro uginn, dat ass eng ganz normal Saach, mir mussen en TRAFQ setzen, et ass esou, dass CREOS eis net erlaabt, un den ëffentlechen Trafo unzeschleissen, wat jo normal ass bei esou engem grouss Gebai. Och dat sinn 175 000 Euro.

4.1.7. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR D'FINALISÉIERUNG AN ENGEM NEIE BELAG OP DER PLAZ AN DE STROOSSE RONDERËM DE SCHOUL-KOMPLEX AM QUARTIER LENKESCHLEI

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Da komme mir zum Devis estimatif vun 300 000 Euro an dat ass natierlech d'Plaz virun der Schoul. Hannendru gesitt Dir och d'Pläng. Dat ass dee ganze Beräich bis bei d'Parkplazen. Do sinn awer e puer ganz flott Saachen an Iddien, ech wëll kuerz drop agoen. Déi Platz gëtt relativ einfach an natural gehalen. Et gi vill Sätzgeleeënheete ronderëm déi ganz Plaz. Do dierfe keng Autoe fueren, just d'Pompjeeën dierfen do fueren. Dir gesitt riets bei der Entrée an d'Schoul eran, do sinn 22 Vélosstänneren. An da kommen och lénks nach e puer Vélosstänneren, en plus ass eng Borne virgesi fir Elektrovéloen a mir maachen ënner dem Preau och nach Kickboardstänneren. Et gëtt vill am Material mat Stol a Beton geschaf-
ft, awer och Holz a vill Gréngs. Virgesinn ass och am Beräich zwëschent de Parkplazen e Kiss & Go, esou dass d'Elteren do hir Kanner kënnen erausloossen. Also, mir hoffen, mir haten eng éischt Versammlung, mir hoffen, dass hei kee säi Kand mam Auto bréngt, nach wäerte mir et net verhënnert kréien. Op alle Fall hu mir hei esou wéineg wéi méiglech Parkplaze geschaf virun der Schoul an d'Leit sinn an deem Quartier forcéiert, ze Fouss ze kommen. Pedibus natierlech, d'Myriam Schütz huet mir och schonn zougesot, dass si dat och do wäerte vill ënnerstëtzen.

4.1.8. + 4.1.9. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIOUN VUN DER INFORMATIK + APPROBATIOUN VUN ENGEM SPEZIALKREDIT FIR D'INSTALLATIOUN VUN DER INFORMATIK

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Voilà, dat zu där Plaz, da kënnt e leschten Devis, dee mir misste stëmmen, dat sinn déi 50 000 Euro fir d'Informatik. Mir hu WIFI an deem Gebai, mir hunn dat och vun Ufank u gesot, et ass iwwerall WIFI dran an do hätte mir e Budget virgesi fir 50 000 Euro. Mir hunn zesumme mam Aarbechtsgrupp gekuckt wat mir do installéieren, a si hunn eis de Choix gemaach an ech denken, domad-
der kréie mir e flotten éischten Invest. IPads kréien se souwisou, dat huet elo näischt mat deem heite Budget ze dinn. Dat ass reng fir Tafelen, Fernseher op strate-
gesche Plazen, also do si mir gutt.



DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane fir déi global Presentatioun wat d'Schoul Lenkeschléi ugeet, déi Devisen an zousätzlech Kreditter. D'Diskussioun ass op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter a Merci Josiane fir déi Ausféierungen. Wéi s De virdu scho gesot hues, 2017 hate mir eis unanime decidéiert fir esouwuel de Projet Lenkeschléi an d'Schoul ze stëmmen, deemools war et nach d'Bildungshaus Lenkeschléi a mir haten och alleguerten unanime d'Procédure vum Dialogue compétitif matgedroen an och de Budget an ech denke schon, dass dat richteg war. Du hues gemengt, do wier eng Erreur gewiescht wéi mir et votéiert hunn. Dat war scho kloer, „Coût de Construction“ 15,6 Milliounen Euro fir de Bau an dann de Mobilier 1,1 Milliounen Euro an dann „Frais supplémentaires“, do waren d'Honorairen dann och eng Millioun Euro, mir hu schon déi 17,8 Milliounen Euro gehat, dat ass schon dat vun deem mir och haut schwätzen an ech denken, hei ass eben en Depassement vun 830 000 Euro, dat si 4,6% vum initialen Devis estimatif, dee mir hei nostëmmen.

Den Dialogue compétitif, Dir wësst - e bëssen historesch gesinn - d'CSV war ganz kritesch beim Dialogue compétitif, dee mir gemaach hate fir de Projet Hartmann ze realiséieren, well mir gefaart hunn, dass do Depassementer wieren. Herno war et dann och esou, do hu mir vum éischte Projet, fir deen den Devis initial 21,7 Milliounen Euro war, awer nach missen 2 Milliounen Euro nostëmmen, woubäi e klengen Deel do war fir nei zousätzlech Ajouten, mee aner Saache ware relativ onkloer. Virun allem hate mir eis do dru gestéiert, dass d'Frais d'études an d'Frais de pilotage och eng hallef Millioun Euro méi kascht hunn, déi mir missten nostëmmen, wat mir och net gutt fonnt hunn. Dofir huet et och hei geheescht, wéi mir elo hei iwwer Lenkeschléi geschwat hunn, bei deem Dialogue compétitif huet et geheescht, dass de Bordereau géif méi etofféiert ginn, dass méi an den Detail géif gaange ginn an dass een aus de Feeler vum Projet Hartmann géif léieren an ech muss och soen, dass virun allem och den Här Leuschen drop agaangen ass, dass bei den Niewekäschten, dass déi Honorairé gedeckelt sinn an dat ass och e wichtege Punkt an dowéinst ware mir dozou ze beweegen, fir dee Projet tel quel och als Dialogue compétitif matzestëmmen.

Mir hunn elo déi Explikatiounen héieren, firwat et zu deene verschiddenen Deireschte komm ass. Ech hätt just de Problem, elo ze verstoe bei der Modifikatioun vum Konzept Kantin wat dat genau geheescht huet. Dat hunn ech elo net richteg verstanen, do kanns de villäicht an d'Detailer goen. Wat elo zousätzlech déi 3 Säll ubelaangt, mir hunn eis nämlech gefrot gehat, wou kommen déi Säll hir, ass dat eppes wat mer dann der Schoul an der Maison Relais, där Cohabitation ewechhuelen? Well et ware jo do esou extra Werkräume an esou weider virgesinn, mee do krute mir jo elo déi Explikatioun, dass do en Deel vun der Terrass um 2. Stack zougebaut gëtt. An dass d'Logopädie op Diddeleng kënnt, dat begrësse mir explizit, well mir hunn eng dynamesch Logopä-

den-Ekipp, déi schon eng ganz gutt Aarbecht an de Schoule mécht an et war och eng Fro vun eis, ob déi Prise en charge vun de Kanner an deenen anere Schoulen awer trotzdem weider gewährleescht ass, sief et op dem Site oder anerwärts, dat begrësse mer explizit.

Meng Fro ass awer och, vu dass dat jo eng Cohabitation ass, Maison Relais a Schoul, loosse mir et emol esou nennen, ass och virgesinn, dass eng logopädesch Prise en charge och während de Maison Relais Stonnen zum Beispill ka gemaach ginn? Ech wëll och soen, dass vill Kanner zu Diddeleng musse bei den Orthophonist fuere fir hir Sproochproblemer en charge geholl ze kréien. Ass do och ugeduecht, en ambulante Service, zum Beispill an der Schoul, bestoen ze loosse, esou dass mir Kanner vun Diddeleng ausserhalb vun de Schoulzäiten do kéinte weider betrieen? Dat ass just eng Fro. Dann ass och ganz genau erkläert gi firwat déi 175 000 Euro musse bezuelt gi fir déi 3 Säll ze amenagéieren, dat fanne mir och ganz gutt esou.

Mat de Frais d'architecte hues de och elo d'Erklärung ginn, firwat do awer 47 000 Euro dobäi kommen obwuel explizit am Bordereau steet vum Dialogue compétitif, dass do keng Erhéijung kënnt, mee wann s de elo sees, dat ass d'Begleitung vun där Extensioun, ass dat och eppes wat mir kënne packen, wat mir kënne akzeptéieren a kënne matdroen. Meng Fro ass just nach, um Rez-de-chaussée, do war jo och e Filillec Precoce virgesinn an den Diddelenger Precoce kënnt elo net dohin, wann ech richteg verstanen hunn? Do kënnt de Logopädie-Grupp ënner well déi net op den éischte Stack kënne goen? D'Fro ass dann elo, wat maache mir nach dëst Joer mat deene Raimlechkeeten a wéi ass dat ugeduecht fir d'nächst Joer? Kënnt dann awer e Precoce an d'Schoul Lenkeschléi dobäi? Dat ass och vläit eppes, wat sech déi aner Leit, déi do ronderëm wunnen, sech och froen. Da war kuerz ugeschnidde ginn, wéi gesäit et aus mat de Subside vun de Ministère? Et huet ëmmer geheescht, 75% vun de Raimlechkeete gi fir d'Bildung genotzt, 25% fir Maison Relais, wou mir da vum Intérieur e Subsid kréien. D'Fro ass, och vum Sportsministère, do war net kloer wat mir do kréien. Dat ass jo awer och eppes wat ganz interessant ass. Wéi gesot, mir stëmmen dee Supplement mat well mir als CSV ëmmer all Invest an d'Schoulen ënnerstëtzen a mir soen och virun allem Merci fir déi detailléiert Explikatiounen a mir wënschen eis och an Zukunft bei kommunale Projeten, wann Depassementer sinn, dass mir dat och esou explizit duergeluecht kréien, wat net ëmmer bis elo de Fall war wann den Devis initial muss iwwerschratt ginn. Ech denke virun allem un déi absolut onzefridden Erklärungen vu monstréisen Depassementer fir d'Belichtung an d'Beschallung am Shared Space, do ware mir net frou, dat hu mir och net matgedroen, mee hei si mir frou, dass eng ganz transparent Duerstellung komm ass vun de Méikäschten a mir hoffen, dass dat och an deenen nächsten Dossieren esou applizéiert gëtt an dat ass en Appel un de Schäfferot.

Da kommen ech kuerz zu deenen anere Punkten, zu der Installatioun vun der Oeuvre artistique, do ass meng Fro: Ech fannen et gutt wann do e Groupe de travail ass,



well et geet jo awer ëm eng grouss Zomm, 165 000 Euro, wou dann de Ministère, d'Gemeng an de Groupe de travail vun der Schoul Lenkeschlei mat dran ass, well ech denken dat sinn awer vill Suen. Meng Fro ass: Gëtt dat ausgeschriwwen? Ass do virgesinn, e Concours ze maachen? Wat ganz flott wier, well et handelt sech ëm eng grouss Zomm, mir hu sécher flott Künstler hei zu Lëtzebuerg, déi do sécher flott Iddien hätte fir dat ze bekünstleren oder ze verschéieren. Dat ass jo schonn e schéint Gebai, dat gëtt just e Surplus. Dir hutt gesot, dass et virun allem dorëms geet fir déi Piazza ze beliewen. Ass do ugeduecht fir e fixt Gerät ze maachen oder eng Installatioun oder ass just ugeduecht, déi Maueren ze bemalen? Dat wier net oninteressant, do nach méi Detailer gewuer ze ginn. Dann, mam Transformator, dat ass keen Thema.

Zu de Stroossen an der Plaz ronderëm si mir frou ze héieren, dass esouguer en Unterstand Trottinetté virgesinn ass, Vélosparking hate mir eis och opgeschriwwen. Do steet eben „Les délimitations des parkings avec une tôle en acier“. Do war eben d'Fro och wéi eng Parkinge sinn dat, sinn déi vun ëffentlecher Raimlechkeet oder vum Kiss & Go oder ass do virgesi fir fix Parkplazen ze maache fir d'Leit, d'Léierpersonal oder de Portier oder wat och ëmmer. Dann zu dem „Équipement informatique“, jo, mir hate begréisst, explizit, dat stoung jo och schonn am Bordereau dran, dass misst all Sall Wi-Fi-fäeg sinn, dass dat garantéiert ass, dat fanne mir gutt. Dir sot, iPads sinn elo net mat dran, wat ass genau an deem Mobilier dran? Ass villäicht ugeduecht fir interaktiv Tafelen? D'Fro ass och, kritt de Portier och e Computer an d'Loge?

An nach eng allgemeng Fro, wéi gëtt dat gereegelt an all deenen anere Schoulen? Hei ass jo bëssen d'Ekipp, déi konnt mat decidéieren, wéi se dat gären hätten, ass dat e bësse virgesi fir deenen anere Schoulen e fixe Budget ze ginn? Hei si jo elo 50 000 Euro nei Installatioun, dat ass jo schonn e Batz, do sinn elo net d'Kabelen an esou mat dran, dat ass jo just reng d'Material, op wéi ee Wee wëlle mir do goe fir och deem Zeitgeist ze entspriechen? Ech soen nach eemol, déi interaktiv Tafelen, déi an de Lycéeë scho gang und gäbe sinn, dat wier eng Méiglechkeet fir hei villäicht eemol unzedenken. Also, wéi gesot, mir droen déi Posten all mat a mir si frou iwwer déi ganz akribesch Explikatiounen. Den Depassement ass mat 4,3%, denken ech, an der Rei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci der Madame Kayser, den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNKE): Merci, och der Madame Di Bartolomeo-Ries fir déi detailléiert Explikatiounen, ech hätten nach eng Fro zum 1. Punkt, an zum 8. Punkt. Den 1. Punkt, ABC kee Problem, beim D, deemools hat ech och den Dialogue compétitif mat gestëmmt, hunn ech dat elo richteg verstanen, dass egal wéi de Bauhär 13,5 Milliounen Euro zegutt huet, och wann en drënner bleift? An dofir déi Rallonge op deem Poste vun 142 000 Euro ouni TVA. Dann eng kleng Fro, dee Fettabscheider, ass dat e Stockagereservoir wou d'Fett zwëschegeleiert gëtt an duerno ofgesaugt?

An dann, effektiv beim Punkt 4.1.8, d'informatescht Material, also deen Tableau, dee mir nach gesinn, do hutt Dir eis schonn Explikatiounen ginn an d'Madame Kayser huet der e puer nogefrot, do hätten ee villäicht kënnen direkt am Ufank méi Informatiounen op deem Sheet hunn. Dat war et mengersäits, mir stëmmen déi Posten och mat.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci Här Thill, d'Madame Goergen ass drun.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buegermeeschter, ech ka mech kuerz faassen, mir droen déi zousätzlech Ausgabe fir d'Schoul Lenkeschlei selbstverständlech mat an ech hätten just eng Suggestioun och zu deem Konschtwierk. Ech hu gemengt ze verstoen, dass do Verschiddenes op wier an ech hunn och gemengt, dass dat Konschtwierk net misst esou klassesch op enger Mauer sinn an dofir wollt ech plädéieren, dass e bëssi méi un eng pädagogesch Ausrichtung géif geduecht ginn. Viru ganz laanger Zäit, virun 10-15 Joer, hate mir eemol an der Kommissioun vun der Geographie e Projet vun enger Weltkaart presentéiert kritt, déi kéint op de Buedem vum Schoulhaff gemoolt ginn., Dat wär da gläichzäiteg e Konschtwierk an awer fir de Kanner d'Méiglechkeet sech ze orientéieren. An der nämmelechter Iddi wier do eng Wandrous virzegesinn, fir op déi Aart a Weis d'Kanner ëmmer erëm op Saachen hinweisen an hinnen d'Himmelsrichtungen op eng méi spilleresch Aart a Weis méi nozebréngen. Ech hu geduecht, dat wier eng gutt Suggestioun, well dat och an d'Konzept vun der Schoul passt, wann een dat kéint mat weiderginn, wann ech gelift. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):
Merci Madame Goergen. Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buegermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen, also ech si perséinlech ganz frou, dass all Adaptatioun, déi an dëser Phase vum Neibau gemaach gëtt dass déi extrem wichteg ass an dass déi elo gemaach gëtt! Well mir hunn et laang genuch erlieft -de Jeff Peiffer ass jo och hei a weess vu wat ech schwätzen-, dass mir ganz vill, wann Ännerunge komm sinn, déi hunn misste gemaach ginn, dass mir dann an engem besteeënde Gebai vill méi Aarbecht haten an d'Depensen dann och vill méi héich waren. Esou ass dat och hei mat den 3 Logo-Klasse wou ech fannen, dass dat éischters eng Plus-value ass fir eis Gemeng ass an 2. mengen ech, dass et eng Plus-value ass virun allem fir eis Diddelenger Kanner, déi sech elo net méi mussen deplacéieren fir an d'Logopädiessklass ze goen. Et ass och gutt, dass déi Decisioun fir déi dräi Logosklasse op Lenkeschlei ze integreieren, zwar méi spët kuum - den initiale Projet stoung schon- mais et ass effektiv d'Chance gewiescht fir dann an engems deen Ausbau, dass deen gläich matgemaach konnt ginn. Also och do eng Plus-value, dass direkt elo dat ganz Gebai fäerdeg do steet an net méi muss un e Bäibau geduecht ginn. Natierlech konnten extrem vill d'Käschten doduerch agespuert ginn.



D'Integratioun vun de Logo-Klassen ass natierlech mat zousätzlechen Adaptatiounen verbonden, virun allem um Niveau vum Mobilier, dofir dee Supplement, dee mir dann haut wäerte stëmmen. Mir begreifen awer och, dass dem Konzept vum Aarbechtsgrupp Rechnung gedroe gëtt. Ech denken, dat sinn déi Leit, déi duerno um Terrain schaffen, déi d'Saach elo scho viraus gesinn, déi sech hiert Konzept am deeglechen Ëmgang virstellen an dass elo mat deene Modifikatiounen an Adaptatiounen och am Kantinsberäich, wou mir elo scho wëssen, dass duerch d'Quantitéit vun de Kanner, déi kéinten an enger Kéier do sinn, dass et e bësse méi zügeg geet, wann do op méi Buffetsstänn zeréckgegraff gëtt. Och d'Adaptatioun an den Annexen an an de Klasesäll, déi gemaach ginn, point de vue waarmt Waasser, well do Atelierien entstinn, wou een dann effektiv op waarmt Waasser ugewisen ass, sinn ze begreifen. Och d'Adaptatioun an der Produktiounskiche, dass mir do kënne frëscht Geméis op der Plaz verschaffen, fannen ech immens wichteg. Dir wësst, dat ass esou, dass all déi Saachen, déi aus dem Äerdberäich kommen, Wuerzelen, Gromperen asw. dass déi net dierfen an deem selwechte Produktiounsraum gemaach ginn, wéi do wou lesswuere preparéiert oder verschafft ginn. Dat heiten ass also eng super Saach, dass mir do och an d'Richtung vun enger nohalteger Restauratioun ginn, wou mir weesentlech op vill Cartonnagen, Plastik a Verpackunge kënne verzichten, dass mir am Fong vum Bauer d'Grompere geliwwert kréien an an der Kichen Lenkeschlei kënne verschaffen, schielen, wäsche, schneiden an da gi se verdeelt an déi eenzel Produktiounskichen, wou dat net méiglech ass.

Den Déplacement vun der Lüftungsanlag, am Interessi vun der Noperschaft, fannen ech eng staark Iwwerleeung. Mir wëssen all, dass dat Gesouers, virun allem nuets, dach en immense Kaméidi mécht an n'virend ass an dat och op deem dote Site, well d'Schoul ass dat héichste Gebai wat mir hei um Plateau hunn. Wa mir dës Modifikatioun net gemeet hätten, hätte mir bestëmmt do Problemer mat der Noperschaft kritt. De Kredit vun 50 000 Euro Informatik, do wollt ech och nach eng Kéier kuerz drop agoen. Dat hu mir jo elo geléiert duerch déi Confinementsgeschichte, wat fir e Wäert dass d'Informatik spillt, esou dass do keen Euro zevill ass. De Confinement huet bewisen, dass op eemol fir d'Kanner doheem Digital Learning eng Prioritéit ginn ass, an dofir musse mir och un déi aner Schoulen denken an net zécke fir do nozerüsten, dass mir gutt opgestallt sinn an d'Kanner fréi un d'Informatik eruféieren an se gutt ekipéieren. An deem heiten Devis ass elo nach net déi Geschicht vun den I pads, mee ech denken, dass mir och do mussen en Effort maachen an eis Kanner esou ekipéieren, dass wann nach eng Kéier esou eng Situatioun ass, dass dann all Kand déi selwecht Méiglechkeeten huet fir vun doheem aus um Fernunterrecht deelzehuelen. Dat huet elo plazeweis gutt geklappt, mee ech denken och, dass bei Elteren oder bei ville Kanner d'Basis net do war an dofir musse mir dofir suergen, dass mir do am Interessi vun der sozialer Gerechtegkeet handele mussen.

Zu deenen aneren Devisen, déi méi technesch sinn, wéi de Fettabscheider, dat ass eng wichteg Saach, deen ass an der Produktiounskichen, all d'Waasser wat do vum

Spullen, vun dem Nettoyage vun de Kachdëppen, dat fléisst do eran an dann - wéi den Numm et seet - setzt sech d'Fett of an dat gëtt entsuergt vun enger Firma wéi zum Beispill de Lamesch, déi dann déi Fettkummer auspompele kënnt. Do hu mir Erfahrung dran, mir hunn eng um Strutzbierg, eng an der Gaffelt an ech denken et soll een sech direkt mat där beschter Qualitéit ausrëste fir dass een net och do muss nach eemol Agrëffer maachen, déi awer dann net esou evident sinn, well een da muss breetflächeg oprappen.

En Trafo ass haaptsächlech néideg ginn duerch d'Produktiounskichen, do si vill Apparater, déi vill Stroum brauchen. Mais ech denken dat dës berechtigt Ausgaben sinn a wéi gesot et ass wichteg, dass mir elo schonn an dëser Phase, wou nach alles op ass, intervenéieren. Net dass mir duerno do stinn a soen „oh, hätte mir nëmme...“. Am Sënn vun eiser Fraktioun stëmme mir déi Devisen alleguere mat.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Zuang fir déi Zoustëmmung. Här Friedrich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hunn eng kleng Fro, ass den Delai vun no der Chrëschtvakanz, ass dat tragbar, ëmmer dovunner ausgegoen dass elo keng 2. Well kënnt? Ass dat realistes, dass dann d'Kanner kënne no der Chrëschtvakanz do an dat Gebai eraplännere? Well et gesäit een nach iwwerall Chantier an et si vill Leit, déi do ronderëm wunnen, déi mech dat froen. An nach eng Fro ass, schaffe Firmaen, déi am Congé collectif sinn, weider fir den Delai anzehalen? Dat wier och wichteg ze wëssen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci och, da ginn ech d'Wuert zeréck un d'Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Voilà, ech probéieren elo nach eng Kéier op déi eenzel Saachen anzegoen. Virdrun ass gesot ginn, mat deenen 15 628 000 Milliounen Euro, wann een dat zeréck rechent an dann d'TVA erauszitt, komme mir op 13 357 000 Euro, mir hätten awer missen am ganzen 15 795 000 mat TVA stëmmen, da wiere mir richteg gewiescht, soss hu mir e Feeler gemaach. Et ass eben net genuch gestëmmt ginn. Eemol ass et ouni TVA an eemol mat TVA an do huet ni een zeréck gerechent. An dunn ass do dem Jeff opgefall, mir hätten do misse méi héich stëmmen. Dat ass näischt Aussergewéinlech. Beim Konzept Kantine hat d'Madame Kayser nach gesot, do wier et wichteg ze wësse wat do geännert huet. Do war et esou dass dat e grouse Sall war, wou déi verschidden, si hunn ëmmer gesot ja do kënne d'Kanner all iessen an op eemol dierfen d'Kanner duerch déi ganz Ëmännerung, déi komm ass, net méi zesumme sinn, well de Kaméidi immens héich ginn ass an du sinn si higaangen an hu gesot, elo dierft dir nëmme méi bis zu 60 Kanner pro Duerchgang huelen an dunn hu mir gesot, jo, OK, mir hunn esou e risege Sall, du sinn Ëmännerunge komm, do kënnt elo eng Glaswand derzwëscht fir dass et iwwerall schéin hell bléift an da brauche mir méi Buffeten, well et einfach vum Ministère hir muss



getrennt ginn. Si ginn do ganz aner Weeër, et ass net méi dee grouse Sall, och wann et e schéine Sall ass a kéint 100 Kanner ophuelen, si ginn op d'Qualitéit vum Kaméidi. Dofir kommen déi Ëmännerungen, si hätten och gär, dass déi Kleng do hire Beräich kréien, dat kënnt dofir elo do dobäi.

Dann zum Precoce, effektiv et ass elo d'Logopädie, déi do dra kënnt, et soll och d'nächst Joer e Precoce fir all déi aner Kanner dra kommen, et ass esou, dass d'Zuelen - mir hunn d'Eltere jo ugeschriwwen, mir hunn hinnen d'Méiglechkeete ginn - d'Zuele ginn et net hir, dat heescht de Moment kréie mir se nach all an déi kleng Strukture vum Precoce Lenkeschléi. Fir déi Kanner dann net musse plënnere ze loosse am éischte Joer hu mir gesot, da komm mir maachen ënnen net op, dat geet jo duer an ab nächst Joer leeft dann do och de Precoce. Zu de Parkplazen, déi sinn ëffentlech, do si keng Parkplazen, déi reservéiert si fir d'Personal. Wa mir dat géife maachen, géif d'Claudia net méi eens ginn, da misste mir dat iwwerall maachen. Et sinn ëffentlech genotzte Parkplazen an och d'Personal, dat ass eng ganz motivéiert Ekip, déi géif ech och bieden, do den ëffentlechen Transport ze notzen als gutt Beispill fir d'Kanner.

Subsiden, do kann den Här Buergermeeschter drop agoen. Villäicht nach eng aner Saach, d'Prise en charge vun der Logopädie, ech muss éierlech soen, och elo gi Kanner gesi vun der Logopädie, ech kann awer net fir si selwer schwätzen, ob herno do Kanner kënnen higoen, dat läit un hinnen, vun eis aus ass dat eng gutt Saach, mee ech denken, dat ass eng Decisioun vun der Logopädie, ob si do Eltere kënnen empfanke. Mir iwwerloossen dat hinnen a sinn dofir awer absolut op well et absolut positiv ass fir d'Kanner hei um Site. Ech mengen, am Moment ginn d'Elteren um Strutzbiereg awer och dohinner, déi brauchen net onbedéngt an d'Stad ze fueren. Dann d'Informatik, do kann ech kuerz drop agoen, et steet effektiv net ganz vill do drop, ech muss éierlech soen, mir haten dat och eréischt kuerzfristeg kritt, mir hunn en Devis kritt, deen den Aarbechtsgrupp selwer ugefrot hat, an deen Devis hu mir geholl an en 2. Devis gefrot an ech muss do awer soen, dass mir do ganz aner Präisser hu fir dat selwecht Material, si hate bei engem ganz deiere Fournisseur ugefrot an do gëtt et... mir hunn en zwar virleien, mee den Detail, mir wësse wat op eis duerkënnt.

Ech soen lech och wat et ass, si hunn an de Klassen all effektiv ganz nei Tafelen, dat si keng interaktiv Tafelen, mee et si ganz neier, wou se och kënnen drop molen an da sinn iwwerall Fernsehen, esou klenger un der Mauer an ënnen am Agangsberäich och vum Elterecafé, do hänkt och esou een, wou een alles gesäit wat leeft am Gebai. Fir de Rescht ass et näischt Aussergewöhnlech, mir hunn elo eng interaktiv Tafel zu Butschebuerg de Moment, mir hunn der net vill, mee dat ass en neie System, hei gëtt awer net iwwerdriwwen. Ech wëll dat awer soen, an dat ass net nëmme Lenkeschléi, mee insgesamt. Um Deich hu mir all Sall ekipéiert mat engem Fernseh, dat heescht, déi kënnen zu all Moment iwwer hire Laptop Saachen ofruffen, Bilansgesprécher an hire Säll halen, dat hu mir um Deich, déi nächst sinn

um Ribeschpont, dat heescht, spéitstens no der Vakanz oder no där éischter méi klenger Vakanz, wann eis Servicer alles dann erëm um Rullen hunn, da kommen och am Ribeschpont esou Tëleëen. Et ass net esou dass mir just an déi heiten Schoul investéieren, mir investéiere konsequent an all Schoul. IPaden, do kann ech soen, och do ass e Budget virgesinn, wann Dir lech un de Budget, dee mir gestëmmt hunn elo fir 2020, dass mir alles an d'Luucht gesat hunn, all Budget fir d'Material, all Budget fir d'Informatik et ass jo och Bastelmaterial, all Material insgesamt, an doriwwer soll dann elo deen éischten Ekipement gemaach ginn. Fettabscheider, do äntwert de Jeff drop. Fir de Rescht hunn ech alles beäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Gutt, da géif ech nach op zwee Punkten agoen. Dat eent ass wat d'Subsiden ugeet. Et ass esou, dass mir Subside kréie vum Educatiounsministère, wat de Volet Maison Relais ugeet, mir kréien awer och Subside vum Intérieur, dat sinn déi 2 Voleten, mir kréie e Subsid vum Sportsministère well mir de Gymnase hunn a mir kréien och e Subsid vum Ëmweltministère esou dass, wann een dat alles zesammen hält, da leie mir bei 8,5 Milliounen Euro staatlech Subside wat awer notabel ass, wat gutt ass. Dat ass emol dat éischt. Dat zweet ass par Rapport zu der Oeuvre artistique, dat Ganzt leeft am Kader vum Règlement grand-ducal, deen d'Ausleeung mécht, dat ass esouwuel de Staat wéi och d'Gemengen awer och d'Etablissement-publicen, wa se eng gréisser Konstruktiounen hunn, dass een dann e Konschtwierk effektiv soll en commande ginn.

Elo ass et esou, dass op den Aarbechtsgrupp agaange ginn ass um Niveau vu senger Konstellatioun, do ass et esou dass de Kulturministère e Relevé huet vu Lëtzebuerger Kënschtler, déi wäerte kontaktéiert ginn. Et ass och esou, dass mer wat d'Schoul ugeet, natierlech e bëssen eng pädagogesch Ausrichtung deem Ganze kënnen ginn, nach wëll ech awer och soen, soll déi artistesch Fräiheet spille kënnen. Mir kënnen net den Artist an ee komplette Carcan setzen, well da brauche mir kee Concours auszeginn, dat beweegt sech zwëschent deenen zwee. Ech hu verstanen, dass d'Kanner sollen och kënnen drop spillen, dass et net soll eppes Stilistesch sinn, an enger Schoul wou keen eppes domadder kann ufänke mee niewent deem Pädagogeschen, wou mir op de Wee ginn, spillt och déi artistesch Fräiheet. Dat ass den Equiliber zwëschent deenen zwee.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Jo, ech hat just gefrot wéinst dem Delai.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Mir leien an den Delaien. Wa mir elo eng zweet Well kréien an nach eemol e Lockdown kréien, Här Friedrich, abee da sinn net nëmme d'Schoulen zou mee dann ass d'ganz Lëtzebuerger Economie zou.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech sot jo wa kee Lockdown kënnt.



DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Wann näischt kënnt si mir am Timing, dass effektiv am Januar 2021 d'Kanner kënnen do an d'Schoul goen. Dëst gesot, par Rapport zum Vote, solle mir eenzel ofstëmmen oder kënnen mir d'Devisen an d'Kreditter zesummen huelen? Ech géif se alleguerten opsoen an da géife mir en bloc ofstëmmen. Sidd Dir domat averstan?

4.1.2. APPROBATIOUN VUN ENGEM ZOUSÄTZLECHE KREDIT FIR D'ETÜD AN D'AARBECHTE VUM SCHOUL-KOMPLEX LENKESCHLÉI

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir zu der Ofstëmmung wat de Complexe scolaire Lenkeschléi ugeet. Do ass engersäits den Devis remanié wat d'Etüden an d'Aarbechten ugeet, da gi mir do och zum Vote wat dozou gehéiert, de Crédit supplémentaire, da gi mir zum Vote den Devis estimatif wat d'Oeuvre artistique ugeet, da gi mir awer och zum Vote de Crédit spécial, dee mir mussen dobäi stëmmen, dann den Devis estimatif fir d'Installatioun vun engem Transformator a mir mussen deen zousätzleche Kredit dobäi stëmmen, mir ginn och hei zum Vote den Devis estimatif fir den Tapis virun der Schoul, also déi Parkplazen, wou mir hei geschwat hunn, a mir ginn zum Vote den Devis fir d'informatesch Installatiounen, respektiv awer och de Crédit spécial, deen dobäi muss gestëmmt ginn, fir dat kafen ze kënnen. Voilà, dat resüméiert déi verschidden Devisen a Kreditter, da gi mir zum Vote iwwer: Wien ass mat deenen Devisen a Kreditter averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci.

4.2. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIOUN VU FOTOVOLTAIKPANNEAU FIR D'MAISON RELAIS RIBESCHPONT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da fuere mir weider a mir ginn op deen nächste Punkt, do geet et drëm, och en Devis ze stëmmen fir d'Maison Relais Ribeschpont, wou d'Aarbechten amgang sinn. Mir sote jo, dass mir bei all nei Gebailechkeet, déi mir hei zu Diddeleng bauen, kucken, dass mir do Fotovoltaikinstallatiounen maachen, och hei, do musse mir och ëmmer kucken ob den Daach dat hierhält, bei besteeënden awer och bei neien. Hei ass dat de Fall an dofir hu mir hei en Devis virleie vu 45 000 Euro an ech muss soen, dass dat Ganz fousst op déi Anlage, déi mir mat ECOS hunn, déi eis jo begleeden, an déi Froen an do och eng Aspeisung hu vu ronn 30 Kw/h an dat gëtt e Subsid vun 20% vum Ëmweltministère. Dat zu deem doten Devis wat d'Maison Relais Ribeschpont ugeet. Här Martini?

CLAUDE MARTINI (CSV): Mat deem Subsid, dee mir nach kréien, deen ass net mat ofgerechent, gell?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Den Devis ass wéi ëmmer e globale Budget an duerno am Dekont gesitt Dir de Montant, dee mir kritt hunn, respektiv kënnt deen am Budget op der Recette dobäi, dat ass de classesche Wee. Mir stëmmen hei ëmmer dee ganze Montant. Ëmmer. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.3. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR DE REMPLACEMENT VUM ABRÉCHERALARM-SYSTEM AM CENTRE DE DOCUMENTATION SUR LES MIGRATIONS HUMAINES

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Dann deen nächsten Devis estimatif, dat si 7 500 Euro, also ee méi kleng Montant, do muss de Systeme d'alarme am Centre Doc komplett neigemaach ginn, dat kascht eis 7 500€. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

4.4. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR USTRÄICHERAARBECHTE VUN DER FASSAD UM KIERFECHT RELLENT

Dan BIANCALANA (LSAP - Buegermeeschter):

Da gi mir op deen nächsten Devis eriwwer, de Kierfecht op Relent. Dir wësst, dass mir do d'Haus stoen hunn, wou mir och deelweis den Accueil maachen a wou eis Ma-taarbechter dra sinn an deem Gebai, respektiv d'Fassad huet schonn eng Rei Joren op sech an déi musse mir frësch maachen an dofir ass dat e Kredit, deen zu Buch schléit mat 30 000 Euro. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Och do da villmools Merci.

4.5. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS REMANIÉ FIR DE REAMENAGEMENT VUN ENGEM DEEL VUN DER BIRENGERSTROOSS

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir eriwwer an d'Birengerstrooss, do ass en Devis remanié vun 1 Millioun Euro wat en Deel vun der Birengerstrooss ugeet, mir haten hei am Gemengerot e Budget vun 810 000 Euro fir Travaux de voirie an och d'Ofwaasser fir dat alles frësch ze maachen an elo ass et esou, dass sech erausgestallt huet, dass et net onwichtig wier bei den Aarbechten och d'Kollektivantenn mat frëschzemaachen, respektiv den Eclairage public. Dat sinn, wéi gesot, ronn 190 000 Euro, do huet et eis wichtig geschéngt, dat ze maachen och wa mir schonn amgang sinn, an de Gemengerot ze komme fir dann awer och hei en Devis remanié ze proposéieren. Här Gangler?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ass dat dat Stéck Birengerstrooss vun hanne beim Metzler bis hannen hi bei den Naturata oder dat Reschtstéck wat bleift vu virun der Gare bis bei d'Jean-Simon Strooss?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Et ass deen Deel, deen elo frësch gemaach gouf. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.



4.6. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE CESS- SION GRATUITE MAT DER GESELLSCHAFT MAT BES- CHRÄNKTER HAFTUNG „ROCHA IMMOBILIÈRE“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir op eng Cession gratuite, déi hu mir hei mat der Immobilière Rocha, déi en faillite ass, mee Dir gesitt och an den Dokumenter, dass déi natierlech och hei vertrue- den ass iwwer eng Ordonnance mam Curateur. Do ass de Maître Armanda Tiry, déi Cuatrice ass an deem Cas de faillite an déi Affekotin ass, an si cedéiert der Gemeng à titre gratuit eng Place voirie an der Zouffterstrooss, 37 Zentiar, dat Ganzt gëtt gemaach als Intégration de la Voie publique. Dat ass eng kllassesch Cession gra- tuite. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

4.7. APPROBATION VUN ENGEM ACTE D'ÉCHANGE MAT DER KOPPEL REMY BERCHEM A BEATA SZCZEPANIAK

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider op en Acte d'échange mam Här Remy Berchem an der Madame Beata Szczepaniak, dat ass an der Hellengerstrooss, do maache mir en Echange, si cedéieren eis 0,98 Ar an der Hellengerstrooss, dat ass eng Parzell vun 0,79 Ar an eng vun 0,19 Ar a mir cedéieren hinnen 3 Parzelle vun 0,88 dat ass eng vun 0,25; eng vun 0,01 an eng vun 0,62 an deen Tosch, dee mir maachen, deen ass wéi gesot, dass mir op där enger Säit déi Terrainen huele fir se an d'Voirie publique ze integréieren, vun hirer Säit aus, an dat wat mir hinne ginn, geet vum Domaine communal public an den Do- maine communal privé, dat ass jo och an deem Acte gemaach gi fir dass ee kann den Echange maachen. Dat ass keen neie Moment um Niveau vum Code civil, dat ass eng Prozedur, déi ee muss maache fir dat en bonne et due forme iwwer d'Bün ze kréien an Dir hutt jo och an Ären Akte gesinn, wou déi verschidde Parzellen sech hei befannen. Voilà, gi mir zum Vote iwwer, wien ass mat deem Acte d'échange averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

4.8. + 4.9. APPROBATION VUM REGLEMENT IWWER D'VERDEELE VU AKAFSBONGEN UN D'BIERGER + APPROBATION VUN ENGEM SPEZIALKREDIT FIR D'VERDEELE VUN AKAFSBONGE UN D'BIERGER

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Dann zum nächste Punkt, dat ass e Reglement en- gersäits wat mir wëlle stëmme loossen, awer och e Crédit spécial wat d'Bongen ugeet, déi mir wëllen den Diddelenger Bierger ausstelle fir dass een iwwer dee Wee de lokale Commerce kann ënnerstëtzen. Dat Ganzt schreift sech an an déi ganz Diskussiounen, déi de Moment jo lafe fir de lokale Commerce ze ënnerstëtzen. Do ginn et eng ganz Rei Initiativen, do ginn et awer virun allem och Moosname vum Staat, déi 1. Phas, déi 2. Phas, de Plan de relance vun der Regierung generell am Industriesektor an awer och um Niveau vun den Indépen- danten an de PMEen an de Commercen.

Mir waren als Stad Diddeleng jo eng vun den éischte Gemengen, déi iwwer Mäin Diddeleng.lu déi Bongen an d'Liewe geruff hunn, wou am Fong Diddelenger an Net-Diddelenger d'Acquisitioun vu Bonge maache fir am lokale Commerce anzuliesen, wat jo och ganz posi- tiv war, well iwwer 80 Commerce matgemaach hunn an dat jo och iwwer 60 000 Euro generéiert huet, déi an de lokale Commerce gefloss sinn. Dat war iwwer eng Initiative an enker Zesummenaarbecht mam Geschäfts- verband an dat heiten ass d'Iwwerleeung fir e Schratt méi wäit ze goen, och eng Iwwerleeung, déi ganz staark mam Geschäftsverband an de Geschäftsleit diskutéiert gouf am Echange an och am Dialog. Dat ass also e Pro- jet, deen als Aide indirecte ze gesinn ass well et jo dann e Bong ass, dee soll un d'Diddelenger Bierger kommen an deen dann och virun allem geduecht ass fir d'Com- mercen ze ënnerstëtzen, Restauranten an och Caféen. Dat Ganzt schreift sech natierlech och an d'Gesetz vun den De minimis Aiden, déi mir musse respektéieren an déi Approche, déi mir gewielt hunn no Diskussioun ass déi, dass mir am Fong déi doten Approche an zwou Phasen opdeelen. Duerno komme mir och zum Kredit, well wa mir dat sollen ëmsetzen, fléisst ronn 300 000 Euro an de lokalen Diddelenger Commerce.

Déi éischt Phas ass esou, dass all Diddelenger Bierger e Bong kritt vun 10 Euro, deen en dann um Territoire vun der Stad Diddeleng kann alaise fir d'Commercen, de Commerce de détail an d'Restauranten z'ënnerstëtzen. Wat awer och am Reglement ausgeschloss ass, sinn Aptikten, Supermarchéen, Agence-immobiliären, Pro- moteuren, Syndicen, Agence-d'assurances, Banken, Concessionnaire vum Autoen an och Station-d'essences an awer och Distributioun vun Télécom. Hei solle mir deenen hëllefen, déi wierklech während der Kris gelid- den hunn an et war jo eng ganz Rei Geschäfte, déi op ware während der Kris, hei awer wierklech deene wëllen zoukomme loossen, déi et och néideg hunn. Ech soen lech hei, dass mir déi Aktioun uleenen un Aktiounen, déi och déi aner Gemenge maachen, déi och dee selwechte Wee gaange sinn, dat ass déi 1. Phas, déi fänkt Enn Juli 2020 un an dann déi 2. Phas ass dann ab September bis an den Dezember eran, do ginn dann all Kéier vun deene Leit, déi Bongen ageléist hunn, do gëtt all Kéier eng Art Tombola gemaach vu méindes bis freides an da kënnen all Woch 5 Leit, déi hire Bong eraginn hunn, gezu ginn, déi kréien dann e Bong vun 200 Euro, wou ee ka gewinnen, an déi Bongen hunn eng Validitéit bis den 31. Mäerz 2021, well dann och d'Clôture ass vum Gemegebudget an den Tirage au sort gëtt dann och eemol an der Woch gemaach mam Geschäftsverband a mam Notaire fir dann ze gesinn, dass dat Ganzt gutt iwwer d'Bün geet, esou dass mir, wa mir déi 2 Phasen ofwéckelen, gutt 300 000 Euro an den Diddelenger Commerce afléisst loossen.

Wei ass déi praktesch Ofwécklung, wéi ass de Stand vun haut? Mir hunn e Courier gemaach un déi Commercen, ob se wëlle matmaachen, mir hu schonn iwwer 80 positiv Réckmeldunge kritt well mir och eng Publicitéit dorëms maachen, wien do matmécht, haut dann d' Decisioun, déi virfällt an da wäerten och déi Bonge produzéiert ginn, och do ënnerstëtze mir lokal Institutionen, déi drécke



mir um Kräizbiereg, déi maachen eis dat an da wäerte se viraussichtlech Enn Juli an den Ëmlaf kommen, wou dann och d'Bierger dat kréien. Mir wëllen dat jo an Zesummenaarbecht mam Geschäftsverband maachen. Et dass esou, dass mir déi heite Suen un de Geschäftsverband ausbezuelen an de Geschäftsverband mécht dann och déi finanziell Gestoun dovunner. De Commerçant, wann en de Bong kritt, gëtt en dem Geschäftsverband an dee bezilt dat aus, respektiv gëtt dat och an Zesummenaarbecht gemaach mat eiser Recette communale.

Ganz kloer war hei och d'Demande vum Geschäftsverband fir hei ganz aktiv kënne matzeschaffen, vu dass si iwwer dee Wee ganz kloer mat en aktive Part iwwerhuelen. Den Advantage hei vun deene Bongen ass, dass déi Diddelenger Bierger ganz kloer an déi Diddelenger Geschäfte ginn, dass se sécherlech méi wéi 10 Euro hei zu Diddeleng hänke loossen, well wa se bis am Stadkär sinn, maache se nach weider Achaten iwwer de Wee nach weider gestärkt ginn, well se un der 2. Phas nach kloer kënne mat Deel huelen an et dréit och dozou bäi, dass Geschäftsleit, déi nach e grouss Stock hunn, dass dee kann ofgebaut ginn an dass de Message kloer ukënnt, dass lokal kaf gëtt an ee lokal Commercen iwwer dee Wee ka kloer stäerken. Ech denken, dass dat doten eng Approche ass, déi eng Win-Win Situatioun bréngt, esouwuel fir d'Diddelenger Geschäftswelt wéi och fir d'Diddelenger Bierger. Dat war d'Aart a Weis wéi mir dat zu Diddeleng wëllen ugoen, well dat eng Approche ass, wou den Echange mat deene Concernéierten ausgeschafft gouf an haut zur Diskussioun steet. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech well fir d'éischt op e puer Punkte kommen, déi hei an dem Règlement stinn an déi eis e bëssen onkloer sinn. Am éischte Saz steet: „Un bon d'achat d'une valeur nominale de 10€ est remis à chaque habitant/résident de la commune de Dudelange“: Ass dat ab O Joer? Wéi ass dat wa Kanner gebuer ginn an där Zäit, also et ass eng ganz pragmatesch Fro. Wéini fänkt dat un a mussen déi Kanner den 1. Oktober gebuer sinn? Wann elo nach een Zwillinge kritt dotëschent, hat deen da Pech? Dat ass eng Fro.

Dann, Local de commerce fixe, do ass d'Fro opgeworf gi bei eis am Komitee, wéi ass et mat deenen, déi um Maart e Stand hunn? Kënnen eis Bongen och un eis Maartleit verdeelt ginn? An hu mir och e Commerce mobile, soe mir emol de Café Tui, deen ëmmer säi Cafés-tand um Maart huet, kann deen och dovunner profitéieren? Oder net? D'Fro ass berechtigt firwat d'Apdikten net mat dra sinn? Dir wësst, an den Apdikte kritt een net nëmme Medikamenter, déi ee vun der Krankekeess rembourséiert kritt, mee et kann ee Fleegartikelen, zum Beispill Sonnecrème fir d'Kanner oder esou Saache kafen. Do ass d'Fro firwat déi explizit erausgeholl gi sinn?

Dann: „Les commerces doivent avoir confirmé par écrit leur participation à l'initiative communale“, do ass meng Fro: Dir hutt och gesot, dat leeft iwwer de Geschäftsverband. Mussen alleguerten déi Geschäfte Member

sinn am Geschäftsverband? Well mir hunn och Geschäfte, déi net Member sinn, wéi ass et mat deenen, dierfen déi awer partizipéieren?

Dann, an der 2. Phas, dat muss een e bësse korrigéieren an der Ecriture. Do steet : „Sur tous les bons reçus, 5 habitants auraient la possibilité de gagner un bon d'achat d'une valeur de 200 euros et cela tous les jours“. Dat heescht 5 pro Dag, wann een dat elo à la lettre liest, géif dat heeschen, dass all Dag 5 Leit gezu ginn, dat ass jo net de Fall, ech denken, et sinn der 5 pro Woch, soss komme mir op 5 x 200 dat kascht eis 1000 Euro an dat all Dag, vum 1. September bis den 15. Dezember, dat geet net duer, do geet jo awer d'Rechnung net op? Dat misst ee präziséieren, wéi dat ass. Gëtt an der Woch all Dag ee gezunn oder ginn der all Dag 5 gezunn?

Dann ass d'Fro och vun der Protection des données. Wou fënnt de Geschäftsverband deenen, deenen de Bong huet? Ass dat mat enger Souche, déi ee muss versueren? Muss een do säin Numm drop schreiwen? Dann ass een d'accord, dass déi Donnéeën awer ëffentlech gemaach ginn. Voilà. Dir hat geschwat iwwer déi Initiative de solidarité hei zu Diddeleng, déi effektiv ganz luewenswäert war, wou Bongen oder Cadeauen un d'Geschäftsleit konnten iwwerwise ginn. De Problem, deenen ech vun de Geschäftsleit héieren hunn ass, dass dat net ganz esou einfach war fir si fir ze detektéieren, ass dat en Don vun engem oder kënnt deen awer duerno mat engem Bong. Dat ass och fir déi net einfach gewiescht well se e bësse misste kucken, wéi previsibel ass dat elo, wann ee kënnt an e bezilt en Deel vun der Rechnung mat engem Bong ass et eng aner Saach wéi wann s de e Geschäft ënnerstëtzt mat engem Don, si mussen dat jo awer och alles dokumentéieren an an d'Dekonten aschreiwen.

Mir fannen och, dass e Bong vun 10 Euro, also all déi Bongen, déi déi Geschäftsleit kréien, déi mussen och dorop Steiere bezuelen an och TVA drop bezuelen. Mir vun der CSV wiere léiwer op en anere Wee gaangen, et kënnt jo och nach duerno eng Fro dozou, mir hate proposéiert, dass mir all Geschäft eng direkt Hëllef zoukomme loossen, wéi och verschidde Gemengen et maachen, dass dat eng méi equitabel a gerecht Verdeelung wier, well hei ass et esou, dass Restauranten a Cafée sécher méi ënnerstëtzt ginn ewéi vläit aner Geschäfte a wa mir kucken, ech weess net genau, wéivill Betriber hu mir hei zu Diddeleng? Ech hu mir soe gelooss vum Geschäftsverband – fréier wa mer Memberskaarten ausgedeelt hunn, koume mer op 210 Commercen - soe mer elo, et wieren der villäicht och nach 220 oder 230, mee wa mir do jidderengem 30 Euro ginn, da komme mir op genau déi selwecht Zomm oder e bësse manner, dann hätt een nach iergend eppes anescht an d'Plaz setze kënnen, mee mir fannen, déi 300 000 Euro, wéi déi herno verdeelt ginn, dass dat net equitabel ass, déi eng kréie méi, déi aner kréie manner, an dat fanne mir net esou glécklech.

A wat mir och e bësse monéieren, hei gëtt elo e Crédit spécial votéiert a mir hate schonn dorop higewisen, eis Veräiner kruten och e Supplement Covid, dat waren



42 000 Euro, déi mir och méi ausgeschott hunn a mir hunn och do fonnt, dass dat fir d'Visibilitéit a fir eng kloer Ofrechnung am Budget besser gewiescht wier wann dat och e Crédit spécial gewiescht wier.

Wéi gesot, mir fannen, dass déi Mesure e bëssen e Giesskannenprinzip ass a wou mir net konkret deene Betriber, déi och wierklech gelidden hunn an der Kris, déi missten de Loyer an hiert Personal weider bezuelen déi et net einfach haten an dass dat net esou de grousses Message ass, dass Diddeleng hannert senge Geschäftsleit steet, wéi mir eis dat gewünscht hätten, well mir hu jo op där anerer Säit e grousses Geste gemaach, dee mir jo och absolut begrëissen, dass mir deene Locataire vun eise gemengeneegene Lokalitéiten de Loyer erlooss hunn, mir hunn d'Veräiner gutt ënnerstëtzt, do si Veräiner, déi kréie bis 1600 Euro, an dass dat heiten net den ideale Geste ass fir de Geschäftsleit an de Betriber ze weisen, hei lauschtert, mir stinn lech zur Säit. Dat heiten ass e Kaddo fir déi Diddelenger Leit, dat ass jo och schéin a gutt, mee ech denken net, dass dat esou geziilt do ukënnt, wéi mir eis dat virgestallt haten. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci, weider Stellungnahmen den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, mir hunn eigentlech mam System eng méi kleng Remarque an eng méi grouss, mir denken, comptabilitéisméissege geet dat op, wann ech net falsch gerechent hunn. Villäicht eng Suggestioun am Ufank un de Geschäftsverband, well net onbedéngt all Geschäft matmécht oder ka matmaachen, wier et nëtzlech wann déi Geschäft, déi matmaachen, och en entspreichende Logo an hir Fënster hänke fir dass et keng Diskussiounen do gëtt. Déi méi kleng Remarque, mir verstinn eigentlech net esou richteg firwat déi Leit, déi schonn e Bong vun 200 Euro gewonnen, nach eemol an den Tirage solle kommen. Ech géif mengen, Dir géift méi Leit glécklech maache wann dat all Kéier nei Leit wieren. Dann déi méi grouss Remarque, mir versti schonn, dass dat heite soll eng Hëllef si fir d'Geschäftsleit, mir denken och, dass dat e gudden Wee ass, allerdéngs ass ganz kloer, dass verschidde vun den Diddelenger Bierger déi 10 Euro u sech net brauchen. Aus administrative Grënn denke mir, dass dat heiten awer e gudden Wee ass fir et ze maachen. Et ass allerdéngs ganz kloer, dass déi méi aarm Leit vill méi staark ënner der Covid-Kris gelidden hunn an eise Virschlag, wier fir bei deem Kredit nach e bëssen eropzuegoen an all de Familljen, déi mam Office social a Verbindung sinn, pro Persoun 5 Bongen am Plaz vun engem, also an deem Fall 50 Euro zoukommen ze loossen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Thill, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Här Glesener.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci, den Här Buergermeeschter hat quasi alles presentéiert, ech géif awer gäre e puer Punkten zu der Bongenaktioun ervirhiewen, déi alles anescht wéi banal oder wéi e Copy/Paste vun

anerere Gemengen ass. D'Iddi, a wat fir enger Form mir als Gemeng eis Geschäftswelt an dëser spezieller Zäit am effikasse kéinten ënnerstëtzen, ass op der Basis entstanen, an zwar am Geschäftsverband an Zesummenaarbecht mat eisem City Manager an direkt hannendrun hunn e puer Gemengeservicer, alle virun eis Kees a Compta, déi hunn net gezéckt fir eng Hand mat unzepaken. Besonnesch déi hunn e Koup ze geréieren, ech kommen nach dodrop zeréck. Natierlech hätte mer och mat der Stränz kéinten eng Finanzspréiz verdeele un d'Geschäft, dat wär gutt ukomm, besonnesch bei der CSV, hu mer elo just héieren, a wär och net vill Aarbecht gewiescht. Mee hei stécht vill méi derhannert. Et geet an éischter Linn drëm, dass mer eise lokale Commerce erëm ukuerbelen. Dass mir d'Leit incitéieren, sech den neie Belag an de Shared Space ukucken ze kommen, dass si erëm Loscht kréien anzekafen an ze konsuméieren an eis Geschäftsleit iwwerhaupt ze begéinen. Well dat huet alles ënnert dem Lockdown gelidden. Wann déi Geschäftsleit dann hiren Job gutt maachen an do zwiwelen ech sécherlech net drun, da kommen déi Leit och erëm zeréck a villäicht méi wéi eemol zeréck. Dat huet also en nohaltegen Effekt. Ausserdeem ass den Usporn, dee mir mat deene Bonge ginn, e Multiplikator an et kënnt doduerch vill méi an d'Geschäft wéi just déi Valeur vum Bong oder dat wat mir hei als Budget votéieren.

Genial fannen ech dann och déi Iddi, dass all ageléiste Bong eng weider Chance duerstellt fir an der zweeter Phas nach eemol an esouguer méi wéi eemol, Bongen am Wäert vun 200 Euro ze gewinnen. Méi wéi eemol well den Tirage au sort, all Dag vum éischte September bis den 15. Dezember fënnf Leit ermëttelt, déi ginn zwar just eemol d'Woch gezunn, dat sinn also 25 Leit pro Woch, dat steet do, du lundeech au vendredi, déi esou e Bong vun 200 Euro kënne gewinnen. Och déi Leit, déi gewonnen hunn, behalen d'Chance fir nach eemol gezunn ze ginn, dat incitéiert dann natierlech, well een direkt am Ufank scho seet, ech gi meng Bonge schonn direkt aléisen, well meng Chancë sti grouss, dass ech vill ka gewinnen. Wann dat net genial ass, ech fannen et op alle Fall genial. Bedenkt och, dass all Diddelenger, de Bëbee, de Schüler, den Erwuessenen, de Senior, jo eben all Eenzen, deen zu Diddeleng ugemellt ass, e Bong kritt an domadder och d'Chancen, weider Akafsbongen ze gewinnen. Déi méi grouss Menagen hunn also och proportional gesi méi grouss Chancen, ze gewanne wéi deen Eenzen. Des weideren ass ugeduecht, dass déi Aktioun och iwwert eis Diddeleng App leeft an déi domadder och nach eemol an d'Rampelicht réckelt. Laangfristeg wäert och si hëllefen, eis Stad an domat automatesch och eis Geschäftswelt ze valoriséieren. Also nach en nohaltegt Puzzlestück.

Nach eppes wat anescht ass wéi an anere Gemengen, ass dass deen 200 Euro Gewinn sech aus Bonge vun 4 verschidde Geschäfte zesumme setzt. Domat erreeche mir, dass vill Commerce vum der Aktioun profitéieren, also dat Ganzt vill méi gläichméissege verdeelt wäert ginn. Ech ka mir zum Beispill virstellen, dass dee gléckleche Gewinner oder Gewinnerin sech mat engem Bong en neit Kleedungsstück kafe geet a villäicht



mat deenen anere Bongen nach an zwee oder dräi Restaurants geet. Well op deene verschidde Bonge sinn al Kéier déi eenzel Geschäfte drop an op all Bong kann en anere Restaurant drop stoen, well déi Branche huet ganz besonnesch gelidden a kritt och deementspreechend gehollef. Och déi nei Diddelenger Bierger, déi villäicht nach guer net den Zock hate fir an den Zentrum akafen ze goen, well se villäicht nach un hir Grande surface gewinnt sinn, déi no bei hirer Dier war wou se virdru gewonnen hunn, kréie mat dëser Aktioun eng Ursaach geliewert fir emol bei eis an déi lokal Geschäfte ze kommen.

Alles an allem ass dat heiten eng richtig flott Initiativ an ech wëll net schléissen ouni eise Geschäftsverband, eise City Manager, dem Claude Leners, awer och dem Bib Loos, eise Receveur mat senger ganzer Ekip an all deenen, déi sech vill Aarbecht gemaach hu fir dës Aktioun flott an attraktiv ze maachen, en décke Merci ze soen. Déi Keess huet tatsächlech vill méi wéi op deenen anere Plazen Aarbecht, ebe well hannert deene Bongen eng riseg Lëscht stécht, déi si ze verwalten hunn. Also villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Glesener. Ech géif dann och op déi verschidde Punkten agoen. Ech mengen, déi generell Consideratiounen kann ech mir spueren, well op déi ass den Här Glesener agaangen, wat de Virdeel hei ass, éischter an eng Richtung ze goe vun enger Aide indirecte an net an eng Richtung vun enger Aide directe, wéi d'CSV et gesot huet, well dat heiten effektiv vill méi nohalteg ass an och am Stadkär vill méi Fluxe generéiert well den Incentive do ass, fir dass een och an de Shared Space geet. Op där anerer Säit muss ech och soen, et ass net onbedéngt 1 zu 1 hei der Gemeng hire Rôle, sech dem Staat ze substituieren. Mir wëssen, dass an enger éischter Well de Commerce gehollef gouf, och an enger zweeter Well a mir wëssen och, dass rieds vun enger drëtt Well ass a wann ee wëll an eng Richtung goen, dass natierlech d'Geschäftsleit och hir Stocke kënnen liquidieren. D'Stocke ginn nëmme liquidéiert wann d'Leit dohinner ginn an Akeef kënnen maachen, mat enger Aide directe ass domat net gehollef, da bleiwen se nach ëmmer op hirem Stock setzen. Dofir war et fir eis kloer deen heite Wee, dee mir gaange sinn. Wat par Rapport zu de Commercen ugeet, d'Maartleit sinn net consideréiert, hei geet et ëm d'Diddelenger Commercen, déi zu Diddeleng ugemellt sinn, dat kann och e Commerce mobile sinn, mee si mussen hei zu Diddeleng enregistréiert sinn, dat ass kloer. D'Approche ass jo déi, d'Diddelenger Commercen ze ënnerstëtzen. Mir ënnerstëtzen och all Diddelenger Commerce, deen hei an déi Critère fällt an net nëmme déi Geschäfte, déi Member sinn am Geschäftsverband.

Dat war fir eis vun Ufank u kloer, mir wëssen natierlech, dass net all Commerçant oder all Geschäftsfra oder -mann Member ass beim Geschäftsverband. mee dat heiten huet och deen Avantage, dass villäicht nach méi Geschäfte Member gi beim Geschäftsverband, well hei och eng zousätzlech Interaktioun entsteet zwëschen dem Commerçant, dee matmécht, an dem Geschäfts-

verband. Dat heescht, och deen heite Lien gëtt weider gestärkt. Niewent dem Fait, dass mir eng Stärkung hu vun der Kafkraaft, déi den Diddelenger Commercen zegutt kënnt, duerch déi Interaktioun, déi stattfënnt tëschen dem Diddelenger Bierger an der Diddelenger Geschäftswelt, an awer och de Geschäftsverband an d'Diddelenger Geschäftswelt kënnen zesumme schaffen. Hei sinn eng ganz Rei Komponenten an och sozial Komponenten, déi dobäi kommen, déi net vun der Hand ze weise sinn, déi immens wichteg sinn.

Et ass richtig, Madame Kayser, et gëtt eng Liste nominative, mee déi geréiere mir als Gemeng. De Geschäftsmann oder d'Geschäftsfra gëtt natierlech säin oder hire Bong of, si mussen och e Formulaire ausfüllen fir de Geschäftsverband, dee gëtt eis dat weider mee et ass elo net, dass den Numm vum Bierger do zirkuléiert, déi Gestoun maache mir hei an der Gemeng well mir och déi Donnéeën hunn. Et ass jo och Dateschutz verlaangt, hannert deem sti mir jo och als Gemeng, dee respektéiere mir och, esou dass mir wëssen, och als Gemeng, déi Bierger hunn déi Nummer vu Bong, mee déi nominativ Informatioun geet net un de Geschäftsverband oder de Commerçant, ausser d'Nummer vum Bong. Also, dateschutzméisseg gëtt dat respektéiert. Mir leien hei ganz richtig, et ass eppes anescht par Rapport zum Subsid par Rapport zu eise Veräiner, dass mir hei e Crédit spécial maachen, well dat heite si jo Suen, déi guer net am Budget sinn, mir hu jo och guer keng Racine vun deenen heite Suen, dat hat ech lech och d'lescht Kéier erkläert, wéi mir iwwert d'Veräiner geschwat hunn. 2020 wusst jo keen, dass mir déi Aktioun hei misste starten, respektiv dass mir an engem Lockdown wieren, dofir hu mir hei e Kredit virgesinn.

Ech mengen, dass mir hei e ganz, ganz wichtige Geste maache vis-à-vis vun der Geschäftswelt an dass mir zimmlech wäit ginn an hei och e Wee fonnt hunn, dee fir Diddeleng wichteg ass. Mir mussen hei net 1 zu 1 Copy/Paste maache wéi aner Gemengen et maachen, hei si mir en anere Wee gaangen, Bongen respektiv an eng 2. Phas, déi Diddelengspezifesch ass a wou och Commercen Demandeur waren. A fir nach opzegräifen, fir komplett ze sinn, firwat mir verschidde Commercen erausgelooss hunn, hei geet et virun allem dorëms, déi Commercen ze ënnerstëtzen, déi während der Lockdown-Zäit zou waren. Et waren der eng ganz Rei, déi net zou waren, aus enger Rei Grënn, well d'Bestëmmungen vum Règlement grand-ducal hinnen eben déi Méiglechkeet ginn hunn, dass se konnten op sinn. Déi aner haten déi Méiglechkeet net, dofir hu mir hei ganz kloer definéiert, wie Beneficiaire ka sinn a wien net, well ech mengen, dat wat Dir do uschwätzt, dass nach aner Akeef kënnen an den Apdikte gemaach ginn, ma déi selwecht Akeef kënnen och an engem Supermarché gemaach ginn, ausser Medikamenter, mee déi Saachen, déi een do fënnt, fënnt een och an de Supermarchéen.

Dat ass net de Wee, dee mir hei wollte goen, hei ass et wierklech fir dem Horesca-Bereich an awer och der Konfektoun an doriwwer eraus, déi ënnert dësem Lockdown gelidden hunn, kënnen kloer ënnert d'Äerm ze gräifen. A wat ech virdru nach vergiess hat, ass, dass



mir op de Wee wäerte goen, dass all déi Commercen, déi matmaachen, dass déi eng Visibilitéit kréien, also och eng Art Sticker an d'Vitrine gesat gëtt, dass ee ka kloer identifizéieren, dass déi Partie prenante si vun dëser Aktioun.

Ech mengen, dat wat den Här Thill gesot huet, hei probéiere mir jidderengem déi 10 Euro ze ginn um Niveau vun de Bierger an et ass natierlech esou, dass wann hei Leit sinn, déi zousätzlech Aidë brauchen, de Wee bei den Office social do ass, l'un n'exlut pas l'autre. Den Office social huet jo och e Rôle fir d'Leit finanziell ze ënnerstëtzen. Eemol am Joer gesi mir ganz kloer hei wat d'Depensé si vum Office social, grad vis-à-vis vun de Leit, déi de Wee dohinner fannen, a wann do Enkpäss sinn, déi ganz individuell jo och sinn, mengen ech, dass do den Office social de leschten ass a sengem Rôle, fir deene Leit och finanziell ënnert d'Äerm ze gräife wann se effektiv ënner der Kris gelidden hunn.

Ech denken, ech sinn op déi verschidde Punkten agaan, wat dës Aktioun ugeet, esouwuel wat d'Reglement ugeet, och wat de Kredit ugeet an ech géif da proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn. Ja, Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Hunn ech kloer verstanen aus dem Här Glesener sengen Ausféierungen, dass der Madame Kayser hir Froe beäntwert sinn, et ass fir all Awunner vun Diddeleng an d'Tombola sinn all Dag 5 Bongen?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Also et ass all Awunner vun Diddeleng, dat heescht och en Neigebuerenen, mir loossen eis do eng gewësse Latitute well jo och an Tëschenzäit am Mount August nei Awunner kënnen kommen, mir loossen eis do Plaz fir och deene Bongen zoukommen ze loossen. Dat hat ech vergiess an dat mat de Bongen ass effektiv esou wéi et gemënt ass. Voilà, ech mengen, all Froe si beäntwert ginn, da komme mir zum Vote.

Wien ass hei mam Reglement averstane fir d'Distributioun vun de Bongen? **Dat ass unanime.** Wien ass mam Crédit spécial averstane? **Dat ass och unanime.** Eng logesch Suite, Här Gangler. Merci villmools. Ja, Madame Kayser?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Just nach eng kleng Fro, just intérêtsméisseg, wéivill Betriber hu mir hei zu Diddeleng? Dat hu mir net erausfonnt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Mir hunn am Fong de Relevé gemaach, also Betriber, also reng Commercen, déi concernéiert sinn, dat sinn der jo e puer, well mir hu jo och de Secteur tertiaire an esou weider, déi hei sinn, do si mir iwwer 700 all zesummen, mee reng Commercer, déi elo betraff sinn unhand vun de Critèren, déi mir hei definéiert hunn, sinn et der 180. Mir hunn der elo e bësse méi wéi 80, déi sech gemellt hu fir matzemaachen, si hunn awer nach e bëssen Zäit fir sech ze mellen. Dat dozou. Da soen ech lech villmools Merci a wéi gesot, et steet all Commerçant fräi do matzemaachen oder net, mir forcéiere keen.

Et huet jo jiddereen Intérêt drun, matzemaache bei dëser Aktioun.

4.10. APPROBATION VUN DER DEKLARATION VUN DEN NET-REGLEMENTÉIERTE RECETTÉ VUM BUDGETSJOER 2019

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir op deen nächste Punkt iwwergoen, dat ass dann d'Deklaratioun vun de „Recettes non-règlementées“, do ass dat e Montant vun 152 248,25 Euro, wou mir méi Recettë kréien. Klassescherweis sinn dat Remboursementer vun de Frais de publication bei den Enquêtes commodo-incommodo, respektiv bei de PAPen, dat sinn awer och „Frais pour dégâts causés par des tiers“, dat ass oft wa Leit d'Propriétéit vun der Gemeng futti maachen, wa se mol an eng Mauer rennen oder e Schëld ëmrennen, wou dann d'Assurancen an d'Spill kommen. Et ass awer och eng Indemnité d'assurance bei der Maison Relais, wou mir och eng Fuite haten, et ass awer och d'Elektresch iwwer d'Fotovoltaikanlag, wou mir weider verkaf hunn un ENOVOS, wou mir vun hinnen d'Recettë kréien, well mir dat doten aspeisen. Wann am Centre Hartmann eppes war, zum Beispill eng Fënster, déi gebrach ass, wou mir vun den Assurancé Suen erëmkritt hunn, respektiv awer och de Sponsoring bei de kulturelle Manifestatiounen, sief dat Like a Jazz Machine oder eng Fête de la Musique, respektiv och gutt 23 500 Euro beim Sponsoring, Beim Elektresche sinn et 32 296 Euro an dann hu mir och bal 7 000 Euro, wou mir vum Staat erëmkreie bei der Education différenciée, wou mir d'Personalfraise vun hinnen zeréckbezuelt kréien.

Dat sinn déi verschidde Positiounen, déi sech erausschellen, wou mir hei Recettë kréien. Ass de Gemengerot domadder averstane? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

4.11. APPROBATION VUN DEKONTEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider op d'Dekonten, dat wieren der 24 Stéck an eng Rei rezenter, dofir huelen ech se elo duerch:

Éischtens, d'Mise en conformité vun dem Eclairage de secours an eise Museum, 28 000 Euro war den Devis, d'Depense war 24 489,08 an dat war virun allem am Joer 2019.

Dann, an eise Gemengenateliere, d'Regulatioun vun der Heizung, 25 000 Euro war den Devis, d'Depense war 17 412,35 Euro.

Dann an der Schoul Butschebuerg gouf den Daach frëschgemaach an isoléiert, do war et en Devis vun 305 000 Euro an d'Depense war 292 727,69 Euro.

Den Dekont duerno war zesummen, dat war och d'Schoul Butschebuerg, déi zwou Schoullklassen, déi mir amenagéiert hunn, do war den Devis 270 000 Euro an d'Depense war 262 710,90 Euro, do krute mir och e Subsid vum Ministère de l'Intérieur vun 184 099,41 Euro.



Dann, d'Annex vum fréiere Police-Gebai, do war den Devis fir de Mobilier 75 000 Euro an d'Depense war effektiv 74 624,61 Euro.

Dann, am fréiere Pompjesveräin, do ass den Daach frësch gemaach ginn, 185 000 Euro war den Devis an d'Depense ass 166 767,95 Euro a vu dass et um Inventaire supplémentaire ass, hu mir e Subsid kritt vu Sites et Monuments an Héicht vun 39 500 Euro.

Dann ass fir eise Service Gestion du patrimoine en Elektroauto ugeschaaft ginn, do war den Devis 30 000 Euro an déi tatsächlech Depense ass 22 823, 82 Euro.

Dann eng Camionnette fir d'Usträicher, do war den Devis 85 000 Euro an d'Depense war 31 484,63 Euro.

Dann eng Remorque fir e mobile WC-Container, dee mir huele fir eis Festivitéiten, do war den Devis 22 000 Euro an d'Depense 20 574,45 Euro.

Dann eng Balayeuse fir eise Service Voirie, do war den Devis 230 000 Euro an d'Depense ass 226 334,28 Euro.

Dann eng ganz Rei aus eisem Fuerbetrieb.

Dann, d'Schoule Butschebuerg an Deich, do sinn automatesch Barrière gemaach ginn, den Devis war 25 000 Euro, an d'Depense ass 22 658,92 Euro an dat war 2019.

Dann, op der Fohrmannsplatz do ass Mise en conformité vum Réseau électrique, do war den Devis 100 000 Euro an d'Depense ass 80 811,62 Euro.

An der oppener Schwämm, do ass e Staubsauger fir d'Waasser propper ze maachen, 26 000 Euro den Devis an d'Depense war 24 159,45 an dat war 2019.

Dann de Mobilier am Jugendhaus, 21 000 Euro den Devis an d'Depense ass 17 952, 53 Euro. Do krute mir och e Subsid vum Ministère an Héicht vu 7 655,44 Euro.

Da bleiwe mir beim Jugendhaus, informatésche Réseau gouf do frësch gemaach, 20 000 Euro war den Devis an d'Depense ass 19 707,37 Euro an och do krute mir e Subsid vun 13 695,51.

Dann am Service Scierie, Aquisition d'une perçeuse à colonne, 16 000 Euro den Devis an d'Depense ass 14 283,36 Euro.

Am Schräinereibetrieb eng Maschinn fir Holz ze schneiden, 40 000 Euro den Devis an d'Depense ass 33 160, 00 Euro.

Am Service Menuiserie d'Aquisition vun enger Toupie 40 000 Euro den Devis an d'Depense ass 33 478 Euro.

Dann eng Nacelle fir de Service des Sports, 15 500 Euro den Devis an d'Depense ass 15 360,50 Euro.

Dann de Bus fir den Transport scolaire, 300 000 Euro den Devis an d'Depense 140 000 Euro. Do hu mir lech d'Erklärung gi firwat deen Dekont méi niddereg ausgefall ass, well initial sollte mir en neie Bus kafen, mee vu dass et eng Urgence war, hu mir eng ganz gutt Occasioun kritt, déi knapp 4 Joer hat an dofir net vill Kilometeren an do och d'Besoine vum Schoulservice direkt konnten ofgedeckt ginn, dofir do och eng Depense en moins.

Dann, de Minibus fir de Service Education et Accueil, 35 000 Euro, Depense 28 066, 84 Euro.

Fir den Usträicherbetrieb eng Camionnette, 35 000 Euro den Devis an Depense 29 500,01.

Dann, fir eise Steemetzerbetrieb och eng Camionnette, 80 000 Euro den Devis an d'Depense war 69 147 Euro.

Dann de leschte Punkt, den Tornado d'lescht Joer zu Péiteng a Käerjeng, do hate mir e Subsid vu 15 000 Euro gestëmmt.

Da wiere mir duerch mat den Dekonten an ech sinn op fir Froen. Ja, Här Gangler?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, eng kleng Fro, déi Camionnette fir d'Usträicher steet zwee Mol dran, handelt et sech also ëm zwou Camionnetten? Eng aner Fro, d'Elektroautoen, kéint d'Gemeng vun elo un och an de Genoss komme vun deenen Hëllef vum Staat fir Elektroautoen? An dat Lescht wann ech et mir dierf erlaben den Här Buergermeeschter ze korrigéieren: déi Plaqueuse de chant ass keng Maschinn fir ze schneiden, mee dat ass eng Maschinn mat där ee kann op enger iwwezunnener Plack, Resopal oder esou, de Bord erëm zouzepesche wann een dee geschnitten huet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi Präzisioun, et handelt sech ëm zwou verschidde Camionnettë beim Usträicherbetrieb a wa mir elo Elektroautoe kafen, komme mir och an de Benefice vun de Subventiounen. Vëlo och, jo. Ab deem Moment wou déi Règlement-grand-ducaux spillen, kréie mir och Subside fir de Kaf vun deenen, dofir probéiere mer jo och, eise Fuerpark do ronderëm opzebauen. Voilà, dat dozou, kënnen mir en bloc ofstëmmen? Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da gi mir op déi provisoresch Schoulorganisatioun.



5. REGIONAL MUSEKSSCHOUL - APPROBATION VUN DER PROVISOIRESCHER SCHOUL-ORGANISATION FIR D'SCHOULJOER 2020/2021

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):

Ech presentéieren ech dann elo wéi an de leschte Joeren och déi provisoiresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2020/21 esou wéi se de 24.6 arréiert gouf. Ech begréissen natierlech och eisen Direkter. De Bob Morhard hat et jo haut net wäit. En huet just missen e Stack erof kommen. Wann ech soen ech presentéieren ech déi Schoulorganisatioun dann ass dat ëmmer e bësselchen héich gegräff well déi Chifferen, déi ech lech elo soen, dat ass ëmmer nëmmen eng Momentopnam. Dat heescht déi kënne, 5 Minutten nodeems se eben arréiert gi si schonn erëm anerer sinn an et sinn och natierlech rëm anerer well zënter dem 24.6. ass vill geschitt. A bis zur Rentrée wäerten do sécherlech nach eng Partie Schwankungen dra sinn.

Nichtsdestotrotz, och dat soen ech lech all Joer s hei, si mir gehalen, déi provisoiresch Schoulorganisatioun an d'Betounung läit wéi gesot op „provisoiresch“ hei am Gemengerot ze stëmmen. Ech ka mech also just op Chiffere baséieren déi provisoiresch sinn an ech maachen dofir och ëmmer de Verglach op déi leschte provisoiresch Schoulorganisatioun. An och dee Verglach maachen ech ganz kuerz, well wéi gesot sech nach munches kann änneren.

D'Unzuel vun de Schüler ass fir d'nächst Joer gesond an d'Luucht gaangen an zwar hate mir op de 24.6., Datum also wou déi provisoiresch Schoulorganisatioun arréiert ginn ass, 1201 Schüler a Schülerinnen ageschriwwen, wat eng Croissance vu 5% bedeit. Mir haten e bësselchen Angscht, datt mir wéinst der Crise sanitaire manner Aschreiwunge fir déi nächst Rentrée 20/21 hätten. Dat huet sech also net bestätegt, wat ee sécher och op déi flott Porte ouverte virtuelle zréck féiere kann déi dëst Joer a Form ebe vun engem interaktive Videospill stattfonnt huet. Generell loosse sech déi Chifferen awer sécherlech och duerch d'Attraktivitéit vun eiser Museksschoul erklären. Datt mir natierlech och eng regional Struktur sinn, dann natierlech och d'gesamt demografesch Entwécklung a natierlech och duerch eng verbessert Visibilitéit no bause, sief et och duerch d'sozial Medien déi an deene leschte Joeren och ëmmer méi vun eis als Museksschoul genotzt goufen, mee natierlech och vun de Biergerinnen a Bierger.

Eraushiewe kann een och an dësem Kontext villäicht eisen Departement Danse dee jo nach relativ nei ass,

dee geet elo a seng zweet Saison a wou mir op dëser Rentrée niewent der Danse classique och Danse contemporaine an Jazz Dance wäerten ubidden. Da kommen ech zum Modell, deen Dir als provisoiresch Organisatioun och ëmmer an Ärem Dossier virleien hutt an deen eise Sekretär och projezéiert. Deen ass eigentlech all Joer s nämlecht opgebaut. Et ass och wéi ëmmer keng exakt Wëssenschaft an dat kann och zu dem Zäitpunkt wou de Model erstallt gëtt net sinn, well wann et dat wier da kéinte mir eigentlech haut direkt schonn déi definitiv Schoulorganisatioun stëmmen.

Dat gesot bieden ech lech natierlech dës provisoiresch Schoulorganisatioun dann och ze stëmmen, well eigentlech kënne mir ganz houfreg sinn datt mir sou eng gutt funktionéierend, eng gutt organiséiert Museksschoul hunn an déi net nëmme vun eise Biergerinnen a Bierger mee och vun eise Partnergemengen appreciéiert gëtt an, wéi gesot, wa wéi ëmmer Detailfroen hei zou sinn, mir hate gëschter Owend iwwregens Museksschoulkommissioun wou mir och dat doten alles erkläert hunn a wou mir och de Bilan vum leschte Schouljoer an en Ausbléck op dat neit gemaach hunn, a fir Detailfroen ass eisen Direkter, de Bob Morhard, hei fir lech déi ze beäntweren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia fir d'Virstellung. Den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LENK): Merci Här Buegermeeschter. Kee Problem mat der provisoirescher Schoulorganisatioun an och keng Fro. Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéiere fir och dem Direkter vun der Museksschoul an allen Enseignantinnen a soss Leit déi do schaffen, Merci ze soe fir déi zousätzlech Efforten, déi si och gemaach hu während der COVID Epidemie an och fir d'Organisatioun vun der virtueller Porte ouverte, well soss wiere jo och keng zousätzlech Schüler bäikomm. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci och. Nach weider Stellungnahmen? Martine.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech wollt mech deem just uschléissen. Ech menge mir, och als LSAP, mee mir soen och selbstverständlech en härezeche Merci, well d'Museksschoul, dat ass wierklech zu enger Visitekaart gi vun eiser Gemeng an ech menge mir kënne alleguer houfreg dorop sinn. A wann een déi Zuele gesäit iwwert Joeren, wéi dat elo zou geholl huet, da kënnt dat net vu näischt. Also, ech mengen et hält nëmmen eppes zou wann et gutt funktionéiert a wou d'Leit sech gutt opgehewe spieren net nëmme wat elo dat Musikalescht ubelaangt, mee ech mengen och den Encadrement vun de Kanner. An och déi, zemoos déi läscht Zäit



elo, déi innovativ Approche, also ech mengen déi Kreativitéit déi elo op ee Mol komm ass mat neie Projeten a mat der neier Sparte déi agefouert ginn ass. An déi gëtt jo och elo ausgebaut, dat heescht dat schwätzt fir sech an ech mengen do kann ech d'Komplimenter vu Säfte vun der LSAP och nach eng Kéier weider ginn un de Bob Morhard an u seng ganz Ekip. Hie wäert dat gäre weider gi fir alleguer déi déi ni gesi ginn a ni ernimmt ginn. Mee ech menge mir sinn all houerfreg op eis Museksschoul. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Martine Bodry-Kohn. Da géng ech proposéieren, datt, wa näischt méi wier, mir zum Vote iwwerginn. Wien ass mat der provisoirescher Schoulorganisatioun sou wéi d'Claudia se lo proposéiert huet averstanen? **Dat ass unanime.** Ech soen lech villmools Merci. An ech soen och dem Bob Morhard Merci fir seng Präsenz hei an haaptsächlech d'Mercien och mat un d'ganz Léierpersonal.

6. APPROBATION VU CHANGE-MENTER AN DER ZESUMMENSETZUNG VUN DE BERODUNGSKOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir iwwer op deen nächste Punkt, dat sinn d'Change-menter an de Kommissiounen. Do sinn zwee Change-menter am Groupe de Travail Réforme PAG. Do ersetzt de Jos Thill den Yves Jadin an an der Commission scolaire ersetzt d'Lisa Wandivinit d'Tessy Erpelding als Observatrice. Voilà, ass de Gemengerot mat deene Changementen averstanen? **Och dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An da komme mir eriwier bei d'Personal.

7. PERSONAL

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Do komme mir op d'Kreatioun vun engem Poste Fonctionnaire communal 40 Stonnen d'Woch fir eisen Office social.

7.1. KREATIION VUN ENGEM GEMENGEFONCTIONNAIRESPOSTEN A2, ENNERGRUPP „EDUCATIF ET PSYCHOSOCIAL“ (OFFICE SOCIAL)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Dat souwuel als Responsabele vum Office social wéi och als Responsabele vum neie Service Logement. Ech mengen, dat ass jo keng Inconnue. datt mir dee Service wëllen opbauen. Et ass och schonn de René Manderscheid op dee Service agaangen. Mir proposéieren hei e Posten als Fonctionnaire communal ze kreéieren. Well mir e schonn ausgeschriwwen haten, dee Posten, zwee Mol, als Employé communal an déi Réckmeldung grad inexistent waren. An dofir hu mir och am Huis Clos Diskussiounen, hu mir en Appel à candidatures gemaach fir et méi opzemaachen an do ass eng Kandidatur era-komm a voilà. Dofir solle mir hei op de Wee goe fir e Fonctionnaire communal Posten ze maachen, vu datt et bei deenen zwou Ausschreiwungen net dat bruecht huet wat mir eis wierklech erwaart hunn. mee ech mengen, hei de Kolleg René Manderscheid, respektiv de Président vum Office social kënnen do nach ganz gären op déi Punkten hei agoe wann si wëlle well si jo nobäi schafen. Par Rapport zu der Kreatioun vum Poste schwätze mir elo, oder wann nach anerer wëllen eng Stellungnahme maachen... Voilà, ech hunn d'Erklärung elo hei gi firwat mir d'Création de poste maachen als Fonctionnaire communal.

ROMAIN ZUANG (LSAP):

Jo, wéi gesot, et war net evident. Mir hate jo am Ufank de Posten als Office ausgeschriwwen, well mir jo e Chargé de direction astelle wollten. Dunn ass awer d'Iddi komm vum Schefferot aus fir un de Posten vum Chargé och nach dee vum Responsablen vum neie Service Logement drun ze hängen. Et muss een och dozou soen dass de Chargé de Direction, net vum Familljeminstère matgedroen gëtt. Dat heescht et ass d'Gemeng souwéisou, déi integral fir d'Käschte fir de Posten muss opkommen, sou datt an der Annonce och dra stoung „La Ville de Dudelange cherche pour son Office social...“ an esou weider. Jo, wéi gesot, dat sinn d'Beweggrënn. Mir haten am Ufank e Profil ausgeschafft, dee villäicht vill Leit och net motivéiert hat fir drop ze reagéieren. Wéi gesot, an der zweeter Ausschreiwung hu mir schonn e bësselchen un de Schrauwe gedréint. Do hate mir schonn dat eent oder dat anert méi soft gemaacht, e bësselche méi liicht gemaacht. Dat heescht, am Ufank



hate mir 10 Joer Experience verlaangt, du di mer erof op 5 Joer gaangen.... Wéi gesot, mir sinn awer net viru komm. Mir hate keng eenzeg Kandidatur déi erakomm ass iwwert deem dote Wee. Elo beim drëtten Ulaaf, hu mir e Kandidat fonnt. Ech wëll och herno am huit clos nach e Wuert dozou soen....

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Dat ass herno am Huis Clos, mee hei ass elo einfach vum Prinzip hier, datt et ausgeschriwwen gouf als Employé communal a keng Kandidature komm sinn an dofir dann eben Appel à candidatures gemaach hunn an doropshin dann och reagéieren. Ass de Gemengerot mat dëser Kreatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir lech villmools Merci.

7.2. KREATIOUN VUN ENGEM GEMENGEN-EMPLOYÉSPOSTEN A2, ËNNERGRUPP „ÉDUCATIF ET PSYCHOSOCIAL“ (PROJET JUGEND A FAMILLE)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op de nächste Punkt eriwuer. Och hei d'Kreatioun vun engem Posten als Employé communal A2. Hoffe mir dat mir do méi Chance hu wa mir dee bis ausschreiwen. Dat ass da fir de Service Jeunesse et Famille. Do ginn ech dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Villmools Merci. Ech wëll just ganz kuerz e puer Wuert dozou soen. Ech mengen ech hat scho relativ vill gesot bei der Budgetdiskussioun, datt mir dee Service do wëlle schafen. Et ass en eemolege Projet, et ass fir d'éischt zu Lëtzebuerg datt sou e Poste geschaf gëtt. Also e Service geschaaft gëtt, entweder Jeunesse oder Famille, awer hei ass déi zwee kombinéiert. Bon, mir hunn en A2, wëlle mir kreéieren, dee 40 Stonne soll bei eis schaffen. Mir géifen dat ab dem 1. Oktober, mir sinn e bësselchen hannendra komm mam Zäitplang, wéi gesot, ech hat dee Projet scho virgestallt. Wann awer elo Froe wieren zu deem Posten, da géif ech lech déi gär beäntweren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo, Merci Här Buegermeeschter. Ech muss zwar e bësselchen do widderspreechen. Bei der Budgetdiskussioun war rieds gaangen, datt e Projet sollt gestart ginn, mee d'Detailer krute mir awer nach guer net, an dofir wier et awer villäicht ubruecht fir ze kucken, wéi dee Service Jeunesse et Famille sollt opgebaut ginn, wéi een Aufgabebereich en huet, soll et en iwwergeordnete Service sinn, deem alles wat mir hei an der Gemeng hunn, sief et de Service BabyPLUS, sief et eis Crèche, Maison Relais, Jugendhaus, Service local pour jeunes... Soll en déi vernetzen? Soll et do een eenzegen Usprichpartner ginn? Wat soll dee Service genau maachen? A soll dat och en Usprichpartner gi fir Elteren? Vun der Leit? An d'Fro ass och, wéi eng Formatioun erwaarde mir eis vun deemjéinegen, deem dee Posten hei soll besetzen? Wéi grouss soll dëse Service ginn? Ginn do nach aner Leit mat ageallt? Siche mir en Educa-

teur gradué, e Sozialpädagog, e Psycholog, en Assistant social? Wéi eng Formatioun solle mir hunn? Ech fannen et e bësselchen schuet, datt dëse Projet net am Detail virgestallt ginn ass, weder an der Jugendkommissioun nach an der Schoulkommissioun oder der Familljekommissioun.

Bon, et kann ee soen, et war COVID, mee et ass egal, déi Donnéeën, déi mir hunn, dat ass just déi Infoen aus der Press. Dat ass awer och net ganz explizit wat elo do ugeduecht ass. Mir wollten awer och d'Geleeënheet notzen, mir haten och d'lescht Joer, mengen ech, dee Poste vum Outreach kreéiert. Do wier et och flott wann een do emol eng Kéier e Bilan géing gemaach kréien, wat dee Projet och elo mécht, wéivill Jonker do kontaktéiert goufen an esou weider. Ech mengen, et hänkt jo awer ëmmer vill Geld drun, mat deene Posten, déi mir sou schafe a fir ze kucken e bësselchen wat do eraus kënnt. Voilà, mee virun allem wat genee dëse Service ubitt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci. Nach weider Froen éier d'Wuert zréck geet un d'Josiane?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Also, ech kann och elo ganz detailléiert dorop agoen. Ech hunn dat awer schonn an der Jugendkommissioun gemaacht. Et ass net esou wéi wann dat net an der Jugendkommissioun geschitt wier. Och den Outreach muss ech soen ass all Kéier an der Jugendkommissioun derbäi. Do kënnt Dir Är Froe stellen. Ech maachen dat all Kéier. Mä wéi gesot, ech kann lech awer ganz gären en detailléierte Rapport zoukomme loosse. Ech wëll awer elo einfach op dee Posten hei agoen. Ech mengen Dir hutt ganz vill Froe gestallt. Nëmmen an der Presse ass en net virgestallt ginn. Mir hunn e Konzept ausgeschafft dat och an der Jugendkommissioun presentéiert ginn ass. Wat soll deem heite maachen? Et ass firwat och Kanner a Jugend, ech menge mir wollten dat am Konzept och selwer steet et ganz kloer dran, mir wëllen hei keng Grenz zéien. Mir wëlle net soen, hei dat do ass elo nëmmen ee fir Jugend. Da muss een iergendwou d'Grenz zéien tëschent 12 a 25 an et ass ni esou kloer. Dat hei Konzept ass esou geschriwwen, datt sou wuel Kanner wéi och Jugendlecher kënne vun deem Service profitéieren. A virun allem ass et awer en enger éischter Phase, et ass e Projet pilote, ass et esou, datt emol déi Professionell vum Terrain sollen dovu profitéieren. Mir komme ganz oft an dat hu mir an deem Aarbechtsgrupp deem sech öfters getraff huet gesinn. All Service kënnt ëmmer e bësselchen op seng Limiten. Dat heescht du hues e Problem an da fänks de un ze sichen. Ech mengen och an der Maison Relais, si gi mat iergendwellech Problemer betraff an da fänke si vu vir un, dat all Kéier erëm zum Neien.

Dat heescht, et gëtt eigentlech bei eis zu Diddeleng an all deene Services déi mir hunn a mir hunn der immens vill, externer an interner, gëtt et eigentlech keng Persoun déi genee weess wat ze maachen ass wann e Problem optaucht. Jiddereen ass a sengem Dëppen awer et gëtt keen, deem eng global Iwwersiicht huet. A genau dat hei ass d'Iddi dovunner fir een ze hunn dee



weess, ah dat gëtt et hei zu Diddeleng. Wann et dat net zu Diddeleng gëtt, da musst de lech an d'Stad wënnen oder Dir musst lech iergendwou anescht... A wéi gesot, mir haten déi Partner wéi d'AJ, de Projet Ensemble, d'Uni war derbäi am Aarbechtsgrupp, alleguerten déi Leit vum Service Emploi waren derbäi. Déi waren an deem Aarbechtsgrupp an do hu mir wierklech ganz kloer festgestallt, datt hei keng Kommunikatioun besteet. Dat heescht, jidderee réiert a sengem Déppen a genau dat hei soll déi Persoun maachen. Wat stelle mir eis vir? Natierlech kann et e Gradué sinn, et kann en Assistant social sinn. Et soll virun Allem ee sinn, deen Erfahrung huet um Terrain, deen dat doten opbaut fir déi éischt zwee Joer an dann, an zwee Joer, wéi gesot, mir zéie Bilan dotëscht, an dann an der Tëschenzäit kann ee natierlech och de Familljen an de Kanner zur Verfügung stellen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane fir d'Erklärungen. Just zur Präzisioun well jo Postenausschreiwung A2. Ech mengen an deem dote Beräich sou wéi et och generell an der Fonction publique ass, dat kann ee jo och nokucke bei der Fonction publique, et ass jo dat selwecht fir och de Gemengesec-teur, wéi och de Sous-groupe éducatif et psycho-social. Dat sinn all déi, déi an deem Beräich kategoriséiert sinn an déi e Bachelor hunn. Do kënnen Verschiddener sech mellen. Do kann e Pédagogue curatif sech mellen, en Assistant social, en Educateur, e Sozialpädagog.. Also voilà, da gesi mir wie mir dann huele wann d'Leit sech bis gemellt hunn an d'Entretiene gemaach goufen. Voilà, da géng ech proposéieren, datt mir zum Vote iwwer-ginn. Wien ass mat der Kreatioun vun deem dote Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

7.3. CONVERSION VUN ZWEE GEMENGEM- PLOYÉSPOSTEN A2, ËNNERGRUPP „EDUCATIF ET PSYCHOSOCIAL“ A GEMENGEFONCTIONNAIRES- POSTEN A2, ËNNERGRUPP „EDUCATIF ET PSYCHOSOCIAL“ (SERVICE EDUCATION ET ACCUEIL)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da bleift d'Wuert beim Josiane. Hei ass d'Kreatioun vun zwee Posten Employés communaux A2 a Fonctionnaires communaux A2.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Voilà, dat doten ass einfach eng Ëmännerung vun engem Posten. Dir wäert herno am Huis Clos gesinn, datt déi zwee Leit déi mir astellen, wou mir de Poste mussen ëmwandelen a Fonctionnaires well si aus anere Gemenge kommen. Dofir musse mir dee Posten elo ëmwandelen. Et ass en A2, et sinn Educateuren, mee wéi gesot, et ass elo fir d'éischt d'Ëmwandlung an da komme mir am Huis Clos op d'Personal.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane fir d'Erklärungen. Froen dozou? Dat ass net de Fall. Wien ass mat där Conversion vun zwee Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do Merci.

8. FROEN UN DE BUEGERMEE- SCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

An da komme mir viraussichtlech op de leschte Punkt vun der Session publique, dat sinn d'Froen un de Schäf-ferot. Dat sinn der dräi.

Déi éischt war déi vum Här Martini an dann ass eng komm vun der Madame Heinen an der Madame Goergen. An dann ass eng komm vun der Madame Kayser. Voilà, déi vum Här Martini, do geet em d'Geschäftslokal, wou mir gelount hunn op Nummer 77 Avenue Grand-Duchesse Charlotte. An och eng Fro iwwert d'Geschäftsleit, respectiv iwwer d'Aide directe. Ech géng einfach emol mat där éischter Fro ufänken. D'Geschäftslokal op Nr 77, Rue Grande-Duchesse Charlotte, do seet den Här Martini, datt jo den 28. Januar de Gemengerot den Ac-cord unanime ginn huet, datt mir dat Geschäftslokal weider verlounen. Wat mir am Abréll decidéiert hunn, fir der Sociéité Küb et weider ze verlounen nodeems mir jo effektiv e Contrat de bail hate mam Proprietaire an datt d'Société dofir suerge soll, datt hei e Concept Store soll funktionéieren, respectiv Sous-locatioun soll gemaach ginn un aner Kënschtler, respectiv kreativ Leit fir inno-vativ an interessant Produiten zu Diddeleng ze verkafen. E seet, datt dat jo dann och d'Iddi vum Concept Store och am Contrat de bail steet an datt mir natierlech och do Kontakt hu mat de Sous-locatairen. Datt mir jo och gesot hunn, datt bis datt si effektiv do ufänken, mir jo och hinnen de Loyer noloossen an dann effektiv ab deem Moment fakturéiere wann si bis do installéiert sinn an dann effektiv sinn si jo eréischt säit September do, wou si am Fong lassgeluecht hunn. An deem Kontext seet den Här Martini, datt d'Société Küb hire Kontrakt net agehalen huet, respectiv dogéint verstouss huet, well si am Summer 2019 effektiv Glacëvendeusen installéiert huet an do eng direkte Konkurrenz ass zur Gelateria op der Plaz Am Duerf. Da freet en do de Schäfferot wat dee gemaach huet fir des Mëssstänn z'ënnerbannen. Vu datt also e lokale Büro ageriicht gouf, ass dee Büro vun der Sociéité Küb. Wat mir do gemaach hu fir déi Bürosaktivi-téit z'ënnerbannen? An effektiv freet en dann och an en-gem drëtten Tret, datt och d'Société Küb geschriwwen huet, datt si zou och ass no der COVID Kris. Ob mir de Bedreiwier kontaktéiert hätten, wat d'Ouverture vum Lokal ugeet a wéi d'Äntwert vum Küb war, respectiv



wéivill Méint d'Gemeng op de Loyer verzicht huet an ob bei enger véierter Approche par Rapport zu der Locatioun a par Rapport zu der Ouverture, ob de Schäfte-rot wëlles huet, hei d'Kënnegung auszeschwätze vis-à-vis vum Concept Store Kùb, respektiv wéi d'Zukunft vum Concept Store Kùb ass. Ech hätt domadder d'Fro resüméiert, déi Dir hei gestallt hutt. Ech géif dann effektiv op déi verschidde Punkten hei kloer agoen.

Par Rapport zum éischte Volet. Also ech mengen, dee Pop-up Store vun deem Glacéverkauf no Récksprouch mam Schäfte-rot gemaach gouf während de Renovierungsarbeiten, well et fir eis wichteg war an och fir si eppes Flottes do unzibidden an, mengen ech, well et sécherlech net gutt gewiescht wier wann dat Lokal nach weider eidel stoe gelooss gi wier. Et ass also eppes gemaach gi fir dësem Bild entgéintzewierken. Elo verstinn ech hei eraus, datt d'CSV léiwer gehat hätt, de Concept Store wier eidel während där Zäit wou Aarbechte gemaach ginn. Ech mengen, op dee Wee si mir net gaangen, e Pop-up Store dodra gemaach ginn. An et kann een awer och net, sou wéi Dir dat hei an Ärer Fro hutt, mat enger classescher Restauratioun vergläichen, well hei ass am Fong net gekacht ginn, et war keng Kichen. Ech mengen, dat sinn d'Definitioune vun der Restauratioun. Hei war wierklech ganz kloer d'Approche d'Geschäft net eidel ze loossen, mee d'Vitrin ze besetzen, respektiv zäitweis opzeloossen. Dat, mengen ech, och nach mat engem héichwäertege Produit. Bei Ärer Fro hutt Dir och gemengt, datt eng Konkurrenz wier par Rapport zu der Gelateria, déi sech op der Plaz Am Duerf niddergelooss huet. Bon, wann een deem Prinzip noheet, dann dierfe mir hei zu Diddeleng och just ee Metzler hunn, ee Bäcker an ee Commerçant vun all Spart. Normalerweis weess ech awer nach ëmmer wa Verschiddener sech installéieren, datt dee Credo „Konkurrenz beliebt d'Geschäft“ awer nach ëmmer déi Approche ass, wou och am meeschten Ëmsatz kënne gemaach ginn. Ech mengen och op alle Fall dat kommerziellt Verständnes dat ee kann hunn an ech mengen och, dat betrëfft Diddeleng.

Dann, par Rapport zum Contrat de bail. Bon, de Kùb S.à.r.l., dat ass de Concept Store. Déi hunn och do hire Sëtz, déi sëtzen do an hunn hire Büro a verwalten och natierlech de Concept Store, sou wéi si och d'Sous-locatioun maachen u weider kreativ Leit an eben halt dee Buttek hunn, mat Lëtzebuerger Designer an och Kënschtler zesumme schaffen, déi och do hir Saache kënne verkafen an dat eben halt vun Ufank un. Dann zu deem Volet well et zou ass. Bon, et muss ee soen, datt och de Kùb ënner der Kris gelidden huet, wéi natierlech och déi aner Geschäfte, datt si am Kontakt si mat der Gemeng par Rapport zu der Situatioun an där si elo sinn, datt si och an Zesummenaarbecht mam City Manager amgang sinn ze kucken. Et muss een och soen, datt de Concept Store Kùb e Projet hat, dee leider an d'Waasser gefall ass, well et dorëms gaangen ass, nach weider mat Lëtzebuerger Produiten an och nohaltege Conventiounen effektiv do en neien a flotte Boost ze ginn, mee datt do ee Concernéierte sech zréckgezunn huet halt duerch d'COVID-Kris, well dee selwer do drënner gelidden huet, sou datt deen dote Projet och leider näischt

ginn ass, mee weider dru geschafft gëtt fir Kreativer ze sollicitéieren, effektiv am Concept Store do weider kënnen ausstellen.

Also, et gëtt mat Héichdruck dru geschafft, datt si esou séier wéi méiglech och kënnen opmaachen. Ech wollt awer och nach eng Kéier hei ervirsträichen, datt et awer och grad de Kùb S.à.r.l. war, dee während der COVID-Kris fir näischt, gratis, benevol d'Plattform Mäin Diddeleng opgesat huet mat allem drum und dran an Zesummenaarbecht mam Geschäftsverband, mee déi déi Zäit do genotzt hunn, wou si keng Rentrée financière hate fir, wéi gesot, gratis, benevoll déi dote Solidaritéitsplattform an d'Liewen ze ruffen an, mengen ech, ganz maassgeblech dru bedeelegt waren, datt si effektiv konnt opgebaut ginn. Ech mengen, datt dat eng kloer Plus-value ass vum Concept Store, respektiv vum Kùb vis-à-vis vun der Diddelenger Geschäftswelt. Dat ass natierlech net un d'héich Klack gehaange ginn, mee si ware maassgeblech op alle Fall do bedeelegt. Ech wollt awer och soen, datt si de Moment och amgang sinn, bon dat gesäit ee jo, datt si eng Rei Objeten hunn, Kleeder, Poschen, Schmuck, datt si probéieren, effektiv deen dote Volet auszebaue mat Lëtzebuerger Kënschtler an Designer, déi och eng gewëssen Ouverture an eng gewësse Vitrine, wéi gesot, brauchen.

Natierlech sinn dat heite Konzepte, déi och getest ginn. Et gëtt si réischt säit September also ass et och elo fir de Kùb S.à.r.l. méi schwéier wéi fir een, dee scho 10, 15 oder 20 Joer an Diddeleng etabléiert ass oder generell als Commerce etabléiert ass. mee si testen natierlech och verschidde Projeten a kucke, wéi déi Uklang hunn, respektiv dann adaptéieren se sech en fonction vun der Nofro, respektiv wéi dann d'Reaktiounen eben halt si vun deene Leit, déi dohinner ginn. D'Gemeng huet bei hinnen net méi wéi bei och aneren op de Loyer verzicht, wéi gesot, dat während dem Abrëll, Mee a Juni, sou wéi mir et och bei deenen anere Lokaler gemaach hunn. Do hu mir am Fong keng Ausnam gemaach par Rapport zum Kùb fir och kohärent ze bleiwen.

Dann, par Rapport zu der Demande ob mir hinne wëlte Kënnegung ausschwätzen, misst ech am Fong d'Fro ëmgedrënt stellen: Wëll d'CSV, datt mir hinne kënnen? Well dat loosst Dir am Raum stoen tëschent den Zeilen. Wann dat de Fall ass, da wier et awer net schlecht, dat ze wëssen. Mir wäerten op alle Fall als Gemeng dat net maachen, well et grad a schlechten Zäiten, wéi mir elo hunn, a schwéieren Zäiten, woubäi dës Kris jo nach net eriwwer ass, net dee richtege Message ass. Et ass de Message a schwéieren Zäiten, dem Commerce ze hëllefen an hinnen net Steng an de Wee ze leeën, fir et emol hei ganz kloer, fein, auszedrëcken. Ech muss lech ganz éierlech soen, datt ech dat heiten e bësselchen awer och e schlechte Stil vun der Oppositionspolitik fannen, well et geet hei dorëms, Leit ze hëllefen, net se dozou ze drëcken, datt si hir Diere solle ganz zoumaachen, respektiv da kucken, datt si op enger anerer Plaz eens ginn. An ech soen dat hei ganz bewusst, wëll awer och op de soziale Medie vis-à-vis vum Kùb S.à.r.l. awer, wéi een am angelsächsesche Raum seet, e regelrechten Name, Blame and Shame



gemaach gouf an ech fannen, datt dat awer vis-à-vis vu jonke Geschäftsleit, vis-à-vis vu Kreative ganz schuet ass, datt een iwwer deen dote Wee net Jonker, déi sech lancéieren, soll ukräiden an et muss een awer och soen, datt dat awer vis-à-vis vun der Diddelenger Geschäftswelt inédit ass. Et ass e bësselchen eng Première, e bësselchen e „Jamais-vu“ an, bon, et schéngt dann, datt d'Diddelenger Geschäftsleit sech waarm mussen undoen, wann een e bësselche liest wat op de soziale Medie geschriwwen gouf.

Am Fong wollt ech et net soen, mee wat awer nach ganz grouse Kino ass, virun net méi wéi zwee Deeg huet dann e bekennenden CSV-Member, deen och e puer Mol Kandidat war hei zu Diddeleng an de Gemengewalen, dem Kùb e Mail gemaach huet fir ze froen ob een hinne kann hëllefen. Also, als éischt een, deen hallef um Buedem ass, als éischt trëppele mir Mol gutt op deen an da reeche mir him d'Hand fir him ze hëllefen? Fir dann als Retter do ze stoen. Ech fannen, datt dat awer wierklech de Summum ass, ech mengen esou verfiert een awer net mat Geschäftsleit. Also, wéi gesot, et ass net op alle Fall déi Art a Weis fir ze verfueren an ech verstinn och, datt de Kùb déi doten Hëllef dankend ofgelehnt huet. Dat awer par Rapport zu deem doten Deel. Eis geet et wierklech hei drëm, déi Leit ze ënnerstëtzen. Eise City-Manager ass drun. Si hunn sech och nach Hëllef komme gelooss vun anere Leit, déi an der Konfektioon an am Design och schaffen. Voilà, dëst zum Volet wat de Kùb ugeet. Ech mengen, ech hätt do op all Froe geäntwert a wéi gesot, mir hu jo kloer hei eraushéieren, datt net einfach eis Intention ass, hinnen de Contrat de bail ze kënnegen, mee éischter hinnen ze hëllefen.

Dann ass deen zweete Volet, wat d'Kompensationen ugeet fir d'Diddelenger Geschäftsleit. Mir si jo virdru schonn awer deelweis op Är Froen agaangen. Hei war jo d'Fro, sollen et Aides directes sinn oder éischter Aides indirectes. Ech mengen, datt sech Är Fro u sech eriwweregt vun der Diskussioun, déi mir virdrun hate mam Reglement, respektiv awer och mam Montant, dee mir gestëmmt hunn, sou datt mir éischter hei jo an eng Richtung gaange si vun indirekt Hëllef iwwert déi Bongen, déi mir de Geschäftsleit wëllen zoukomme loosse. Dat ass, mengen ech, mat der ganzer Argumentation, déi mir ginn hunn, dofir erlaabt mir, net méi am Detail op déi Fro anzegoen, well mir virdrun d'Geleeënheet hate, wierklech dodriwwer en long et en large ze diskutéieren. Voilà, dat zu där dote Fro. Da ginn ech d'Wuert weider un de René Manderscheid, well do ass dann d'Fro vun deene Gréngen.

RENÉ MANDERSCHIED (SCHÄFFEN - LSAP):

Merci Här Buergermeeschter. Déi Gréng hu mir dann zwou Froe gestallt. Déi éischt ass, am Gemengesyndikat STEP hat am Mäerz en neit Reglement agetrueden. Verschidde Bestëmmungen hu geännert zum Offall, deen een därer am Recyclingszenter an der Beetebuerger Strooss ofginn. Wéi a wéini sinn déi nei Consignes de Biergerinnen a Bierger vun Diddeleng gezielt ginn? Fir d'éischt wëll ech soen, datt et keen neit Reglement ass, ech géif dat mat „Jein“ soen. Nämlech d'Recyclingszentren hunn am Moment funktionéiert op engem Regle-

ment grand-ducal vum Dezember 1993, dat nennt sech „Nature des déchets acceptés“ an op d'Gesetz vum Mäerz 2012 „Déchets encombrants“, dat waren déi zwee Kaderen, wou d'Recyclingszentere funktionéiert hunn. Wa mir soen neit Reglement, do hu mir just dat doten, dee Kader hu mer geholl a mir hu just e puer intern Saachen ajustéiert. Dat heescht, ënner anerem hu mir dra geschriwwen Mesuren, wéi mir Leit kënnen refuséieren um Park, respektiv wou mir kënnen Kaarte spären. Dat sinn alles Saachen, déi sinn derbäi komm an dat Reglement.

Firwat hu mir dat gemaach? Well mir ëmmer méi feststellen, datt an de Recyclingszentre Leit mat anere Kaarte vun anere Gemenge kommen, komme mat Saachen, déi net a Recyclingszone gehéieren an dofir wollt mir eis déi Fräiheet loosse mat deem Reglement, fir och kënnen eppes ze refuséieren. Fir präzis awer op d'Fro ze äntwerten, wéi sinn dann d'Leit doriwwer informéiert ginn? Ma éischters hu mir dat direkt wéi et de 4. Mäerz am Komitee unanime votéiert ginn ass, op den Internetsite gesat vum STEP selwer. Mir hunn d'Gemengen ugeschriwwen, datt si dat och sollen op hire Site setzen a mir hu vum éischte Dag un, wéi d'Leit op de Park komm si plus/minus 5000 Flyeren ausgedeelt, wou d'Leit driwwer informéiert ginn, wéi an Zukunft d'Spillreegele sinn an d'nächst Woch e Mëttwoch hu mir Komiteessëtzung vum STEP, wou mir dann eise Flyer, eis kleng Brochure oder eist Faltblatt, mir kënnen et nenne wéi mir wëllen, ofseenen, wou mir dann am September bei der Rentrée en Toutes boîtes maache bei all deene fënnef Gemengen, wou d'Leit dat dann och nach eng Kéier matgedeelt kréien. Ech wëll awer soen an ech weess ëm wat et hei geet, mir sinn um STEP, am Recyclingzenter effektiv e bësselche méi streng ginn, well eben dee Kader, dee mir hunn esou ass wéi en ass. An net méi spéit wéi d'lescht Woch hu mir dann de Courrier kritt, datt eng Sitzung geplangt ass am Juli vum Ëmweltministère an do geet et dann ëm e Workshop technique fir eng Revisioun vum Règlement grand-ducal vun 1993 ze maachen. Si hunn eng nei Strategie an dat wëll heeschen Null Offall, a wéi schreiwen si esou schéin, et ass ganz wichteg „de revoir la réglementation entière des centres de recyclage et de l'adapter aux exigences actuelles“. Dat heescht, d'Schrauwe ginn awer nach eng Kéier e bësselche méi streng gedréint. Dat heescht, et geet dorëms, datt net méi all Mënsch mat sengem Müll op de Recyclingzenter kënnt. Dat muss ee wëssen, et komme ganz vill Leit well si wëlle Sue spueren, déi komme mat hirer groer Tonn, si komme mat Saachen, Styropor und und und, déi mir och selwer net kënnen recycléieren, respektiv musse mir se ofginn un den Hein, de Lamesch, dat kascht dann eis als STEP vill Geld an, wéi gesot, dat gëtt an Zukunft direkt op de Klient ofgewälzt wann dat do alles fäerdeg ass.

Déi zweet Fro, wou Dir mir stellt, am Kader vun engem Pilotprojet stellt d'Klimabündnis Lëtzebuerg kommunal Administratiounen elektresch Cargovéloen zur Verfügung, déi si dräi Woche laang teste kënnen. Domadder kënnen d'Leit vun de Gemengeservicer och mat Laaschten an der Gemeng zirkuléieren ouni CO2 ze produzéieren. Mécht d'Gemeng Diddeleng bei dësem Projet



mat? Do kann ech kuerz a knapp soen, Jo, d'Gemeng mécht do mat. Mir maache vum 15. bis de 7. Oktober mat bei deem Projet a mir kréie vun deenen dräi Modeller, déi si hunn, all Kéier ee Modell geléint an da kucke mir wat dat gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem René Manderscheid. Da kommen ech op déi lescht Fro. Dat ass déi vun der Madame Kayser par Rapport...

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Do ass nach eng Fro vum Bus. D'Monique Heinen huet esou vill Froe gestallt, datt déi lescht scho vergiess gëtt. Déi Gréng hu gefrot, wéi dann d'Busoffer bei der Gemeng déi lescht Joeren zougehooll huet. Ob mir wëlles hunn, e Bushaischen ze erweideren, well et heiansdo knapps do géng gi mat der Plaz. Do ass d'Äntwert eigentlech och ganz kuerz: Jo. Mir hunn do och esouguer schonn zwee neier bestallt. Allerdéngs hunn déi e bësselche Verspéidung. Ech brauch lech net nach eng Kéier ze soe firwat se Verspéidung hunn. Si hunn eis awer versprochen, si géifen am Hierscht geliwwert ginn a mir wäerten dann och dofir suerge fir se esou séier wéi méiglech op der Plaz opzeriichte fir datt d'Leit dann och kënne propper ënner Dag stoen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da kann ech elo op déi Fro vun der Madame Kayser eriwuer goen, wat d'Diddelenger Spidol ugeet, wou si schreift, datt si erstaunt ass, datt ab dem 29. Juni. hei zu Diddeleng d'Polyklinik opgaang ass mat Ausnam vun der Urgence. Bon, et ass effektiv do esou, datt een op Rendez-vous muss goen an en 100% COVID-fräit Ëmfeld net garantéiert ass an datt dat net novollzéibar wier. Si freet also: Wien huet dës nëmme partiell Ouverture vun der Polyklinik decidéiert? Wéini ass d'Öffnung vun der Urgence geplangt? A wéi ass et mat der Diddelenger Garantie fir d'Grondversuergung kënne um Territoire ze garantéieren? Wéi ass et mam Ëmbau/Neibau vum Diddelenger Spidol, respektiv dann éischter der Polyklinik? Schéi wier et wa mir e ganz Spidol hätten. An dann effektiv, wéi ass et mam Centre médical de proximité, eventuell op Koibestraachen oder op NeiSchmelz. Also, et ass richteg... d'Situatioun ass, datt an all de Spideeler jo COVID-Patiente kënne sinn an där Situatioun, wou mir sinn. Et ass esou, datt d'Ouverture vum Diddelenger Site vun der Direktioun decidéiert ginn ass mat der Cellule de crise vum CHEM. Bon, dat och a Concertatioun mam Gesondheitsministère an eng Ouverture non-programmée, wann een et esou wëll nennen, hei zu Diddeleng, déi ass net geplangt, well de Ministère jo virschreift, datt ee fir d'Urgencen a Spideeler en Double flux muss hunn, engersäits rout a gréng.

Bon, dat ass de Moment zu Esch garantéiert, mee dat ass am Fong problematesch net nëmme hei zu Diddeleng, m och zu Nidderkuer. Dat heescht, am Moment kréie mir hei zu Diddeleng deen duebele Flux net age-riicht, och weinst den Infrastrukturen. Mir hunn dräi Entréeën, wéi gesot, déi Haaptentrée, mir hunn eng bei der Bäckerei an eng fir d'Logistik. Also, et gëtt schwie-
reg, dat de Moment ëmzesetzen an do kann een also keng Separatioun deementspriedend och maache vun

de Fluxen. Et sinn natierlech och déi néideg Ressourcen, déi een deementspriedend brauch, de Moment awer alles zu Esch méi konzentréiert och ass.

Et ass esou, datt do natierlech dru geplangt gëtt. Et hängt natierlech och alles vun der Situatioun of wéi et sech weider entwéckelt. De Moment hu mir jo awer Zuele virleien, déi net ganz encourageant sinn, sou datt et de Moment eng Ouverture programmée ass, compte tenu ebe vun deene Sécherheitsmesuren a sanitäre Mesuren, déi musse geholl ginn. Natierlech ass d'medezinesch Versuergung garantéiert, engersäits steet dat jo am Accord de fusion an awer och am Koalitionsaccord an ech mengen, dat ass och absolut guer net a Fro gestallt. Och säitens vum Gesondheitsministère, ech mengen dat ass ganz kloer de Prinzip. Dee Projet mam ALA, deen ass amgaangen. Dat war elo e bësselchen am Stand-by duerch déi ganz Prioritéiten, déi awer elo och ware ronderëm d'COVID-Kris.

An natierlech hu mir och déi Optioun NeiSchmelz. Mir hu virdrun nach driwwer geschwat, och déi Optioun besteet nach ëmmer. Mir hu jo d'Méiglechkeet, eng Polyklinik och do kënne opzeriichten. Ech mengen, sou datt hei am Fong e puer Piste méiglech sinn, sou datt mir eis näischt verspären oder fir wéi eng mir eis herno decidéieren, kann ee jo nach ëmmer kucken, mee d'Méiglechkeete bestinn, entweder op bestehende Sitten, Projet ALA mat der Polyklinik oder Polyklinik op NeiSchmelz. Hei ass et einfach, datt mir an der Situatioun sinn, datt d'Méiglechkeete bestinn an dat ass am Kader vun den Diskussiounen also ze kucken, wéi ee Projet do am beschten ass, mee d'Possibilitäte si wéi gesot do. Ech mengen, domat hätt ech och op Är Froen iwwer deen dote Wee geäntwert. Jo, den Här Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (SCHÄFFEN - LSAP):

Et ass nach ëmmer d'Klärungsanlag d'Haapt-Aktivitéit vum STEP. Vu datt do relativ vill a Bewegung ass, och bei de Recyclingszentren, mee virun allem op der Klärungsanlag, Ausbau véiert Stuf an och déi ganz Kanalisatioun, vu datt do ganz vill Bewegung kënnt wat och mat vill Suen ze dinn huet, huet eis Direktioun vum STEP, déi war elo an déi fënnef Schäfferéit a mir hunn och wëlles gehat, als Schäfferot hu mir gesot, datt mir d'Direktioun vum STEP dann an den informelle Gemengerot géngen aluede mat der Ëmweltkommissioun wou mir dann alles vun A-Z erkläert an duergeluecht kréien. Dat wollt ech lech nach soen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Här Martini, jo. Dir dierft nach eng Zousazfro stellen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Meng Zousazfro dat ass déi, well am Artikel 2 steet, do misst e Concept Store dra sinn. De Concept Store misst jo normalerweis op sinn an hei steet jo néierens dran, datt solle Büroen dra kommen. Do ass meng Fro déi heiten: Wéini mussen si dann elo definitiv opmaachen? A firwat sinn hannen déi Büroen, déi wou dra sinn? Eng Agence de publicité, dat steet néierens am Contrat de bail dran, datt mir dat sollen drasetzen. Dat ass fir mech e Rätsel. Mir



hunn dat ugelount fir datt mir sollen d'Geschäftswelt do animéieren, fir datt soll Liewen an der Stad sinn, fir datt soll e Geschäft do sinn, wou ee kann eragoen an dat Geschäft ass zou, mee hannen an de Büroen do gëtt geschafft. An op déi Fro krut ech keng Äntwert. Ech verstinn dat net. Ech ënnerstëtze jo och ganz gäre Künstler, et huet näischt domat ze dinn, datt ech déi net wëll ënnerstëtzen, och jonk Artisten. Ech hunn och selwer an deem Geschäft schonn eppes kaf. Et ass zou mee hannen am Büro gëtt geschafft. Ech verstinn dat net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Majo, an deem Büro do sëtzt d'KüB S.à.r.l., wéi ech virdru gesot hunn, iwwer déi leeft de Contrat de bail. Déi hunn do hire Büro a schaffen do an exploitéieren och de Concept Store. Dat war vun Ufank u bekannt, och an Diskussiounen, déi mir hei am Gemengerot awer ganz kloer haten an do sinn och Kreativer. An effektiv, am Concept Store sinn Designobjeten, respektiv och manner Designobjeten vu Lëtzebuerger Designer an et gëtt mat hinnen elo dru geschafft fir datt si kënnen opmaachen, well eng Rei Projeten, déi si haten, do sinn eng Rei Leit, déi a Projete sollte mat eraklammen, déi sinn ewech gefall. Dat ass d'Realitéit. Dat hunn ech virdru gesot. Duerch d'Kris, de City Manager ass mat hinnen am Kontakt, am Dialog. Ech mengen, et wier och heiansdo wichteg gewiescht mat de jonke Leit am Dialog ze sinn. Dat hu mir gemaach als Gemeng. Dofir hu mir d'City Manager. Deen ass mat hinnen am Dialog fir ze kucke fir esou séier wéi méiglech kënnen opzemaachen.

Séance à huis clos





MARCHE CULINAIRE KULINARISCHE WANDERUNG

DIMANCHE / SONNTAG 11.10.2020

Découvrez Dudelange et ses alentours tout en dégustant de bons plats. Notre marche culinaire se déroulera le dimanche 11 octobre 2020 sur 6 étapes.

La marche culinaire se déroulera en respectant les recommandations et restrictions COVID-19 en vigueur en date du 11 octobre 2020.

Départs: entre 10h00 et 11h00.

Prix: Adultes 50€ / 6-12 ans 20€ / -6 ans gratuit

INSCRIPTION JUSQU'AU 05.10.2020:

Francine Zigliana, chargée de mission
à la prévention de la santé, Tél. 51 61 21-576
francine.zigliana@dudelange.lu

En collaboration avec: Rancho Folclórico Juventude Portuguesa de Dudelange & Pâtisserie Hoffmann.

Entdecken Sie Düdelingen und seine Umgebung. Geniessen Sie ausserdem köstliche Gerichte auf 6 Etappen unserer kulinarischen Wanderung am Sonntag, dem 11. Oktober 2020.

Die kulinarische Wanderung findet statt, gemäß der bestehenden COVID-19 Empfehlungen und Einschränkungen am 11. Oktober 2020.

Start: zwischen 10:00 und 11:00.

Preis: Erwachsene 50€ / 6-12 Jahre 20€ / unter 6 Jahren kostenlos.

ANMELDUNG BIS ZUM 05.10.2020:

Francine Zigliana, Gesundheitsbeauftragte
Tel. 51 61 21-576
francine.zigliana@dudelange.lu

In Zusammenarbeit mit: Rancho Folclórico Juventude Portuguesa de Dudelange & Pâtisserie Hoffmann.

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkolegium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister
Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen



BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1 /// ville@dudelange.lu

site web: www.dudelange.lu /// blog: www.ondiraitlesud.lu

 /villededudelange  @villededudelange



 /gesondiddideleng